DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

01 /// 2017

# GEMENGENINFO

## RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 03.02.2017








EDITEUR: ADMINISTRATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Réunion du conseil communal du 03 février 2016 **05**

Gemengerotssëtzung vum 03 Februar 2016 **09**

**Séance publique:**

1. Correspondance; **09**

2. Approbation du tableau de préséance du conseil communal; **09**

3. Circulation: **10**

3.1. confirmation d'un règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'organisation du grand marché en 2017 (place de l'Hôtel de Ville et rue Jean Jaurès);
3.2. confirmation d'un règlement temporaire de la circulation à l'occasion de l'organisation du grand marché en 2017 pendant la durée des travaux de voirie à l'avenue Grande-Duchesse Charlotte (arrêt autobus rue Karl Marx);
3.3. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de la «Bierenger Kiermes»;
3.4. approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses en 2017;

4. Finances communales: **10**

4.1. approbation de l'acte notarié de cession gratuite de terrains avec la société Wickler Frères s.à r.l.;
4.2. approbation de l'acte notarié de vente avec dation en paiement avec la société RID Réalisations Immobilières Dudelange S.A. (cession de 111 emplacements de parking au parking souterrain «Am Duerf»);

4.3. approbation du contrat d'exploitation au sujet de parking souterrain «Am Duerf»;
4.4. approbation des modifications à apporter au chapitre XXIII du règlement-taxe général - stationnement et parcage payant (parking souterrain «Am Duerf»);
4.5. approbation des modifications à apporter au chapitre XIV: gaz - du règlement-taxe général - tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel;
4.6. approbation de la convention de délégation de mission par l'autorité de gestion FEDER dans le cadre du programme «Investissement pour la croissance et l'emploi 2014-2020»;

4.7. Approbation de devis estimatifs:
4.7.1. pose d'une conduite d'eau dans le cadre du PAP dans la rue Dominique Lang pour un montant de 18'000,- €;
4.7.2. pose d'une conduite de gaz dans le cadre du PAP dans la rue Dominique Lang pour un mtant de 14'000,- €;
4.7.3. pose d'une conduite d'eau dans la rue Lucien Wercollier pour un montant de 15'000,- €;
4.7.4. pose d'une conduite de gaz dans la rue Lucien Wercollier pour un montant de 12'000,- €;
4.7.5. pose d'une conduite d'eau dans le cadre du PAP LIDL pour un montant de 40'000,- €;
4.7.6. pose d'une conduite de gaz dans le cadre du PAP LIDL pour un montant de 35'000,- €;
4.7.7. mise à disposition d'équipes externes de poseurs pour conduites d'eau pour un montant de 120'000,- €;
4.7.8. mise à disposition d'équipes externes de poseurs pour conduites de gaz pour un montant de 120'000,- €;
4.7.9. réalisation d'une installation photovoltaïque à l'école Gaffelt pour un montant de 80'000,- €;
4.7.10. installation de stores protection soleil à l'école Lenkeschléi pour un montant de 6'500,- €;

4.7.11. mise en sécurité du 1er étage et des combles de l'école Strutzbierg B pour un montant de 45'000,- €;
4.7.12. renouvellement de la station à gaz à côté du Centre sportif René Hartmann pour un montant de 150'000,- €;
4.7.13. réaménagement des bureaux du département financier à l'Hôtel de Ville pour un montant de 25'000,- €;
4.7.14. réaménagement du secrétariat technique à l'Hôtel de Ville pour un montant de 13'500,- €;
4.7.15. mise en conformité du Foyer Nuddelsfabrik pour un montant de 17'000,- €;
4.7.16. mise en conformité du compartimentage de l'escalier principal au Centre de Santé Scolaire pour un montant de 28'000,- €;
4.7.17. aménagement d'une salle de répétition au kiosque Parc Le'h pour un montant de 25'000,- €;
4.7.18. reproduction d'un monument en zinc sur la toiture au musée municipal pour un montant de 32'000,- €;
4.7.19. remplacement de la toiture au boulodrome pour un montant de 50'000,- €;
4.7.20. élaboration d'un quality book pour un montant de 20'000,- €;

4.8. subsides extraordinaires à attribuer;

5. Commissions consultatives - modification de la composition de différentes commissions consultatives; **32**

6. Syndicats de communes: **32**

6.1. Pro-Sud - «Leitbild des Südens» - présentation et discussion;
6.2. SICONA - approbation des statuts modifiés;
6.3. Nomination de délégués au sein de différents syndicats de communes;

7. Point mis à l'ordre du jour par le conseiller Monsieur Jos Thill en application des dispositions de l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988: **44**
«Lettre ouverte concernant le stationnement des camionnettes sur le territoire de la ville de Dudelange»;

8. Questions au collège des bourgmestre et échevins; **53**

9. Personnel: **55**

9.1. approbation de l'accord salarial en vue du renouvellement de la convention collective des salariés des communes du sud, signé en date du 16 janvier 2017;
9.2. création d'un poste de salarié à tâche complète et à durée indéterminée dans la carrière du chauffeur pour les besoins du département technique - service incendie (centre d'intervention);
9.3. création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète dans la carrière de l'ingénieur-diplômé pour les besoins du département technique - service gestion et maintien du patrimoine;

**Séance à huis clos:**

10. Personnel:

10.1. démission à accorder sur sa demande à un employé communal du département administratif - service de l'éducation et d'accueil pour enfants;
10.2. démission à accorder sur sa demande à une employée communale du département administratif - service de l'éducation et d'accueil pour enfants;

10.3. engagement d'un employé communal dans la carrière de l'aide-éducateur avec une tâche variable de 20-30 heures par semaine et à durée indéterminée à partir du 1er mars 2017 pour les besoins du département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants;
10.4. engagement d'un employé communal dans la carrière de l'aide éducateur avec une tâche variable de 17-25 heures par semaine et à durée indéterminée à partir du 1er mars 2017 pour les besoins du département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants;
10.5. engagement, avec réduction de stage d'une année, d'un employé communal dans la carrière de l'aide éducateur avec une tâche variable de 20-30 heures par semaine et à durée indéterminée à partir du 1er mars 2017 pour les besoins du département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants;
10.6. engagement, avec réduction de stage d'une année, d'un employé communal dans la carrière de l'aide éducateur avec une tâche variable de 18-20 heures par semaine et à durée indéterminée à partir du 1er mars 2017 pour les besoins du département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants;
10.7. engagement, avec réduction de stage d'une année, d'un employé communal dans la carrière de l'aide éducateur avec une tâche variable de 20-30 heures par semaine et à durée indéterminée à partir du 1er mars 2017 pour les besoins du département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants;
10.8. augmentation de la tâche variable hebdomadaire de 20-30 à 30-35 heures par semaine d'une employée communale de la carrière de l'aide-éducateur au département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants à partir du 15 février 2017;
10.9. augmentation de la tâche variable hebdomadaire de 10-20 à 20-30 heures par semaine d'une employée communale de la carrière de l'aide-éducateur au département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants à partir du 15 février 2017;
10.10. augmentation de la tâche variable hebdomadaire de 10-20 à 15-25 heures par semaine d'une employée communale de la carrière de l'aide-éducateur au département administratif - service d'éducation et d'accueil pour enfants à partir du 15 février 2017;
10.11. allocation des attributions de garde-champêtre et de la prime d'astreinte fixe à un fonctionnaire communal.

Editeur responsable:
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Textes: Résumé français: Patrick Bausch
Retranscription: Rita Schmit
N° 01 /// 2017
Parution MAI 2017
Photos, Illustrations: Ville de Dudelange,
David Laurent/Wili, Michel Brumat, André Weisgerber,
Pulsa, Mike Zenari, BENG, iStock, Pixelio, Architektebüro Jim Clemes

FSC
www.fsc.org
MIX
Paper from responsible sources
FSC® C018673

# RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 3 FÉVRIER 2017

**Présents:** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; René Manderscheid, Loris Spina et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins.
Monsieur Bob Claude; Mesdames Jessica David, Josiane Di Bartolomeo-Ries (sauf pour le point numéro 10 de l'ordre du jour); Messieurs Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler; Madame Romaine Goergen; Monsieur Vic Haas; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Colette Kutten (sauf pour les points numéro 9 et 10 de l'ordre du jour); Monsieur Marc Lazzarini; Mesdames Emilia Oliveira, Brit Schlussnuss et Monsieur Jos Thill, conseillers.
Patrick Bausch, secrétaire communal.

**Absents:** néant.

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance
en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

En début de séance, Monsieur le bourgmestre procède à l'assermentation du nouveau conseiller communal Madame Emilia Oliveira pour le parti « LSAP », appelée à siéger au conseil communal en remplacement de Monsieur Romy Rech, démissionnaire.

La parole est ensuite donnée à Madame Oliveira qui tient son discours inaugural.

Suit la liquidation de l'ordre du jour.

Le nouveau tableau de préséance du conseil communal, dressé suite à l'entrée en fonctions de Madame Oliveira, est approuvé à l'unanimité.

Point numéro 3 de l'ordre du jour: circulation: le conseil communal approuve chaque fois unanimement les règlements de circulation suivants:

3.1. confirmation du règlement d'urgence du collège des bourgmestre et échevins du 3 janvier 2017 concernant la réglementation de la circulation à l'occasion de l'organisation du grand marché le premier jeudi des mois pendant l'année 2017 et concernant plus particulièrement la route barrée sur la place de l'Hôtel de Ville depuis la rue Jean Jaurès et l'avenue Grande-Duchesse Charlotte et la route barrée de la rue Jean Jaurès depuis l'avenue Grande-Duchesse Charlotte jusqu'à la rue de l'Etang, ainsi que la mise en place d'interdictions de stationnement;

3.2. confirmation du règlement d'urgence du collège des bourgmestre et échevins du 3 janvier 2017 concernant la réglementation de la circulation à l'occasion de l'organisation du grand marché le premier jeudi des mois pendant l'année 2017 et concernant plus particulièrement l'installation d'un arrêt bus dans la rue Karl Marx, le long de la place Jean Fohrmann ceci jusqu'à la fin des travaux de voirie dans l'avenue GrandeDuchesse Charlotte;

3.3. réglementation temporaire de la circulation du 22 au 30 mai 2017 à l'occasion de l'organisation de la «Bierenger Kiermes», et

3.4. réglementation temporaire de la circulation du 19 juin au 5 juillet 2017 et du 9 au 25 octobre 2017 à l'occasion de l'organisation de la kermesse sur la place Jean Fohrmann.

Un large point numéro 4 concerne les finances communales.

4.1. L'acte notarié de cession gratuite de terrains aux termes duquel la Ville de Dudelange reçoit gratuitement de la s. à r.l. Wickler Frères, des biens immobiliers inscrits au cadastre de la Commune de Dudelange, section A de Budersberg, lieu-dit « rue Ribeschpont » et « rue de Lebork » est approuvé à l'unanimité;

4.2. l'acte notarié de vente avec dation en paiement avec la société « RID Réalisations Immobilières Dudelange » et concernant la cession de 111 emplacements au parking souterrain « Am Duerf » est approuvé avec 16 voix et une abstention;

4.3. avec 16 voix contre une, le conseil communal avalise le contrat d'exploitation à passer entre

les propriétaires des emplacements de parkings au 1er sous-sol du parking souterrain « Am Duerf » et la société anonyme Indigo Park Luxembourg SA, pour charger ladite société de l'exploitation du niveau -1 du parking « Am Duerf » à Dudelange, conformément aux conditions fixées au contrat;

4.4. les taxes suivantes pour le parcage dans le parking public souterrain « Am Duerf », niveau -1, sont fixées avec 16 voix et une abstention:

1. tarif de jour: 08.00 - 19.00 heures, tous les jours:
- les 30 premières minutes: 0,10- €
- ensuite par tranches de 30 minutes jusqu'à 3 heures complétées: 0,80- € /30 minutes €
- à partir de la 4e heure: 2,40- €/heure entamée

2. tarif de nuit: 19.00 - 08.00 heures le lendemain, tous les jours:
1,00- € pour chaque heure entamée

3. paiement anticipé pour stationnement de nuit: 19.00 - 24.00 heures, tous les jours:
forfaitairement 2,50- €

4. abonnement mensuel: 150,00- €

5. en cas de perte du ticket un tarif forfaitaire de 36,30 EUR sera perçu:

4.5. les tarifs d'utilisation pour l'année 2016 du réseau de distribution de gaz ainsi que les redevances mensuelles fixes pour la location des compteurs à gaz sont arrêtés avec les voix de tous les conseillers conformément aux directives de l'Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR);

4.6. avec 15 voix et 2 abstentions est avalisée la convention de délégation de mission par l'autorité de gestion FEDER à la Ville de Dudelange concernant la gestion des actions intégrées pour le développement urbain durable. La convention est conclue plus particulièrement en vue de soutenir la stratégie de la Ville de Dudelange en matière d'investissement territorial intégré (ITI). Ce programme d'action a pour objectif la planification et la réalisation de la vision de Dudelange comme ville de la durabilité et concerne plus particulièrement le projet Neischmelz et le projet d'aménagement d'une zone de rencontre (Shared Space) pour lequel des subsides européens sont éligibles à raison de 1'170'144,- €;

4.7. le conseil communal approuve subséquemment les devis estimatifs désignés ci-après:

4.7.1. unanimement, pour les travaux de pose d'une conduite d'eau potable dans le projet d'aménagement particulier rue Dominique Lang pour un montant de 18'000,- €;

4.7.2. unanimement, pour les travaux de pose d'une conduite de gaz dans le projet d'aménagement particulier rue Dominique Lang pour un montant de 14'000,- €;

4.7.3. unanimement, pour les travaux de pose d'une conduite d'eau potable dans la rue Lucien Wercollier pour un montant de 15'000,- €;

4.7.4. unanimement, pour les travaux de pose d'une conduite de gaz dans la rue Lucien Wercollier pour un montant de 12'000,- €;

4.7.5. unanimement, pour les travaux de pose d'une conduite d'eau potable dans le projet d'aménagement particulier LIDL pour un montant de 40'000,- €;

4.7.6. unanimement, pour les travaux de pose d'une conduite de gaz dans le projet d'aménagement particulier LIDL pour un montant de 35'000,- €;

4.7.7. avec 14 voix et 3 abstentions pour la mise à disposition d'équipes externes de poseurs de conduites d'eau potable pour un montant de 120'000,- €;

4.7.8. également avec 14 voix et 3 abstentions pour la mise à disposition d'équipes externes de poseurs de conduites de gaz pour un montant de 120'000,- €;

4.7.9. unanimement, pour l'installation photovoltaïque pour l'école Gaffelt pour un montant de 80'000,- €;

4.7.10. unanimement, pour les travaux d'installation de stores de protection contre le soleil pour l'école Lenkeschléi pour un montant de 6'500,- €;

4.7.11. unanimement, pour les travaux de mise en sécurité du 1er étage et des combles de l'école Strutzbierg B pour un montant de 45'000,- €;

4.7.12. unanimement, pour les travaux de renouvellement de la station à gaz à proximité du Centre Sportif René Hartmann pour un montant de 150'000,- €;

4.7.13. unanimement, pour les travaux de réaménagement des bureaux du département financier de l'Hôtel de Ville pour un montant de 25'000,- €;

4.7.14. unanimement, pour les travaux de réaménagement du secrétariat technique de l'Hôtel de Ville pour un montant de 13'500,- €;

4.7.15. unanimement, pour les travaux de mise en conformité du Foyer Nuddelsfabrik pour un montant de 17'000,- €;

4.7.16. unanimement, pour les travaux de mise en conformité du compartimentage de l'escalier principal du Centre de Santé Scolaire pour un montant de 28'000,- €;

4.7.17. unanimement, pour les travaux d'aménagement d'une salle de répétition au kiosque Parc Le'h pour un montant de 25'000,- €;

4.7.18. unanimement, pour la reproduction du monument en zinc sur la toiture du musée municipal pour un montant de 32'000,- €;

4.7.19. unanimement, pour les travaux de remplacement de la toiture au boulodrome pour un montant de 50'000,- €, et

4.7.20. avec 13 voix et 4 abstentions, pour les prestations d'élaboration d'un quality book pour les immeubles communaux pour un montant de 20'000,- €;

4.8. un subside extraordinaire de 750,-€ est accordé d'un commun accord au HBD pour la qualification de l'équipe Hommes 1 pour les 1/8 de finales du Challenge Cup.

Sub point numéro 5 de l'ordre du jour, le conseil municipal est ensuite unanimement d'accord avec les modifications suivantes à apporter à la composition de différentes commissions locales:

- commission ad hoc « Mémoire collective »: Monsieur Louis Pavan et Monsieur Marc Michaux sont nommés membres;
- commission de l'égalité des chances et la non-discrimination: Madame Emilia Oliveira remplace Monsieur Bob Claude;
- commission scolaire: Madame Emilia Oliveira remplace Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries;
- Madame Claudia Steffen est ajoutée au pool des remplaçants.

<u>Syndicats de communes:</u>

6.1. le nouveau concept directeur du syndicat de communes Pro-Sud est présenté aux conseillers communaux;

6.2. les modifications à apporter aux statuts du syndicat de communes SICONA-Sud-Ouest sont approuvés par tous les conseillers communaux. Les adaptations concernent plus particulièrement les sujets suivants:

- l'adaptation à la situation actuelle des passages mentionnant les noms des différentes communes qui participent au syndicat;
- l'adaptation de la dénomination du syndicat, en y incluant le terme de Sud-Ouest, vu son étendue territoriale actuelle;
- l'abolition du conseil technique;
- l'adaptation de l'affectation des excédents d'exploitation éventuels afin d'assurer dans le futur une gestion aisée des affaires, en particulier en ce qui concerne l'affectation de tels excédents;

6.3. suite à la démission de Monsieur Romy Rech de son mandat de conseiller communal, il est décidé avec 10 voix et 7 abstentions, de nommer Monsieur Marc Lazzarini, conseiller communal, comme délégué pour représenter la municipalité au sein du syndicat intercommunal SICONA-Sud-Ouest et de nommer Monsieur Bob Claude, conseiller communal, comme délégué pour représenter la municipalité au sein du syndicat intercommunal Minett-Kompost.

Est ensuite discuté un point mis à l'ordre du jour de la séance par le conseiller communal Monsieur Jos Thill au sujet d'une lettre ouverte à Monsieur le bourgmestre de la Ville de Dudelange et à Mesdames et Messieurs les échevins et conseillers communaux concernant l'interdiction de stationnement de véhicules destinés au transport de choses sur tout le territoire de la Ville.

Une question a été posée par écrit au collège des bourgmestre et échevins par la fraction « Déi Gréng » et concerne le remodelage des quartiers résidentiels, question discutée séance tenante.

Le point numéro 9 de l'ordre du jour a trait aux décisions de personnel communal en séance publique.

Ainsi, le conseil communal, décide

9.1. avec toutes les voix d'approuver l'accord salarial en vue du renouvellement de la convention collective des salariés des communes du sud, signé en date du 16 janvier 2017 pour une durée de validité du 1er janvier 2017 au 31 décembre 2018;

9.2. de créer un poste de salarié (carrière du chauffeur) à tâche complète pour les besoins du service d'incendie (centre d'intervention);

9.3. de créer un poste de fonctionnaire communal à tâche complète dans la carrière de l'ingénieur-diplômé pour les besoins du département technique - service gestion et maintien du patrimoine.

La séance se poursuit alors à huis clos:

Décisions de personnel:

Démissions sont accordées, sur demande respective, à Monsieur Charel Back et à Madame Ina Dewender de leur poste d'employé communal au service des structures d'accueil.
Sont engagés à durée indéterminée comme employés communaux au service des structures d'accueil: Mesdames Mireille Bausch, Suzanne Kemp, Monsieur Jo Malano, Mesdames Danila Mendes Semedo et Loredana Salvatore.

Augmentations de tâches sont accordées à Mesdames Jessica Bressan, Lorella Piazza et Vanessa Tritz, employées communales au service des structures d'accueil.

Finalement les attributions de garde-champêtre et une prime d'astreinte fixe sont allouées à Madame Sarah Pétré, fonctionnaire communale.

La prochaine réunion du conseil communal est fixée au 17 mars 2017 à 08.00 heures.

Fin de la séance vers 12.30 heures.

***



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 03. FEBRUAR 2017

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, schéine gudde Moien an häerzlech wëllkomm. Nodeems mir elo d'Vereedegung vum Emilia Oliveira hannert eis hunn an och iwwert deen dote Wee eise Gemengerot erëm komplett ass a senger Kompositioun, géing ech proposéieren, datt mir iwwerginn op den Ordre du Jour an ech géing do direkt dem Emilia Oliveira d'Wuert gi fir säi Maiden Speech. Emilia, du hues d'Wuert.

Emilia Oliveira (LSAP): Merci dem Här Buergermeeschter, de Schäffen an dem Gemengerot, datt ech d'Wuert kann ergräifen. Mäin Numm ass, wéi Dir wësst, Emilia Oliveira. Ech si gebuer den 19. Januar 1962 zu Braga a Portugal, als véiert Kand vum Rosa a vum Braj. Ech hale mech kuerz un den Nimm, well soss wier dat ze laang. Am September 1964 koum ech mat menger Mamm a menge Geseschter op Diddeleng bei mäi Papp dee scho vu Mee 1961 un hei war. No menger Primärschoul hunn ech eng Léier als Aide-soignante an der Handwierkerschoul zu Esch gemeet. 1978 hunn ech am Diddelenger Spidol ugefangen a schaffen nach haut, mat enger klenger Statioun zu Esch, an elo zu Nidderkuer fir de CHEM. Meng Hobbye si Fussball, Handball an all Diddelenger Sportaart, wou ech eppes dovunner kennen. Meng Interessie géingen hei a menger neier Funktioun eendeiteg am sozialen, kommunikativen a sportlechem Beräich leien. Dat wier et och schonn. Last but not least, wollt ech awer nach ee spezielle Merci lass ginn deen un all d'Diddelenger Leit geet, déi mech gewielt hunn an déi mir et erlaabt hunn haut hei derbäi kënnen ze sinn. Villmools Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Emilia Oliveira fir hir Wierder déi et hei un de Gemengerot geriicht huet an u seng Wieler, a mir kucken och op eng gutt Zesummenaarbecht hei am Gemengerot.

Voilà, ech géing Iech dann elo proposéieren, datt mir un den Ordre du Jour ginn.

## 1. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert Korrespondenz läit haut näischt. Mir kucken nach op d'Kolleegen aus dem Schäfferot, ob déi eppes hunn. Nee, déi wénke scho mam Kapp "Neen". Da géif ech proposéieren, datt mir iwwerginn. All Kéier wa jo en neie Conseiller vereedegt gëtt, ännert och den Tableau de Préséance.

## 2. APPROBATIOUN VUM TABLEAU DE PRÉSÉANCE

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Wien ass mat deem Tableau de Préséance averstanen? Merci, dat ass dann unanime ugeholl.




## 3. VERKÉIERSREGLEMENTER

**3.1. Confirmatioun vun engem temporaire Verkéiersreglement am Kader vun der Organisatioun vum grousse Maart 2017 (Gemengeplaz a Jean Jaurès Strooss).**

**3.2. Confirmatioun vun engem temporaire Verkéiersreglement am Kader vun der Organisatioun vum grousse Maart 2017 während der Dauer vun de Stroossebauaarbechten an der Niddeschgaass (Bushaltestell Karl Marx Strooss).**

**3.3. Approbatioun vun engem temporaire Verkéiersreglement ulässlech der Bierenger Kiermes.**

**3.4. 3.3. Approbatioun vun engem temporaire Verkéiersreglement ulässlech de Kiermessen am Joer 2017** .

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Haut traitéiere mer eng ganz Rei Reglementer, véier Stéck am Ganzen, an do ginn ech dann dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Merci Här Buergermeeschter. Et sinn der zwar véier un der Zuel, mee et ass u sech näischt Extraes. Deen éischten an deen zweeten, do handelt et sech all Kéiers dorëms, datt mir eemol am Mount jo grousse Maart hunn. Do musse mir dann de Verkéier regléieren.

Deen zweeten ass eben deen, vu datt mir nach e Chantier hunn an eiser Niddeschgaass a mir beim grousse Maart d'Jean Jaurès Strooss zou hunn, wou de Bus normalerweis duerchfiert an da bei d'Gemeng hale kënnt, musse mir da während dem grousse Maart eng nei Bushaltestell regléieren, wéi dat och elo schonn ëmmer de Fall war an zwar an der Karl Marx Strooss. Dat wären déi zwee éischt.

Soll ech se vläit all duerchhuelen?

Dat drëtt, dat ass méi ee flott Evenement, nach méi flott wéi de grousse Maart, dat ass eis Bierenger Kiermes. An da gëtt et nach vill méi flott, dat ass eis Summer- an eis Wanterkiermes. Voilà, datt wier alles wat zu de Verkéiersreglementer ze soen ass.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia. Si Froen dozou? Neen. **Kënne mir dann déi véier Verkéiersreglementer en bloc ofstëmmen? Wien ass dofir? Dat ass unanime.** Merci.

## 4. GEMENGEFINANZEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dësem Thema hu mer eng Rei Punkten, ech fänke mat dem 1. un, et geet ëm eng Cession gratuite an der Rue Ribeschpont an an der Rue Lebork, dat ass mat der Entreprise Wickler Frères.

**4.1. Approbatioun vum Acte de cession gratuite vun Terraine mat der Entreprise Wickler Frères S.à r.l.;**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Viru méi wéi engem Joer hate mir och hei de PAP am Gemengerot, an hei geet et dorëms, wou d'Famill Wickler der Gemeng Diddeleng eng Rei Parzelle cedéiert, dat si 4 Stéck, dat ass engersäits an der Rue Ribeschpont, de Wendehammer, wéi awer och an der selwechter Strooss, Tréttoir an och ëffentlech Parkplazen, wéi och an der Rue Lebork de Poste vun





der CREOS, wou och eng Servitude drop ass, also déi klassesch Situatioune vun enger Cessioun.

Dat sinn déi 5 Parzellen, dat si 4,77 Ar, déi hei cedéiert ginn. Déi gi gratis cedéiert well se an d'Voirie communale erakommen, alles wat d'Fraisen ugeet, iwwerhëlt d'Entreprise Wickler, trëtt an ab dem Moment wou de Gemengerot dëser Cessioun gréng Luucht gëtt, déi Terraine sinn och evaluéiert ginn, dat zu de Parzellen, déi mir gratis cédéiert kréie fir an d'Voirie publique.

Si Froen zu där Cessioun? **Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass unanime.** Merci villmools.

**4.2. Approbatioun vum notarielle Verkafsakt duerch Iwwerloossen amplaz vu Bezuele mat der Gesellschaft RID Réalisations Immobilières Dudelange S.A. (Cessioun vun 111 Parkplazen am ënnerierdesche Parking "Am Duerf")**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer op 3 Punkten hannerteneen um Ordre du jour, wat den Haaptplat vun dësem Gemengerot ass, an dat ass den ëffentlechen neien ënnerierdesche Parking. Do hu mir 3 Dokumenter virleien, dat ass engersäits d'Cessioun vun den 111 ëffentleche Parkplazen, et geet ëm de Parking "Am Duerf", duerno de Contrat d'exploitation mat der Firma Indigo, déi dee Parking bedreift, an och d'Taxereglement fir dat Ganzt ze regelen.

Et sinn 3 Dokumenter, déi anenee gräifen, mee ech géif hei dann elo eent nom aneren duerchhuelen an dann zur Diskussioun setzen.

Dat éischt ass den Acte de vente avec dation en paiement vum 27. Januar 2017, wou d'Société RID eis déi 111 Emplacementer verkeeft.

Wann ech bëssen aushuelen an op den Historique aginn: Den 19. Mee 2014 hate mir hei en Acte d'échange mat enger Soulte, wou mir eis e puer Méint duerno am September 2014 hei erëm gesinn hunn, mat engem Acte modificatif, wou engersäits mir als Gemeng Diddeleng, fir dass deen dote Parking, respektiv déi Parkplazen, respektiv och de Projet viabel konnt ginn, déi Terraine mat era ginn hunn. Dat Ganzt war estiméiert ginn, engersäits den Terrain dee mir eraginn hunn, respektiv mat de Parkplazen, dat ware jo 3,6 Milliounen Euro, an doropshin hu mir am September 2014 am Kader vun deem Acte modificatif och en Acte de dation en paiement gemaach, wou déi 111 Parkplazen déi mir era ginn hunn, déi sinn op e Wäert vun 2,6 Milliounen Euro geschätzt ginn, an et ass och eng Soulte entstane vun 987.000 Euro, déi d'Gemeng kritt huet

An et ass jo och deemools an dem Acte gesot ginn, dass eng Dette entsteet vum Entrepreneur, vum Promoteur vis-à-vis vun der Gemeng an der Héicht vun 2,6 Milliounen Euro, mee dass déi Dette effacéiert gëtt ab deem Moment wou mir erëm déi 111 Parkplazen zeréckkréien.

Et ass am Fong dat de Bestanddeel vum Acte, deen haut de Moien dem Gemengerot hei virläit. Wéi gesot, ech wollt de Kader erkläre vum Ursprong vun dem Ganzen. An dësem Projet kréie mir engersäits natierlech dat erëm wat mir era ginn hunn, engersäits déi ëffentlech Plaz, déi mir jo och schonn "Am Duerf" benannt hunn, déi kréie mir erëm, dat heescht de Sol an awer och de Sous-sol, de Minus 1, wou déi 111 Parkplazen eis zegutt kommen. An am ganzen Acte fannt Dir déi Opléschtung vun den Emplacementer, respektiv vun deene verschiddene Loten, dat sinn der 111 Stéck, wou déi Parkplaze sech kënnen erëm fannen.

Dat ass wéi gesot dat wat haut hei zur Debatt steet, dat sinn allkéiers am Minus 1 déi 111 Parkplazen. Hei am Acte gesitt Dir nach, wéini dass d'Firma RID dovunner Proprietaire ginn ass, dat war den 10. September 2014. Mir haten hei de Gemengerot de 15. September 2014, wou dat approuvéiert gouf, den Acte ass eng Vente déi huet eng Valeur vun 2,6 Milliounen Euro, a vu dass mir jo elo déi 111 Parkplaze kréien, ass déi Dette null und nichtig.

Natierlech ass et och esou, dass vu dass mir déi heite Parkplaze kréien an dem Gebai, an d'Société RID jo och Maître d'ouvrage ass, spillt hei och d'Garantie décennale, do sinn d'Referenzen op de Code civil gemaach ginn, an iwwert dësen Acte gi mir Proprietaire vun deenen 111 Parkplazen ab dem Moment wou och de Gemengerot haut da gréng Luucht gëtt.

Dat ass wat mir hei alles erëmfannen, d'Utilité publique steet och hei an dësem Acte, well 111 Parkplazen am Minus 1 fräi ginn als ëffentleche Parking.

Dat zu den Erklärungen. Dat schreift sech also an an d'Kontinuitéit vun dem Acte modificatif vum 10. September 2014, a wou och ganz kloer dra



stoung, dass mir den Acte de dation am Fong misste spéitstens am Februar 2017 maachen, sou dass mir den Timing gehalen hunn, dee mir och an dem Acte modificatif vum September 2014 festgeschriwwen haten. Dat zu dësem Acte an d'Diskussioun ass op.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Keng Froen, just eis Stellungnahm: Mir sinn als Gréng der Meenung, dass deen Acte ënnert deene Conditiounen, déi ausgehandelt gi ware wou de Projet vum fréiere Post Parking ugefangen huet, entsprécht.

Mir waren deemools d'accord dass d'Gemeng déi uewerierdesch Parzelle géif eraginn an de Verkaf, fir dass se als Contrepartie ënnerierdesch Parkplaze géif kréien, a fir dass den urbanistesche Projet kéint realiséiert ginn.

Mir sinn dofir mam Acte averstanen, nodeems dësen Acte a Kraaft getratt ass, gehéieren dann déi 111 Placementer der Gemeng, dat sinn dann ëffentlech Parkplazen, an déi Platz uewendriwwer och erëm. Merci, dat ass alles wat ech ze soen hunn.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci, Dir hutt déi Propos wou mir driwwer diskutéieren an de Kontext gesat, dat erkläert och villes.

Als Representant vun Déi Lénk wollt ech trotzdem soen, dee Bauprojet ass eng relativ grouss Ännerung am Gesamtbild vun Diddeleng, an op Basis vun deem wat ech och schonns sot vum Budget 2017 am leschten Dezember, deet et eis trotzdem Leed, dass d'Geleeënheet net genotzt gouf fir op en anere Wee ze goen.
Et si Parkplazen ofgetruede ginn, et hätten net onbedéngt misse Parkplazen zeréckgeholl ginn, wann een herno jo nach d'Diskussioun gesäit déi mir wäerten hu beim Leitbild Süden, wou da Rieds ass, dass de Süde soll e Virreider sinn am emissiounsfräiem Transport an ëffentleche Verkéier, wier hei eng Méiglechkeet gewiescht fir Signaler ze setzen. Mir fannen et e bësse schuet, dass d'Gemeng net Parkplazen ofgetrueden huet an Appartementer zeréckgefrot huet fir se sozial anzesetzen. An deem Sënn wäerte mir eis dann och hei enthalen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, mir fannen dee ganze Projet "Am Duerf" gutt, mir fannen dat eng Revalorisatioun vum Zentrum, a besonnesch bei dem Acte, fanne mir, wa mir dat richteg verstanen hunn, dat gutt dass mir elo méi Parkplazen ënnerierdesch vun der Gemeng kennen zur Verfügung stelle wéi mir der virdrun uewerierdesch haten. Mir stinn also hannert deem Acte do, ouni Problem.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci, herno schwätzen ech kuerz zu deenen 3 Punkten. Natierlech, deen Acte, ech fannen dat bréngt eppes fir ganz Diddeleng, dat Parkhaus mat 111 Plaze bäikréien, dat ass natierlech ëmmer eng flott Saach, an dat matzen am Zentrum, dat heescht mir fueren eran an d'Duerf. Also, ech muss soen, déi Präisser déi do och ausgehandelt gi sinn, dat ass och e gudde Präis, ech weess wat se kaschten um fräie Marché, ech mengen d'Gemeng huet do e gudden Invest gemaach, an ech géif herno e puer Wuert soen, wa mir iwwert d'Taxe schwätzen, natierlech stëmme mir deem Acte zou.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci deene verschiddene Parteie fir hir Zoustëmmung, ausser wéi gesot dat wat den Här Thill gesot huet, ouni elo wëllen der Diskussioun iwwert d'Exploitation virzegräifen, wëll ech awer soen, wa mir dat gemaach hätte wat Déi Lénk proposéieren, da wäre mir um Niveau vum Contrat d'exploitation ganz eraus gewiescht,mir hätten net kënne mat decidéieren an am Fong hätt den Exploitant alleng decidéiert wat d'Tarifpolitik ugeet, respektiv d'Exploitatioun. Et muss ee sech och dat bewosst sinn, wann een aner Saache fuerdert. Dee Wee si mir hei net gaangen, mir hu Parkplaze getauscht 1 zu 1, déi hunn och eng gewësse Valeur an dee Wee, dee mir hei gaange sinn, ass dee richtegen, dass mir och am Stadkär Parkplaze behalen, well och dat dréit zu der Attraktivitéit bäi, niewent dem Shared Space. Ech mengen also, dass deen heite Projet kohärent ass a jidderee kann hei dann déi Decisioun treffen, déi him fir wichteg an néideg schéngt.

Ech géif dann zum Vote iwwergoen, **wien ass mat dem Acte averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Gréng an ADR.**
**Wien enthält sech? Déi Lenk.** Merci.



**4.3. Approbatioun vum Exploitatiounskontrakt fir den ënnerierdesche Parking "Am Duerf"**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech zu dem 2. Punkt nahtlos iwwergoen: Hei geet et ëm de Contrat d'exploitation, dee mir hunn, wat den ëffentleche Parking ugeet.

Fir och de Kader ze setzen, mir haten éier de Projet ugaangen ass, en uewerierdesche Parking mat 111 Parkplazen, an duerch dee PAP, deen hei eragereecht ginn ass, an déi Baugenehmegung, déi och deemools gi ginn ass fir de Projet "Am Duerf" ze realiséiere mat 100 nei Logementer mat bal 4.000 Quadratmeter nei Geschäftsfläch ass och en neie Parking entstanen, souwuel privat um Minus 2, dat sinn 181 Emplacementer fir déi Leit, déi do wunnen an 182 um Minus 1 fir den ëffentleche Raum, an et ass an deem Kader wou och dëse Contrat d'exploitation sech befënnt.

Wat och hei wichteg ass, mir hunn am Kader vum Acte 111 Parkplazen erëmkritt, déi am ëffentleche Raum sinn, duerch awer dëse Projet kommen nach eng Kéier 71 nei Parkplazen dobäi am ëffentleche Raum, déi ëffentlech genotzt kënne ginn, sou dass am Minus 1 elo 182 Parkplaze sinn, matzen am Stadkär, déi ëffentlech zougänglech sinn, déi am Zentrum vun Diddeleng sinn, an déi och en Atout majeur sinn am Stadkär fir engersäits d'Leit, déi sech wëllen hei ophalen, respektiv och an der neier Liewensqualitéit an Openthaltsqualitéit, déi mir eis ginn am Kader vum Shared Space.

Dëse Contrat d'exploitation huet 2 Voleten, engersäits schreift e fir wat d'Rechter an d'Flichte si vun de Proprietairen, an awer och wat d'Rechter a Flichte si vum Exploitant. Den Exploitant, deen hei souwuel den ëffentleche Parking regelt wéi awer och den Accès zu deem private Parking vun de Leit déi do wunnen, a mir si 6 Proprietairen, engersäits d'Gemeng Diddeleng mat 111 Emplacementer, mir hunn also 61% vun den Emplacementer am ëffentleche Raum, 111 vun 182 Plazen, d'Post huet 13 Emplacementer, Vanity Sàrl huet 3 Emplacementer, dat ass de Ferber, Hole in 1 S.A. huet 12 Emplacementer, dat ass de Citabel, Vergent Sàrl, dat ass den Delaize, deen huet 1 Emplacement, an de Jean-Marie Konz huet 42 Emplacementer, a mir sinn dann d'Proprietairë vun deenen 182 Parkplazen.

Op der anerer Säit hu mir dann den Exploitant, dat ass INDIGO PARK Luxembourg S.A., déi och dann déi ganz Gestioun mécht vun deene Parkplazen.

An dësem Contrat d'exploitation, ech wäert verschidde Punkten eben duerchhuelen, wéi ass deen enger säits geregelt? Wéi gesot, et ass den Exploitant dee sech engagéiert d'Exploitatioun vum ëffentleche Parking ze iwwerhuelen.

A wéini fënnt dëse Contrat d'exploitation statt? Dee fënnt statt ab deem Moment wou de Parking opgeet, an do gëtt nach e Constat contradictoire gemaach. Dat gëtt zesumme mat de Proprietairen a mam Exploitant gemaach, a viraussiichtlech wäert de Parking am Mäerz 2017 kënnen opgoen, well nach Luxcontrol eng Rei Saache muss nokucken, näischt wat elo dramatesch ass, mee et ass en normale prozedurale Contrôle fir dass den ëffentleche Parking kann opgoen.

D'Dauer vun deem Contrat d'exploitation ass engersäits ferm op 9 Joer, a kann natierlech herno erneiert gi fir 3 Joer, et ass natierlech och eng Klausel dra virgesinn, wann ee wéilt de Kontrakt opléisen, awer wat och verankert ass, dat ass den Usage exklusif fir de Parking fir Véhicules automobiles, natierlech awer och fir Vëloe respektiv Mottoen, awer dass all Aktivitéit déi iergendwéi annexer oder konnexer Natur ass, dass den Exploitant do net ka fräi décidéieren dass en dat mécht, mee dass en do ëmmer mat de Propriétairë muss Réckspprooch huelen an och den Accord vun hinne muss kréien.

Natierlech, och fir déi Exploitatioun do kënnen ze maachen, mussen d'Proprietairen och déi néideg Autorisatiounen hunn, wat d'Gebai, de Parking ugeet, mee fir d'Exploitatioun selwer, do ass natierlech den Exploitant verflicht, all déi néideg administrativ Autorisatioune virleien ze hu fir de Parking kënne funktionéieren ze loossen.

An natierlech muss och den Exploitant sech engagéieren, dass keen Trouble de voisinage stattfënnt.

Dann ass awer och an dësem Kader - vu dass mir hei an der Exploitatioun sinn eng Redevance virgesinn an dësem Parking, dat heescht, do huet jo den Exploitant eng ganz Rei Frais-d'exploitatiounen, an natierlech duerch d'Notze vum Parking an déi Tariffer, déi mir applizéieren, kréie mer jo och Recetten, dat ass jo deen 3. Volet, do gëtt herno gekuckt wéi ass d'Situatioun vun de Recetten, déi mir erakréien, respektiv wéi sinn d'Dépensen, déi Frais-fixen, déi och den Exploitant huet, do entsteet also eng Redevance, a wann eng



Redevance entsteet am Kader vun deem dote Calcul ass et jo sou dass 10% vun der Recette un Indigo geet, an 90% vun der Recette geet un d'Proprietairen a vun deenen 90% gëtt au prorata vun de Parkplaze verdeelt, sou dass mir 61% ebe vun där Recette als Gemeng Diddeleng kréien, an de Rescht eben déi aner Proprietairen ënnert sech opdeelen.

Wann natierlech d'Recetten an d'Depensë gläich sinn, dann ass d'Redevance Null an da gëtt et eben net verdeelt. Mir hunn dat hei och kloer erageschriwwen, wann eng Redevance entsteet, dass d'Proprietairë déi innerhalb vun 15 Deeg vum Exploitant och ausbezuelt kréien. Op där anerer Säit, wa mir mierken, dass d'Depensë méi héich sinn ewéi d'Recetten, an am Fong do dann en negatiivt Resultat ass, ass hei jo kloer verankert, dass innerhalb vun 90 Deeg dann eben d'Propriétaire mussen den Exploitant indemniséieren, si hunn also 90 Deeg Zäit fir dat ze maachen.

A wann een awer géif mierken, dass déi Depensen, déi mir hunn, konsequent eben negativ wären, dass mir also net genuch Recettë géife produzéieren, andeems se ëmmer negativ wären, dass dann d'Proprietairë mam Exploitant sech zesummesetzen a kucken, wéi eng Moyenen a Moossnamen een huele ka fir dem entgéint ze wierken.

Dir hutt hei gesinn dass festgehale ginn ass, wat d'Charges d'exploitation ugeet, dass do och dat Ganzt à livre ouvert gemaach gëtt, dass een dann och kann transparent en Dekont eemol am Joer maachen, also och e Seuil agesat ginn ass vun 255.570 Euro pro Joer, wou natierlech à livre ouvert, respektiv duerno dann och ëmmer transparent den Dekont gemaach gëtt.

D'Modalitéite vum Payement, dorop sinn ech virdrun agaangen.

Wat d'Chargen ugeet, den Exploitant brauch keng Taxe foncière ze iwwerhuelen, dat maachen d'Proprietairen, mee den Exploitant muss all déi Chargë wat d'Rampe d'accès, d'Entrée vum Parking ugeet, wat den Accès an d'Sortie fir d'Foussgänger ugeet, wat am Fong den Accès an d'Sortie vun de Lifter ugeet, déi den ëffentleche Parking betreffen, d'Locaux techniques, de Gardiennage vum Parking, deen ass jo och virgesinn, dee muss all déi Chargen iwwerhuelen, an am Fong kritt den Exploitant de Parking, dee gëtt him iwwerschriwwe fir d'Exploitatioun ab dem Moment wou den État des lieux contradictoire gemaach ginn ass wou ech drop agaange sinn.

D'Engagement vun deene 6 Propriétairen ass, dass den Exploitant e Parking kritt, dee funktionéiert, wat d'Maueren ugeet, wat d'Funktionalitéit ugeet, an et steet natierlech och hei dran, dass den Exploitant keng gréisser Aarbechten dran dierf maachen ouni den Accord vun de Propriétairen, dat heescht an der Hypothes wou den Exploitant wéilt Maueren demoléieren, nei Mauere maachen, da kann hien nëmmen dat maache mam Accord vun de Propriétairen an natierlech muss hien eng Baugenehmegung kréie fir dat kënnen ze maachen.

An et ass jo e puermol vermierkt, wat iergendwéi en Avantage commercial him ka bréngen, och do brauch hien den Accord vun de Proprietairen.

Wat eis natierlech och zegutt kënnt, ass dass während där ganzer Zäit wou hei d'Exploitatioun stattfënnt, also während deene ganzen 9 Joeren, respektiv och wa verlängert gëtt, muss den Exploitant d'Gestioun vum Parking maachen, an déi och oprecht erhalen, an en iwwerhëlt all d'Fraisen, wat d'Gestioun vum Parking ugeet, an och den Entretien, ausser et musse wéi gesot Aarbechten um Gros oeuvre gemaach ginn, um Niveau vun der Étanchéitéit, dann ass dat natierlech un de Proprietairen, dat ze iwwerhuelen, och am Kader vun der Garantie Décennale. Hei si mir am klassesche Kader vum Code Civil.

Mir hunn natierlech als Proprietairen och d'Méiglechkeet zu all Moment d'Exploitatioun ze kontrolléieren, op se konform ass, op alles an der Rei ass, a natierlech muss den Exploitant eis och als Proprietairen informéiere wann iergendwellech Reparatioune misste gemaach ginn, déi un eis hänkt.

Natierlech muss hien eis do Bescheed soen, a mir mussen als Proprietairen dann déi néideg Moyenen ergräife fir dat ze maachen.

Déi Obligatiounen déi mir eis och nach ginn, dass mer, vu dass de Minus 2 exploitéiert gëtt, ëffentlech ass, separat Compteure virgesi wat Waasser an Energie ugeet, do muss den Exploitant eis Bescheed soen, an all déi Aarbechte wat d'Mise en conformité ugeet, vum Parking selwer sinn natierlech à charge vun de Proprietairë wann déi sollten ufalen, mee normalerweis si mir hei bei engem Neibau, also wäerten esou bal keng stattfannen.

Dann natierlech d'Autorisatiounen, den Exploitant muss sech hei arrangéieren, alleguerten déi néideg



administrativ Autorisatiounen ze hunn, fir dat kënnen ze exploitéieren, an den Exploitant muss sech un all déi Obligatiounen a punkto Sécherheet halen.

D'Sous-locatioun ass hei net autoriséiert, dat ass eng Pflicht vis-à-vis vum Exploitant.

Dann natierlech, wat d'Amplitude ugeet, dëse Parking ass op an accessibel 12 Méint d'Joer 24 Stonnen op 24, do ass also keng Fermeture annuelle.

Mir hunn awer och hei en Dispositif virgesinn, wou och e Grillage dobäi ass, dass och ab enger gewëssener Zäit de Parking kann zougoe fir déi néideg Sécherheet ze garantéieren, viraussiichtlech ass dat owes wou dat ka stattfannen.

Dann ass natierlech och déi Diskussioun, déi mir mam Exploitant haten, och eng Présence physique, et ass jo e Raum vun engem Gardien do, deen ass do vun 7 bis 3, respektiv vun 8 bis 4, an natierlech en Exploitant, wéi och op anere Plazen - et ass jo net déi éischt oder déi lescht Platz wou e seng Exploitatioun mécht - do kann een awer och iwwert e Centre luxembourgeois de téléopération, dat heescht à distance kënne se 24 op 24 Stonnen hëllefen, wann iergendwellech Problemer wären, wa Leit virun der Kees stinn an den Ticket geet net, do ass ëmmer e Knäppchen, och wann een erafiert an d'Barrière géif net opgoen, dann ass do iwwert déi doten Zentral ofgeséchert, dass e Kontakt besteet fir Leit ze hëllefen, sief et déi, déi an den ëffentleche Parking ginn, respektiv déi an de private Parking ginn.

An natierlech och deen anere Volet, dass och den Exploitant ebe muss d'Garantie ginn, dass déi Installatiounen, wat d'Exploitatioun ugeet, musse funktionéieren. Dëst ass keen neie Moment am Kader vun där Exploitatioun well dat zu där Regel gehéiert.

Alles wat Publicitéit an Enseignen ugeet, do brauch natierlech den Exploitant d'Autorisatioun vun de Proprietairen, respektiv och eng Genehmegung vun der Gemeng, do huet en net fräi Hand, dat kann een zesumme steieren, an éieren eng Autorisatioun kritt, muss hien e Projet de Proprietairen ënnerbreeden, dass déi dann och gréng Luucht kënne ginn, iwwert den dote Wee hu mir also och eng ganz kloer Handhabung.

Eng Assurance mussen esouwuel d'Proprietairen huelen, wéi awer och den Exploitant, och dat ass keen neie Moment.

Dann natierlech awer och e wichtege Punkt, dat ass wann aus iergendwelleche Grënn dëse Contrat d'exploitation sollt opgeléist ginn, da mussen natierlech wann iergendwellech Chargë si vum Exploitant, mussen déi beglach ginn. Dat ass eng Obligatioun, déi hien huet vis-à-vis vun de Proprietairen.

En anere Volet ass dann de Marketing an d'Approche commerciale, och do muss den Exploitant mat de Proprietairë Récksprooch huelen. Do steet dann och dran, dass dat heiten a Kraaft trëtt ab deem Moment wou de Gemengerot dat guttheescht, mee fir eis ass et wichteg, dat an de Gemengerot ze huelen, well herno, och wa Recettë gemaach ginn, dat engersäits der Gemeng zegutt kënnt, a wann Dépensë wieren, och de Gemengerot sech fir déi Dépensen engagéiert.

Dëse Contrat d'exploitation gëtt eng Transparenz iwwert d'Aart a Weis wéi d'Relatioune sinn zwëschent de Propriétairen an dem Exploitant. Ech mengen, dass dat heiten eng Aart a Weis ass, wou eng Rei Gemenge gaange sinn, wann se als Proprietairen eng Exploitatiounginn hunn un eng Firma déi dann d'Gestioun vum Parking mécht. Ech wollt et elo mol heibäi loossen, wat d'Erklärungen ugeet bei dësem Contrat d'exploitation an d'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, dat heiten ass jo elo Neiland, well et ass jo fir d'éischt, dass mir mat engem Parking an de Buedem ginn, an dass mir dat enger anerer Firma zur Exploitatioun ginn. An anere Stied ass dat jo schonns alles gang und gebe, mir si jo hei och mat enger Firma am Vertrag, déi schonns am ganze Land hir Preuven do gemaach huet.

Et sinn e puer Detailer déi eis do net ganz kloer schéngen, an dofir soll ech déi dann hei nofroen: Zum Beispill fanne mir et komesch, dass den Delhaize nëmmen eng eenzeg Plaz huet, verglach mat all deenen aneren, déi jo och massiv Clientèle an dee Parking do unzéien: dat ass d'Post oder d'Citabel, déi hunn der 12 oder 13. Heescht dat, all déi Leit, déi an den Delhaize ginn, déi ginn direkt emol op Käschte vun dem ëffentleche Parkraum, dee mir do zur Verfügung stellen?



Dat wonnert eis e bësse firwat déi net méi Parkplaze kréien, déi se kéinte just fir d'Clientë vum Delhaize bereetstellen.

Ech hunn dann iergendwou eppes gelies vu Vëloen a Präbbelien, an ech wéisst gär wat dat genee ass, well ech hu mir soe gelooss, déi Firma do déi géif als Geste commercial de Leit wann et reent e Präbbeli zur Verfügung stellen oder e Vëlo wann se eraus an Diddeleng ginn. Kënnt Dir mir confirméieren dass dat sou ass? An do stellt sech natierlech d'Fro, wann déi do Vëloe verlounen, oder verléinen, dann huelen déi jo och eng Parkplaz ewech, wou hir Vëloen drop stinn. Déi ass jo da schonn erëm manner, oder vläit zwou, si mussen déi Vëloe jo iergendwou histellen, wann Dir mir do villäicht kennt soe wéi dat gehandhaabt ass?

Ech huele jo och un, dass dee Parking net extra e Privileg gëtt fir Leit, déi eng Vignette vun engem Parking résidentiel hunn: Déi Vignette gëtt engem jo d'Chance iwwerall an Diddeleng am Zentrum kënnen ze parken, wann een nëmmen an enger Strooss wunnt, déi vill méi wäit ewech ass, mee ech huele jo un, hei an deem ënnerierdesche Parking ass dat net de Fall.

An dann hätt ech gär nach Detailer iwwer dee Punkt vun den 20 Abonnementer: deen ass gëschter eréischt nogeschoss ginn, a mir wéisste gär, wien do déi Abonnementer kritt, a mat wat fir enge Kritären dass déi vergi ginn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Gangler fir déi Präzisiounsfro, ech ginn dann herno geschlossen op déi verschidde Punkten an. Mir maachen elo mol einfach eng Ronn.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci, ech wollt grad wéi den Här Gangler eigentlech déi politesch Stellungnahm, also de Fong vun der Form vum Kontrakt trennen a fir d'éischt zu der Form eppes soen.

Ech mengen, ech hu relativ gutt verstane wat mat dem Kontrakt do soll gewollt sinn, menger Meenung no steet dat awer net am Kontrakt.

A wann den Här Bausch eis villäicht kéint de Punkt 4.1 projezéieren, also d'Saït 4, déi ugeet mat "la redevance sera calculée". Do steet dann uewen "la redevance sera calculée par application **des** formules suivantes", domadder geet et schonns un, well menger Meenung no brauch een nëmmen eng fir d'Redevance ze rechnen. Déi steet dann och do, dee klengen r(n) = 90x, an da geet de Problem un, well duerno kënnt do stoen "Redevance, also dat nämmlecht wéi dee klengen r(n) mat enger ganz anerer Formel, dat kann net sinn. Also entweder ass et dat eent oder dat anert, soss ass deen Text net kloer.

Also, do wär meng Fro dann, den Text esou ëmzeännere-ren, dass mir och wëssen iwwert wat mir hei ofstëmmen. Da geet et weider, "la recette brute", an dann "au cas où", an da kënnt "pour le cas où le résultat de l'exercice précédent est négatif", also d'Joer net méi N, mee N minus 1, "les propriétaires procéderont endéans 90 jours au paiement du montant redû". Do ass och net kloer, wat ass dee Montant redû? Ass dat den Defizit vum Joer N, wou just uewendru Rieds ass? Ass et den Defizit vum Joer N -1 oder ass dat den Defizit vun de Joeren N an N -1?

Also, fir e juristeschen Text ass dat do äusserst ongenee, an dat feiert herno zu Problemer an dofir wier ech frou wann ech déi néideg Explicatioune kéint kréien, an dass den Text och deementspriechend ëmgeännert gëtt. Eech soe mol Merci mee ech kommen nach op de Fong da wann ech Kloerheet hunn iwwert den Text.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech géif awer proposéieren dass Dir drop agitt, well mir maachen en Tour, jidderee soll dru kommen, an da ginn ech drop an, dat heescht, gitt villäicht awer schonns direkt op de Fong an, well mir maachen hei en Tour, soss gëtt et allkéiers Hickhack an da kann ech och vläit Froen, déi hei gestallt ginn, regroupéieren an eng Äntwert drop ginn, fir kohärent par rapport zu der Approche ze sinn.

Joseph Thill (Déi Lénk): Also, wat de Fong ubelaangt, do wäert ech lech och net erstaunen, mir bleiwen do eiser Linn konsequent.

Mir si géint d'Auslagerungen, mir hätten eigentlech gären, a mir fannen et richteg, ausser fir den Nuetsservice, wou et méi efficace ass wann een eng Zentral huet, wann d'Gemeng, déi schonns de gréisste Proprietaire ass, hir Propriéteit géif selwer verwalten, besonnesch well d'Gemeng sech hei engagéiert, all Defizit ze decken. Mir gesinn also net an, wann



d'Gemeng souwisou muss bezuelen, firwat dass si et net selwer mécht. Ech soen iech Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, et ass e bëssen eppes Spezielles, et ass déi éischte Kéier, dass ech esou e Kontrakt gesinn, an hunn dofir d'Berechnunge vun de Käschten no den Einname ganz interessant fonnt.

Ech war erstaunt, ze liesen, dass Indigo der Gemeng an deene anere Proprietairen misst eppes ausbezuele wann d'Recette iwwert de Montant vun 255.570 Euro eraus geet, ëmgekéiert mussen d'Proprietairen den Ausgläich bezuelen, an da kann och nach frësch verhandelt ginn.

Et ass sou wéi ech déi bësse méi komplizéiert Berechnunge verstanen hunn. OK, Merci, dat freet mech.

Ech wollt dofir froen, op wéi enge Berechnungen déi Zuel vun deenen 255.000 Euro da berout?

An da wollt ech och wëssen, wéi grouss d'Chance ass dass d'Gemeng eng Recette kritt bei der Exploitatioun vun dësem Parking?

De Rescht schéngt mir einegermoosse kohärent, dofir war et just déi Fro wou ech wollt stellen. Merci.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci. Also ech fannen, dass dee Kontrakt mat der Firma ganz kloer ass, natierlech kann een elo net wëssen, wellech Recetten do erauskommen, oder ob do en negatiivt Resultat erauskënnt, ech mengen dat ergëtt sech no dem 1. Joer, do gi jo Dekonte gemaach, et ass jo net esou wéi wa keng Dekonte gemaach ginn.

Ech perséinlech fannen et ganz gutt, dass dat iwwert eng Firma verwalt gëtt, iwwer Indigo, ech mengen dat ass och an anere Stied net anescht, et ass kaum eng Gemeng déi do a Privatverwaltung op eemol e Parkhaus geréiert.

Meng Fro war wéi dem Här Gangler seng, muss ech éierlech soen, d'Locatioun vu Vëloen a Präbbelien, mir hunn eis all e bësse gefrot, wéi dat soll funktionéieren.

Fir de Rescht, d' Parkhaus ass ëmmer op, villäicht och d'Präsenz vum Personal, wéi ass et do no 3 Auer, ech hu gesinn et ass vu 7-3 a wéi ass et duerno, ass do eng Nummer wann eppes schief geet? Huet een do ëmmer Kontakt? Kann en déi ëmmer ruffen zu all Zäit?

Fir de Rescht gëtt et dozou näischt ze soen. Merci.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt eigentlech just e puer Detailer nofroen, déi ech vergiess hat. Wa mir elo déi Méiglechkeet a Betruecht zeien, dass ee misst, wann de Parking net richteg leeft - wat jo hei zu Diddeleng bal net virstellbar ass - dass mer dann do missten nach drop leeën, hu mer do schonns vläit Erfahrungswäerter aus deene Stied, wou schonns méi laang sou Parkinge funktionéieren? In extenso, dee Chiffer vun 250.570 Euro, berout deen och villäicht op Erfahrungswäerter vun anere Stied, net dass mir eis do blann an e Chiffer eragelooss hätten.

Déi aner Fro: Ech hunn et oft schonns gemierkt, dass Leit den ëffentleche Parkraum notze fir hir Schrottkuaren ofzestelle mat deene se ni méi fueren. Wann esou ee géif do ënnen an dem Parking opfalen, ech huele jo un, dat ass dann den Domän vun der Police fir sech dorëms ze këmmeren, mee dat misst da jo signaliséiert ginn.

An dann dës Fro: Mir hu jo deemools de Crassier op der Route de Thionville gelount bei der ARCELOR fir d'Iwwergangszäit, wou dee Parking hei entsteet, vun deem mir elo schwätzen. Wann deen elo funktionell ass, da wéisste mir gär, wéi laang bleift dann de Parking Crassier nach bestoen, oder geet et da relativ zügeg, dass mir de Contrat d'exploitation vun dem Crassier erëm kënnegen, an dass mir deen erëm zeréck ginn an dem Zoustand wéi e war un d'Arcelor?

Dann ass jo och zum Beispill de Volet vun eisen Agentmunicipauxen, déi hu jo elo näischt am Parkhaus ze sichen, mee déi hu jo och méi Aarbecht gehat doduerch dass de Crassier do war; wann deen ewech fält, dann hunn déi jo och aner Disponibilitéiten, fir op aner Plazen ze intervenéieren.

Wann dir do villäicht schonns kéint ofschätze wéi laang de Crassier nach wäert funktionell sinn, well mir brauche jo dann nëmmen ee Parking méi, mir hunn de Crassier jo extra gemaach fir d'Zäit ze iwwerbrécke bis deen heite fäerdeg ass. Merci.




Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Gangler. Wa soss keng weider Froe sinn, da ginn ech op déi verschidde Punkten an.

De Choix wat d'Zuel vun den Emplacementer ugeet, dat war de Choix vun deene verschiddene Proprietairen, a wéi gesot mir hunn der 111 kritt, et waren der 182 déi méiglech sinn, an do konnt all Proprietaire decidéiere wéivill Parkplazen ee wëllt huelen.

Wat ech awer hei och nach well soen, dass déi aner Proprietairen Parkplaze sinn net fir all déi Leit reservéiert, déi op déi dote Plaz ginn, dat heescht déi dote Plaz vum Delhaize ass net nëmme fir den Delhaize. Dat ass en ëffentleche Parking an déi 182 Parkplaze sinn ëffentlech, dat heescht, jidderee kann dovunner profitéieren, ob en elo an de Supermarché geet oder generell an Diddeleng akafe geet, déi Parkplaze sinn net pro Proprietaire signaliséiert. Et sinn 182 ëffentlech Parkplazen a jidderee kann déi och notzen.

Och dat ass ganz flott, well wéi gesot mir kréien 71 ëffentlech Parkplaze méi, par rapport zu deenen 111, déi mir virum Bau haten, mee dofir musse mir eis hei e Modus ginn ënnert de Proprietairë fir dat ze regelen. Wéi gesot, et ass alles ëffentlech.

Wat déi Déngschtleeschtung ugeet, dat ass eng Déngschtleeschtung déi Indigo generell an deene Parkplaze gëtt, déi se geréiert, mir hunn net festgehalen dass mir dat heite maachen, och dat kann een nach ëmmer änneren, de Moment ass et mol net virgesinn, et ass eng Méiglechkeet dass een et ka virgesinn, wann e Besoin ass, kann een ëmmer drop zeréckgräifen. Si hunn och aner Déngschtleeschtungen déi se ubidden, dat heescht den Moment ass et einfach en normalen ëffentlech Parking.

Wat deen drëtte Punkt ugeet: Par rapport zum Parking résidentiel, hei spillt dat normaalt Taxereglement, dat heescht jiddereen deen do era geet, muss déi Taxe bezuelen, onofhängeg ob en d'Vignettë vum Parking résidentiell huet oder net, dat ass fir all Mënsch dee selwechte Präis.

Da mat deene 20 Abonnementer, och dat ass eng Méiglechkeet déi ugebuede gëtt, och op anere Plazen, och dat sinn esou Erfahrungswäerter, mir hunn et hei op 20 limitéiert, herno am Taxereglement gesi mir, dass mir e Montant virgesinn hunn, och do gëtt et eng Nofro. Dat sinn och op där anerer Säit Recetten déi assuréiert sinn, wann se all Mount erakommen. Mee mir wollten déi och an der Diskussioun als Proprietairë mam Exploitant wollte mir déi limitéiere well et muss e jo och e Parking hunn, deen dréint a Recette geréiert am Kader och vun der Redevance. Et soll jo e Parking sinn, wou d'Tarifpolitik interessant ka sinn, do si mir um Punkt vun de Recetten, mir hunn elo hei déi Tariffer déi mir applizéieren, an et muss ee kucke wéi et funktionéiert, an och déi kënne mir adaptéieren, wann et sech fir néideg erweist par rapport zu de Recetten, déi e generéiert, mä och par rapport zum Defizit, wann een deen och hätt.

Op alle Fall, déi Charges d'exploitation vun 255.000 Euro, déi een hei fënnt, dat sinn am Fong déi Rechnungen déi Indigo gemaach huet, och der op Basis vun Erfahrungswäerter déi si hu bei der Exploitatioun och vun anere Parkingen. Dat heiten ass jo net deen éischte Parking, deen si an d'Exploitatioun huelen, dat heescht dat heiten ass de Point de départ, an eben duerch d'Tarifpolitik, déi een applizéiert an de Notzungsgrad vum Parking huet ee Recetten, déi een erakritt fir déi Depensen ze decken. Dat zu deene verschiddene Froen déi komm si par rapport zu der Recette.

Mir baséieren eis och, wat d'Tariffer ugeet, op Erfahrungswäerter, mir haten eng Situatioun vun enger anerer Gemeng, wou zum Beispill och den heite Prinzip gespillt huet, wou Defiziter waren, wou ob eemol d'Tarifpolitik déi war, dass d'Präisser erofgesat gi si fir méi Roulement ze kréien, a fir dass de Parking och méi genotzt gëtt, dat heescht och dat hu mir mat hinnen am Virfeld gekuckt.

Par rapport zum Crassier, do ass jo de Fonds de Logement Proprietaire dovunner, dat huet jo zum ganzen Deal gehéiert, de Crassier bleift de Moment, et muss ee kucke wéi dat ganzt sech apendelt, och mat der Notzung vum Parking am Duerf.

Dann zu der Fro wat d'Präsenz ugeet, dat ass de Moment vun 7-3, vun 8-4 Auer, dat hu mir einfach elo mol dragesat, an och do musse mir elo mol kucke wéi d'Erfahrungswäerter sinn. Wéi den Här Gangler sot, et ass nei Land, mir wollten eng physesch Präsenz assuréieren, och déi kann een herno variéieren, wéi gesot, zum Beispill vun 9-5 Auer, et muss een einfach kucke wou am Fong déi meeschten Demandë si vun de Visiteuren an Utilisateuren, par rapport zum Gardien.





Ech mengen, dat waren eng ganz Rei Punkten op déi ech agaange sinn.

Da par rapport zu de Präbbelien, och dat ass e Service deen si kënnen ubidde wann se wëllen. Dat ass e Package, dat gëtt et am Ausland, an och an der Stad schonns, dat ass e Service deen se ubidden, an et ginn och nach aner Servicer déi se ubidden, wann ee wëll, mee do setzt een sech als Proprietairen mam Exploitant zesummen, an decidéiert ee wéi eng Déngschtleeschtungen ee wëll ubidden a wéi eng net, par rapport zu den Utilisateuren.

Dann, fir awer d'Discussion an e méi generelle Kader ze setzen, well Präbbelien a Vëloe sinn do kleng Detailer, mee wat wichteg ass, dat ass de Parking. An do kommen ech op dat wat den Här Thill sot. Dat heiten ass e Kontrakt deen duerchgekuckt ginn ass, souwuel vun den Affekote vun all de Proprietairen , wéi och vun Affekote vun den Exploitanten, dofir, dat wat dir sot deelen ech net esou, dat heiten ass déi gängeg Berechnungen, wéi een se och an anere Kontrakter erëmkënnt.

Also och do keen neie Moment, och wann et Neiland ass fir Diddeleng, ass et keen Neiland fir den Exploitant an och fir déi Affekoten déi dat heiten duerchgekuckt hunn, mir hu mat eisem Hausaffekot, mam Här Helminger och déi heite Formulen duerchgekuckt, an et ass awer natierlech esou, mir loossen dat dëst Joer ulafen, dëst Joer ass jo net 12 Méint mee 10 Méint, do musse mir kucke wat fir Erfahrungswäerter mir maachen, wat mir u Recettë generéieren, wat vun Depensen usteet, da gëtt natierlech Enn des Joers oder Ufanks nächst Joer en Dekont gemaach, an de Montant deen aussteet, déi gëtt ganz kloer verdeelt, wann et positiv ass, un d'Proprietairen, wann et negativ ass, musse mir eis eben engagéieren an deenen nächsten 90 Deeg, deen Defizit ze decken.

Dat ass de Prinzip wéi et funktionéiert an 2018 heegenee d'selwecht, do spillen dann déi 12 Méint, do gesäit ee wéi d'Charges d'exploitation spillen, wéi de Parking dréit, an do kréie mir dann och d'Erfahrungswäerter vun engem ganze Joer an och d'ganzt Joer ebe Recetten, an och do muss een da kucken, wéi d'Resultat ass, an da kuckt een 2019, do huet een dann déi 3 Méint Zäit fir dat auszebezuelen, sou ass am Fong wéi den System hei ass, wéi e funktionéiert.

Den Här Thill ass der Meenung, dass hie géint Auslagerung ass, dat ass Äert gutt Recht, ech sinn awer net der Meenung dass de Core Business vun der Gemeng ass, e Parking wéi deen heiten ze geréieren, selwer ze verwalten, wou ee Personal muss astellen, wou een dann och alleguerten d'Chargen an d'Risike vun der Exploitatioun hëlt.

Dat muss een dann och hei soen, Här Thill, alleguerten déi Chargen, déi Risiken, déi den Exploitant hei hellt, vis a vis vun de Proprietairen, misst d'Gemeng dann huelen, an ech mengen dass dat net zu de Missioune vun der Gemeng gehéiert, sou eng Exploitatioun ze maachen, an et ass zwar Neiland fir eis, mee hei baséiere mir eis jo och op Experienzen déi aner Gemenge geholl hunn, an et ass keng Gemeng hei am Land an am Ausland, déi deen dote Wee geet, ech mengen dass dat heiten awer de richtege Wee ass, fir dat ze maachen.

Dat zu deene Punkte wou ech hei wollt drop agoen, ech mengen ech hu probéiert op alles ze äntwerten.

Ech géif da proposéieren dass mir zur Ofstëmmung iwwer ginn. Jo, Här Thill?

Joseph Thill (Déi Lénk): Et deet mir leed, Här Buergermeeschter, esouguer wann d'Affekoten dat duerchgekuckt hunn, dann ass et awer net kloer war, well do stinn zwou verschidde Formele fir dat selwecht, dat kann net sinn.

Dat ass den 1 Punkt, an den anere Punkt, Dir hutt mir net op meng Fro geäntwert well do den Text onkloer ass. Et gëtt gesot wann 1 Joer en Defizit ass, brauch d'Gemeng dofir net opzekommen. Wann 2 Joer hannereneen Defizit ass, da kënnt d'Gemeng op fir den Defizit, awer et weess een net fir wat fir een, op et dann elo vun dem engem Joer oder vun den 2 Joer ass, souvill Droit kennen ech och, a Mathematik vläit dann e bësse méi wéi d'Affekoten, den Text ass einfach net verständlech.

Dat huet elo näischt mat enger politescher Opposition ze dinn, mee Dir kënnt net een Text ofstëmmen, wou d'Leit net versti wat dra steet. Ech verstinn et net.

Ech sinn och bereet, dat aneren Affekote virzeleeën, fir ze kucken op déi et verstinn. Déi verstinn et dann nämlech och net.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Recette brute hors TVA par an.



Joseph Thill (Déi Lénk): Dat doten ass schonns eppes anescht. Éischtens sinn do Klamere bäikomm an zweetens ass do eng Indexatioun bäikomm. Wann et da souwisou dat selwecht ass, da kann een nach ëmmer déi Zeil do sträichen. Mä elo si mir jo dann emol d'accord, dass do zwou verschidde Formele stoungen.

Wéi gesot, da steet am Text, wann 1 Joer Defizit ass, "au cas où R(n) serait inférieur à Re(n), le résultat r(n) étant inférieur a 0, aucune redevance n'est due". Dat heescht awer och, dass da keen Defizit bezuelt gëtt, dee gëtt da bezuelt wann 2 Joer hannerteneen en Defizit do ass, mä do steet net dran - ech soen et nach eng Kéier - wat fir een Defizit, ob et dann nëmmen deen ass vum Joer N-1 oder vun deenen 2 Joer.

Wann dat esou ass, Här Buergermeeschter, da soll dat och grad esou kloer dohinner stoe kommen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass 1 Joer an net zwee, dat wier och net logesch, dat ergëtt kee Sënn. Et ass ee Joer. Et kann een en Ajout maache fir dass et kloer ass. Fir datt et fir de Gemengerot och méi kloer ass, kënne mir dat gären och sou maachen. Kee Problem.

Si soss nach Interventiounen? Da géif ech proposéieren, dass mir zur Ofstëmmung komme mat deenen Ajouten. Ass dat och kloer fir d'Proprietairen an den Exploitant?

Villäicht nach als Präzisioun: Wat mir och virgesinn hunn am Kader vun der Exploitatioun, an dat ass keen onwichtege Message, mir hunn natierlech normal Parkplaze virgesinn, déi klassesch Plazen, mir hunn awer och Parkplaze virgesi, wéi dat Usus ass, fir Leit mat Handicap, an et sinn och Parkplaze virgesi fir Dammen, an och fir Poussetten, dass och deem ka Rechnung gedroe ginn. Ech wollt dat elo just nach déi Informatioun hei ginn.

An natierlech ass och, dass am Parking Minus 2 eng ëffentlech Toilette ass, wou och den Entretien vun Indigo gemaach gëtt, an dass och am ëffentleche Parking Sortië sinn, et sinn der 5 Stéck, wou d'Leit dann op déi verschidde Plazen am Duerf, respektiv am Zentrum kënnen erausgoen, an dass och e Lokal direkt bei der Entrée, d'Lokal vum Gardien, wou d'Utilisateure vum ëffentlech Parking, wann se Froen hunn, während der Präsenzzäit och kënne bei e goen.

Dat par rapport zu der alldeeglecher Gestion, do wollt ech Iech och déi Infoen nach mat op de Wee ginn.

Jean-Paul Friedrich (CSV): Wann elo een do géif halen op deen näischt do verluer huet, op enger Behënnerteplaz oder op enger Plaz, déi fir Poussettë reservéiert ass, wéi kann dann do intervenéieren? De Gardien, oder kann deen d'Police ruffen? wéi gesäit dat aus?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Do ass normalerweis de Gardien, deen intervenéiert, do mierkt ee jo ganz oft an esou Situatiounen, dass dann d'Societéit, hei den Exploitant, oft dann eng Fiche dohinner mécht, dat gesäit ee jo oft a Situatioune, wou Leit falsch parken, déi ginn dann drop opmierksam gemaach.

Et ass hei net anescht wéi op anere Plazen. Et ass ëffentlech, et spille jo och d'Regele vum Code de la Route, déi sinn hei net ausser Kraaft gesat, déi musse jo hei funktionéieren am ëffentleche Beräich, da si mir kloer am Beräich vum Code de la route, an do spillen och d'Regele vum Code de la route.

Colette Kutten (Déi Gréng): Ech hätt och nach eng kleng Fro, et ass am Zesummenhang mat de Parkplazen déi Dir erwänt hutt, déi signaliséiert si fir Frae mat Kannerkutschen.

Also engersäits, eng Kannerkutsch muss jo awer fir Fraen a Männer signaliséiert ginn an op där anerer Säit mussen et jo och nach Sécherheetsplaze fir Frae ginn. Ah, dat sinn zwou verschidde Saachen? OK dann.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et si méi grouss Parkplaze virgesi fir wann een eng Poussette huet. Onofhängeg vum Gender kann een do parken, an dat maachen, an et sinn awer och Parkplaze virgesinn, déi eng gewësse Sécherheet eben haut ginn.

Jean-Paul Gangler (CSV): Nach eng praktesch Fro, d'Keese fir ze bezuelen, sinn déi just op enger Plaz oder bei all Entrée a Sortie?





Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): déi sinn normalerweis bei all Entrée a Sortie virgesinn.

Da géif ech zur Ofstëmmung kommen: **Wien ass mat deem Contrat d'exploitation averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV, Déi Gréng an ADR. Wien ass net domadder averstanen? Dat ass den Här Thill, Déi Lénk.**

### 4.4. Approbatioun vun den Ännerungen am Kapitel XXIII vum allgemengen Taxereglement – Stationéieren a Parke géint Bezuelen (ënnerierdesche Parking "Am Duerf")

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech zum drëtten a leschte Punkt kommen, wat dëse Parking ugeet, dat ass d'Präispolitik, dat heescht wat d'Leit musse bezuele wann se an de Parking ginn.

Wéi gesot, am Kader vun der Diskussioun, déi mir gefouert hu par rapport zu der Charge d'exploitation,respektiv par rapport zu de Recetten, déi generéiert ginn, wou mir dann och eng Redevance kënne kréien, ass et jo esou, dass mir hei och e Parking sollen hunn, deen dréint, engersäits d'Leit notzen, a wou och net allzevill Laangzäitparker sollen do sinn, och dat ass wichteg.

Do hu mir natierlech dofir am Taxereglement fir de Parking "Am Duerf" folgend Tariffer virgesinn. Do mierkt een dass mir eis plus au moins, wat Tariffer dobausse sinn, alignéieren, respektiv liicht awer méi deier sinn, well een natierlech och den Auto am Dréchnen och stoen huet, dat ass en Avantage.

Dat, heescht déi Tariffer déi mir hei wëllen applizéieren, dat ass dass ee vun 8 Auer bis 7 Auer owes fir 30 Minutten 0,10 Euro bezilt, dat ass dat selwecht wéi dobaussen.

Dass een dann op all Tranche vun 30 Minutte bis 3 Stonnen 0,80 Euro pro 30 Minutte bezilt, dass ab déi véiert Stonn 2,40 Euro d'Stonn ze bezuelen ass.

Ab 19 Auer bis 8 Auer moies ass et 1 Euro d'Stonn.

An op där anerer Säit, dass de Parking och owes genotzt gëtt, well owes sinn och sécher Leit déi de Parking notze fir an de Stadzentrum ze kommen, fir iessen ze goen, fir aner Aktivitéiten ze hunn, dass een do en Tarif nuit aféiert vun 19 owes bis 24 Auer, wou et 2,50 Euro soll sinn.

Wann ee méi laang bleift, do spillt allkéiers déi 1 Minutt pro Stonn, dat hëlt een da mat a Kaf.

An dass een, wann een den Ticket verléiert, 36, 30 Euro bezilt, respektiv den Abonnement mensuel, dass deen 150 Euro ass, deen ass op 20 limitéiert ginn, wéi gesot, den ass 150 Euro pro Stonn, sou dass mir duerch déi doten Tarifpolitik awer engersäits liicht e bësse méi deier sinn ewéi dobaussen, awer net an engem Esprit du simple au double, an hei awer e Parking hunn, deen duerch dës attraktiv Präispolitik sécher kann zu verstännegen Zäiten an och onverstännegen Zäite genotzt ginn, an awer och d'Präisser hunn, wou Laangzäitparker net hei wäerte bleiwen, dass mir deen néidege Roulement hunn.

Natierlech, wa Laangzäitparker sinn, da kréien se aner Méiglechkeeten, dat ass dann éischter dobaussen. Dat zu den Erklärungen zu dëse verschiddene Präisser. Si Froen dozou?

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, ech wollt emol als éischt froen, den Abonnement, wie verwalt dat? Gëtt dat vun Indigo verwalt? Dat heescht, déi maachen dann och en Appel au public, dass d'Leit sech kënne mellen dofir?

Dat war nach eng Fro, dann, ech fannen och wann ech kucken, déi éischt 30 Minutte si gratis, duerno kascht et 0,10 Euro pro 6 Minutten, also kanns de 1,5 h parken am Parkhaus fir 1,10 Euro, dat ass awer, denken ech e Präis, wann ee seng Kommissioune gemaach huet an 1,5 Stonn, oder bei de Coiffeur geet, ass dat awer eppes Raisonabeles.

Och fir den Nuetstarif, dat ass mengen ech vergläichbar, am Ufank ware verschidde Parkingen an der Stad, wou een net konnt fir näischt Parken, dat huet sech awer och net sou bewährt, an ech fannen et och flott,dee Forfait anticipé, wann d'Leit wëlle just nëmmen een huele goen, oder iesse goen, a si wëllen awer, dass hiren Auto dréchen ënnerdag steet, dass deen awer mat 2,50 absolut acceptabel ass.

Ech wollt awer just zwou Saache froen, mir haten et elo an de Wantersolden esou gemaach dass mir eis grouss Parkinge wéi de Fohrmann, dass dee gratis wier. Wa mir elo, vu dass dat heiten eng Firma ass déi dat exploitéiert, ech denken do ass et awer schwéier fir do ze maachen dass déi och zum Beispill de Week-





end wann d'Solde sinn, de Parking gratis ubidden, oder besteet eng Méiglechkeet - dat gëtt et och an anere Stied - dass dann zum Beispill d'Geschäftsleit de Leit kënnen e gratis Bong gi fir eng Stonn ze Parken, gëtt et do eng Méiglechkeet? Ass do eppes virgesinn, oder ass dat vum Geschäftsverband gewënscht, dass d'Geschäftsleit esou e klengen Apparat kréien, wou se da kënnen déi Parkschäiner entwäerten? Och dat selwecht fir d'Restauranten, well mir hate jo och mol an der Zäit, dass an der Mëttesstonn de Parking gratis war, ass dat nach ëmmer sou, och mat eisen Horodateuren? Maja, dann ass meng Fro, op dat och méiglech ass, dass d'Geschäftsleit sou en Apparat zur Verfügung gestallt kréien, dat wier sécher eng Méiglechkeet fir mat Indigo ze diskutéieren. Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci, mir wëllen als Gréng eisen Accord zu dësen Tariffer gi well se an der Logik vun der Gesamtgestioun vun eise Parkplazen ass. Och hei kommen d'Kuerzparker ganz gutt ewech, ënnerierdesch ze parken ass dann no 30 Minutte méi deier wéi op enger anerer Parkplaz, dat schéngt eis an der Rei, grad sou wéi d'Nuetstariffer, an dofir si mir d'accord.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci, also déi Politik, déi hei verfollegt gëtt insgesamt déi iwwert ganz Diddeleng matenee kuckt dobaussen, Mëttesston gratis,hei dat Parkhaus gëtt selwecht geréiert.

Ech sinn eent, dat ganz oft erof kënnt, nëmmen 30 Minutten 10 Cent, dat ass absolut korrekt, wéi d'Madame Kayser sot, och eng Stonn oder annerhallef, ech mengen dat geet largement duer fir Kommissioune maachen ze goen.

Wann een awer elo seet ja, ass et an der Nuecht fir näischt, ech mengen de Sous-sol 2, do hunn d'Leit 35.000 Euro bezuelt fir eng Parkplaz, wann elo déi uewendriwwer fir näischt wieren, do géifen dann awer déi 120 Appartementer sech freeën, déi dofir ganz vill Sue bezuelt hunn.

Den Abonnement mensuel ass och eng gutt Saach, en plus wëll ech soen, do si sécher am Sous-sol 2 Leit déi nëmme Parkplaze kaf hu fir se ze verlounen, an och do leien d'Präisser bei 150 Euro, also och dat ass eppes wat absolut an der Rei ass.
Soss gëtt et net vill dozou ze soen. Flott ass natierlech och, déi Parkplaze déi geschaf gi fir Fraen oder Männer mat Kanner, fir Handicapéierter, an och wat ech immens flott fannen, wann een owes seet, ech ginn an Duerf iessen, fiers de an d'Parkhaus eran, dat kascht 2,50 bis 12 Auer, och dat kennt jidderengem entgéint.

Also insgesamt zu deenen dräi Punkte wëll ech kloer soen, ech hunn dat vum Acte bis bei d'Exploitatioun verfollegt, dass en immense Projet, et wäert sécher Diddeleng op an ech muss soen, fréier hu mir eis geplot fir an der Niddeschgaass eng Parkplaz ze fannen, lo fiers de hannen eran, du parks fir 10 Cent a fiers rëm raus, an och an der Niddeschgaass do entsteet eng aner Qualitéit, dofir vun der LSAP aus, e grousse Merci, flotte Projet, gutt geschafft.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och fir déi dote Stellungnahm, da ginn ech villäicht elo op verschidde Punkten an, wat d'Abonnement ugeet, et ass hei dee selwechte Wee ageschloe wéi och op anere Plazen, dass ee kann en Abonnement huelen, dat gëtt affichéiert a jiddereen deen dorunner interesséiert ass, ka sech do beim Exploitant mellen, an dee mécht dann och d'Gestioun dovunner, sachant que dass et op 20 limitéiert ass, dat heescht wann déi 20 Abonnementer fort sinn, da sinn se ebe fort.

Et muss een sech bewosst sinn, an der Hypothes wou ee géif higoen, am Kader vun de Wantersolden, an et géif een eng Gratuitéit ubidden, do entginn eis jo verschidde Recetten. An der Logik wou mir virdru waren am Kader vun der Exploitatioun heescht dat jo och, dass een déi iergendwéi muss kompenséieren, well d'Chargë fir den Exploitant, déi lafe weider.

Ech mengen also net, dass een an déi dote Richtung soll goen. Wat een awer maache kann, an do kënnen d'Geschäftsleit a Verschiddener, déi hunn ugedeit, dass se dorunner interesséiert sinn, an do kann natierlech den eenzele Geschäftsmann oder Geschäftsfra higoen, a fir de Client soen "Wann s de déi nächste Kéier an de Parking am Duerf kënns, hues de eng hallef Stonn gratis". Dat muss natierlech de Geschäftsmann aus senger Täsch bezuelen, mee déi Méiglechkeet besteet, an do ass och den Exploitant ganz oppe par rapport zu esou enger Approche, well och déi gëtt och schonns an anere Stied gemaach, an dat dréit dozou bäi, dass och Cliente fideliséiert ginn op béide Säiten, also deem soll näischt am Wee stoen.

Da géif ech soen, dass mir zum Vote iwwerginn.



**Wien ass mat dem Taxereglement averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, CSV, Dei Gréng an ADR, wien enthält sech? Dat sinn déi Lénk.** Merci.

**4.5. Approbatioun vun den Ännerungen am XIV: Gas - vum allgemengen Taxereglement - Tariffer fir d'Benotze vum Erdgasverdeelungsnetz**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir weider goen op e weidert Taxereglement wou eise Spillraum ganz limitéiert ass, et geet ëm Duerchlafgebür wat de Gas ugeet, do hu mir eng Decisioun kritt Enn November vum Institut luxembourgeois de régulation (ILR), dee jo fir d'ganzt Land hei d'Duerchlafgebühr fixéiert, engersäits wat d'Composante du volume ugeet, respektiv d'Kapazitéit, respektiv awer och d'Redevance mensuelle fixe, dat heescht fir d'Segment 1 wat d'Stéit sinn, d'Segment 2 wat d'Residenzen, respektiv d'Schoule sinn, respektiv d'Segment 3 wou ee mierkt, dass eng Rei d'Tariffer liicht erop ginn, anerer liicht erof gi par rapport zum Joer 2015.

Dat ass eng Decisioun vum ILR, dat ass eng administrativ Decisioun déi mir hei mussen applizéieren an och musse publizéieren, respektiv awer den Aval brauche vum Gemengerot.

Déi Duerchlafgebühr gëtt als Gemeng deene verrechent, déi natierlech eist Netz notze fir Gas anzespeisen.

Zu Diddeleng ass dat ENOVOS, wou déi gréissten ass, natierlech awer och SUDGAZ, an neierdéngs duerch d'Liberalisatioun vum Gasmarché och AÏDA, deene mir d'Gasnetz verlounen, déi eist Gasnetz notzen an duerch déi Notzung ass lo eng Duerchlafgebühr fälleg wou mir hinne fakturéieren, a wéi gesot, dat krute mir matgedeelt vum ILR an iwwer deen dote Wee musse mir dann hei gréng Luucht ginn, fir dass mir dat dann och kënnen ëmsetzen. Dat ass wéi gesot alle Jahre wieder, wou mir e Courrier vum ILR kréien, an dann och dem Gemengerot déi Tariffer hei virleeën.

**Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass unanime, Merci villmools.**

**4.6. Approbatioun vun der Konventioun iwwer d'Missiounsiwwerdroe duerch d'FEDER-Verwaltungsautoritéit am Kader vum Programm "Investissement fir Wuesstem a Beschäftegung 2014-2020"**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir erëm an Duerf zeréck, an de Shared Space, mir hunn hei eng Konventioun virleien déi d'Diddelenger Gemeng mat der Regierung ënnerschriwwen huet, respektiv mam Wirtschaftsministère.

Et ass jo esou, dass mir am Kader vum ganze Shared Space Projet, deen an deenen 3 Phasen iwwert 6 Millioune kascht, jo keng staatlech Subside kréien. Mir hunn awer dee Wee ageleet, dass mir un de Wirtschaftsministère erugetruede sinn, fir ze froen, ob et europäesch Fördergelder gi fir déi dote Moossnam ze ënnerstëtzen, dass mir awer op där Contrepartie wou mir engersäits eng Rei Depensen hunn, awer och eng Rei Recetten hunn, an dat ass och de Fall sou dass mir iwwer dës Konventioun déi europäesch Fördergelder virun allem am FEDER-Programm vun 2014-2020 befannen, an iwwer deen dote Programm och do 40% kréien.

Déi 40% -ech ginn do bësse méi am Detail drop an, wat hei d'Form ugeet - déi 40% ass am Fong de Montant, den hei am Raum steet vun 1 170.000 Euro. Déi 40% foussen am Fong ob deem Deel vum Belag vum Shared Space, och wann de ganze Shared Space eis jo iwwer 6 Millioune kascht an deenen 3 Phasen, alles wat den Ënnerbau ugeet, dat fält net an d'Eligibilitéit vun den europäesche Fördergelder. Wat awer an d'Eligibilitéit fält, ass dee ganze Reaménagement, an dat ass dat wat fir si eligibel ass, a vun deem Volet wat fir si éligibel ass, do kréie mir 40% an dat ass am Fong de Montant vu bal 1,2 Milliounen Euro, einfach fir e bëssen d'Architektur vun den europäesche Fördergelder de Kolleegen aus dem Gemengerot awer ze erklären.

An am Fong schreift dat heiten sech an d'Fördergelder, awer och an de Projet ITI, dat heescht Investissement territorial intégré, a wou mir hei ugezapt hunn, ass an deem Volet wou an deene verschiddenen Achsen vun der FEDER Gelder wou och Moossname geholl ginn, déi zu der CO2-Reduktioun kënne bäidroen, an de Shared Space ass ee Volet, wou fir d'Europäesch Kommissioun an déi doten Achs fält. Dir hutt am Kader vum Dokument déi verschidden Achse jo gesinn, wou een eligibel ka sinn, et gi verschidde Moossnamen, a mir falen do dran.



Wéi heescht et elo hei vun der Form, et ass esou dass mir als Gemeng Diddeleng, als Autorité urbaine untrieden, mir maachen hei d'Selektioun vun engem Projet, dat ass de Projet Shared Space, wou mir dann och eligibel si fir déi 40% ze kréien. Mir mussen de Projet evaluéieren, d'Selektioun dovunner maachen, well mir hei an enger Situatioun sinn, wa mir europäesch Fördergelder kré- ien, dat ass net aneschters wéi an anere Situatioune wou och Depensë jo am Fong stattfannen, wou mir Sue kréien, wou Depensë stinn op där anerer Säit, a wou mir och natierlech vun der Autorité de gestion, wat hei de Ministère de l'Economie ass, respektiv d'Autorité d'audit, dat heescht et gëtt och en Audit gemaach iw- wer den Depensen, dat ass d'Fro vun der Europäescher Kommissioun, respektiv d'Cour des Comptes, dass déi och déi Depensë kontrolléiere kommen, dass mir och kee Schmu mat deene Suen dreiwen, déi vu Bréissel op Did- deleng kommen. Well dat ass e bëssen de Kader an dem Mir eis befannen, dee selwechte Carcan, wéi deen, wou mir hei schonns haten, dat heescht déi Facturen déi mir engagéieren, déi ginn dann och kontrolléiert, an natier- lech an dem dote Kader bei der Selektioun vun deene Pro- jeten, wéi dat och hei an der Konventioun steet, ginn et Leit déi d'Projete sélectionéieren, respektiv dat ass eise Comptabel, an eisen Ingénieur technicien, an eise Ge- mengesekretär, deen am Fong dann d'Supervisioun an de Contrôle mécht, wat déi dote Voleten ugeet.

Déi Sue kommen eis zegutt, déi 1,2 Milliounen Euro hunn oder net hunn, dat ass e valabele Montant, deen eis d'Méiglechkeet gëtt, den dote Projet ze realiséie- ren, a wann de Gemengerot dëser Konventioun gréng Luucht gëtt, da wäerten och déi 1,2 Milliounen Euro fléissen. Dat zu den Erklärunge wat dës Konventioun ugeet, an d'Diskussioun ass op.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci, also mir hätten do nach eng Rei Verständnisfroen zum Punkte an déi éischt Fro bezitt sech dann op d'Prozedur

Ech sinn net sécher ob ech richteg verstanen hunn, dass et drëm geet eng Konventioun vun der Diddelenger Gemeng guttzeheesche mat der Lëtzebuerger Regierung, well de Staat dat muss mat co-finanzéieren a well mir da mussen eis mam Staat zesummen dinn. Well de Staat am Fong eise Projet der Europäescher Unioun virdréit.

Wourauser besteet dann elo déi Autorité de gestion vum FEDER, deen déi Strategie urbaine vun der Gemeng suivéiert an decidéiert ob d'Kritären erfëllt sinn? Dat war déi éischt Fro. Et gëtt nämlech eng Autori- té de gestion erwänt an ech hunn net erausfonnt wien dat Ganzt géif suivéieren. Ech muss soen, ech fannen et och ëmmer e bëssen erstaunlech, dass déi regional Fonge vun der Europäescher Unioun och Investitiounen a räiche Länner wéi Lëtzebuerg ënnerstëtzen. Et geet dobäi wuel dorëms, vun der Bevëlkerung eng ge- wëssen Akzeptanz ze erreechen, wann se gesäit dass d'Europäesch Unioun och fir Projete bei eis Fördergel- der zur Verfügung stellt. Et sollt een dat dann awer och kloer ervirsträichen, well et gi Regiounen an der Euro- päescher Unioun, déi et méi dréngend brauchen.

Mir schwätze vu ronn 1,1 Milliounen Euro, déi mir sol- le kréien. Mir hunn eis du gefrot, op wéi eng Projete genee sech dann déi Ufro vun Ënnerstëtzung géif bez- éien a mat groussem Interessi en Text zu enger "Stra- tegie en matière d'investissement territorial intégré" gelies, deen eis bäiloung.

Doranner gëtt Diddeleng virgestallt mat enger Rei Initiative vum Energieberäich, déi schonns duerchgezu sinn, da gëtt eis zukënfteg Zone de rencontre Nidde- schgaass beschriwwen, wou d'Aarbechten amgaang sinn. An de Quartier Nei Schmelz, wou d'Aarbechten eréischt ugoe wäerten, grad esou wéi bei den Etüden iwwert de geothermesche Potential. Dofir mol meng Fro: Froe mer dann elo eng Ënnerstëtzung un, déi sou- wuel réckwierkend ass wéi och an Zukunft geriicht? Dat war mir e bëssen onkloer.

Ech muss och soen, dass eis wuel aliicht, dass d'Investitiounen an der Niddeschgaass, zwee Stand- been vum Développement durable erfëllt, dat heescht de sozialen an den ekonomeschen Aspekt mee beim ekologesche Standbeen kann een dach Zweiwel hunn. Mir loosse jo nach Autoen duerch de Shared Space fueren, och wann déi Zuel sech wäert verklengeren, a mir loossen och nach Autoen duerch fir eng Parkplaz ze sichen. Eng Aspuerung vu CO2 wäert de Shared Space da wuel bréngen, awer keng maximal.

Dofir nach eng Kéier, wéi een Deel mécht de Shared Space an deene Projeten aus? Ech hunn elo gemengt ze verstoen, dass déi Enveloppe sech wierklech just op de Shared Space bezitt, quitte dass et de Belag ass, mat deem mer och d'accord sinn. Mee ech muss awer och soen, dass mir e bëssen zerrappt sinn, a villäicht och net sou begeeschtert bei eppes wou mir kloer dogéint argumentéiert hunn, fir dann dofir elo e Subsid unzefroen, dofir géife mir eis wéinst der Logik



vun eiser Argumentatioun dann enthalen. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci Här Buergermeeschter, grad wéi déi Gréng hätte mir léiwer eng Foussgänger-zone gehat wéi e Shared Space.

Ech fannen d'Gemeng huet hei awer e gewësse Merite, ze kucke fir europäesch Gelder ze kréien. Et ass effektiv op europäeschem Niveau esou, dass jiddereen eppes kritt, och déi räich Länner – an ech schwätzen hei vun Däitschland an net vu Lëtzebuerg - well soss géifen déi d'Budgeten net stëmmen, wann déi net selwer och e Retour hätte virdrun, Groussbritannien, dat leeft "leider" esou.

Wann déi Sue schonns do sinn, da fannen ech et och richteg dass d'Gemeng sech d'Méi gëtt, sech dofir ze bewerben.

Ech well allerdéngs soen, ech hu selwer e bëssen Erfahrung mat esou Projeten, et kritt ee Suen, mee et soll een awer den administrativen Opwand net ënnerschätze well deen ass grouss.

Dat waren eigentlech all eis Kommentaren. Ech wënschen effektiv dem Här Patrick Bausch vill Courage an ech hoffen e kritt och Hëllef vun anere Plaze vun der Gemeng, well fir een alleng oder dräi Persounen, wéi se am Kontrakt stinn, ass et einfach zevill Aarbecht. Wéi gesot, mir hätte léiwer eng Foussgängerzone gehat, ech sot dat jo dann och hei nach eng Kéier, mir géifen awer deen heite Projet matstëmmen, well mir et richteg fannen, bei sou Projete matzemaachen. Ech soen lech Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Mir sinn der Meenung, wann de FEDER eppes subventionéiert, da solle mir eis op d'Féiss setze fir déi Suen ze kréien, dat ass och ëmmer déi Politik, déi mir ëmmer schonns hei haten, an dat ass vun dësem Buergermeeschter an och vun dem virdrun ëmmer akribesch nogekuckt gi wou mir Suen zegutt hunn, do solle mir se och kréien.

Dofir fanne mir dat heiten eng gutt Saach, et ass natierlech effektiv och sou, ganz flott ze liesen, wéi en Aarbechtsopwand datt ass an och nach eng Kéier Merci un déi Leit déi hei déi ganz Paperassen ausgefëllt hunn.

An dat bréngt mech dann erëm eng Klammer op ze maachen, mir waren, dass nach net laang hir do hu mir eng Konventioun gestëmmt fir eng Cellule nationale d'information pour la politique urbaine, dee berühmte CIPU, deen eis 8.000 Euro d'Joer kascht. Dat ass eng Konventioun mam Staat a mat dräi Gemengen, do huet et geheescht, ja déi hëllefen dann eis och déi Prozeduren do fir Fördergelder ze kréien, ze entaméieren, mee ech denke wann ech dat heite liesen, dat heiten ass hausgemaacht, dat hunn déi Diddelenger ronn bruecht an dofir si mir ëmmer e bësse skeptesch wa mir an esou Konventioune mat esou Gremie ginn, déi dann och Sue kaschten, an ech froe mech wat elo den Input zum Beispill konkret ass, wat de CIPU eis elo bruecht huet bei der Ausaarbechtung vun dëser Konventioun, dat ass eppes wat awer mol net oninteressant ass gewuer ze ginn.

Meng Froen, déi schléissen sech un un dat wat d'Madame Goergen gesot huet, mir war och net ganz kloer, déi Autorité de gestion an och eng Autorité de désignation, et ass e bësse komplizéiert beschriwwen.

An dann, wat ech och ganz komesch fannen, am Artikel 5 vun der Konventioun, d'AG dat ass jo dann de Ministère, wann ech dat richteg verstanen hunn, "vérifie les opérations et les procédures à entamer avant qu'elles ne démarrent". Elo si mir jo awer schonns bal am Finish, kann een dat dann awer iergendwéi sou soen, ja dach, mir maachen awer elo virun, oder musse mir elo waarde bis mir dann do en Accord kréien fir dann eben den Endbelag op de Buedem ze maachen, bis mer dann alles do duerch kontrolléiert hunn, dat ass e bësselchen onkloer.

An dann, wat ganz schéin ass, dat ass déi ganz Stratégie de la ville de Dudelange en matière d'investissement territorial intégré, den ITI, dat war wierklech ganz flott ze liesen, dat war och bëssen esou d'Politik, déi mir hei alleguerten, oder plus minus alleguerten hei verfollegen ebe fir energieneutral ze schaffen an et ass alles och schéin erkläert ginn, mä et si Saachen dran, zum Beispill "surtout le trafic transitant le centre-ville sera motivé d'éviter l'avenue Grande-Duchesse Charlotte", do feelen dann awer och Saachen.

Mir hunn et do akribesch vermësst, dass do guer net drop agaange ginn ass zum Beispill op d'Vuë vum Transit-Chaos an der Lëtzebuerger Strooss, dat ass e bëssen esou ënnert den Dësch fale gelooss ginn, also ech mengen hei hätt een do kënnen eng Visioun maachen, och fir de Leit dobausse visibel ze maachen, mir këmmeren eis net nëmmen ëm de Shared Space, dat ass dat och wat d'Leit do bausse soen, mee wéi eng Vuen huet Diddeleng fir zum Beispill de Problem



vum Chaos vum Agank vun Diddeleng e bësselchen an de Gréff ze kréien.

Et hätt ee kënnen hei nach bësse méi wäit aushuele well zum Beispill wat de Projet de développement Nei Schmelz ugeet, do ass jo wierklech ganz flott schonns Saachen opgeholl ginn, déi mir och an der leschter interessanter Konferenz héieren hunn, zum Beispill iwwert d'Geothermie ass hei schonns geschwat ginn, a si hu gesot, dat ass e Punkt dee mir nach vermëssen, mä am grousse ganzen ass et flott déi Iwwerleeunge mol gemaach ze hunn, a wéi eng Richtung gi mir, dat ass och e valabele Paper, dee mir och kënnen de Leit dobaussen eng Kéier presentéieren, wéi eng Vuen huet de Gemengerot, wéi eng Vuen huet eis Stad fir eis weiderzeentwéckelen, mee wéi gesot, et ginn nach puer Onkloerheeten, a virun allem d'Onkloerheeten, wat huet d'Cellule nationale d'information nationale pour la politique urbaine hei dozou bäigedroen, dass mir déi Konventioun hei ausgeschafft hunn? Mä d'CSV steet awer hannert dëser Konventioun. Merci.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, ech hu just eng Fro, déi "Stratégie de la Ville de Dudelange" mat hirem "Investissement territorial intégré", vu wéini ass déi? Déi ass net datéiert. Dat wier interessant ze wëssen, am Wäerdegang vun der ganzen Demande. Dat ass jo am Fong dee Pabeier, deen exposéiert, firwat mir mengen, dass mir e Recht op déi Suen do hätten, wat fir eng Saache mir uviséieren, wéi ee Projet mir hunn, wéi d'Modalitéite sinn, an et wier awer interessant ze wëssen, vu wéini déi Strategie do ass. Well do steet zum Beispill dran op der Säit 2: "l'utilisation possible de l'énergie éolienne est en cours". Et ass jo awer lo kloer definéiert ginn am leschte Gemengerot, dass dat vum Dësch ass. Also mat Wandkraft ass hei zu Diddeleng näischt méiglech, well kee valabele Site fonnt ginn ass a well net Wand genuch do ass. Dann ass et am Fong, mengen ech, e bësse faul, wa mir dat elo nach hei dra setzen an esou e Strategiepabeier deen dat soll motivéieren, an deem Moment, wou mir schonns d'Resultat hunn, dass déi Etude en negatiivt Resultat bruecht huet. Dofir schéngt et mir wichteg ze sinn, ze wëssen, ob den Datum vun der Strategie virun där Ausso läit, oder duerno.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci, ech mengen et ass vill gesot ginn, de Buergermeeschter huet eis och all déi néideg Erklärunge ginn.

Anescht wéi villäicht elo déi Gréng si mir ëmmer der Meenung gewiescht, dass d'Foussgängerzon heiansdo den Dout bedeit vun der Geschäftswelt. Mir sinn op en anere Wee gaangen, wann dat kee gudde Projet gewiescht wier, géife mir och keng europäesch Gelder dofir kréien. Et ass e gudde Projet an et dierf een dat elo net esou gesinn dass ee seet firwat kréie räich Länner iwwerhaapt Sue vun Europa fir esou Projeten ze realiséieren? Eech muss soen, et ass och sou dass Lëtzebuerg an Europa abezilt dass och net esou, dass do en Ënnerscheed gemaach gëtt, och wa mir e räicht Land sinn, mir bezuelen do an an ech fannen et absolut begréissenswäert, dass d'Stad Diddeleng fir esou e Projet, deen eng Opwäertung vum Stadkär ass, ass och nach e Subsid vun europäesche Gelder kritt, méi dozou ass net ze soe Merci.

Colette Kutten (Déi Gréng): Just nach kuerz ee Saz: Mir sinn net dogéint, dass d'Gemeng déi Suen ufreet an déi Suen och kritt, mir fannen et just an eiser eegener Logik, wou mir eis virdrun enthalen hunn, dass mir eis och hei enthalen. Ansonste fanne mir, dass déi Handlungsweis an déi Strategie ganz logesch ass, awer mir selwer enthalen eis, well mir eis eben och géint d'Foussgängerzon ausgeschwat hunn. Just fir dat nach eng Kéier kloer ze maachen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, generell fir d'Zoustëmmung wat d'Konventioun ugeet, ech wäert e bësse méi wäit aushuelen, dann ergi sech villäicht eng ganz Rei Erklärungen.

Am Fong, wéi mir hei am Gemengerot de Shared Space gestëmmt hunn, hu mir doropshi Kontakt opgeholl - well mir woussten dass keng Subside gi vun de Ministèren - mam Wirtschaftsministère fir europäesch Fördergelder, an do schléissen ech mech der Madame Di Bartolomeo un. Lëtzebuerg ass en Deel vun Europa investéiert och doranner, an iwwert deen dote Wee sinn natierlech och Montante verschiddener Natur, op déi Lëtzebuerg och kann zeréckgräifen, an ech muss soen, dass am Wirtschaftsministère den Departement gëtt, dat sech nëmmen ëm FEDER bekëmmert a mir haten och an der Ausaarbechtung vun dëser Konventioun, och mat zwee Mataarbechter vum Wirtschaftsministère ëmmer intensive Kontakt, ganz vill Reuniounen, déi hunn eis déi ganzen Zäit ënnerstëtzt, och an der Ausaarbechtung vum Dossier, deen zu dëser Konventioun gefouert huet. Well d'Konventioun ass



d'Consecratioun vun enger Viraarbecht déi geleescht ginn ass vun der Gemeng mat hire Beamte wéi awer och mat de Beamte vum Wirtschaftsministère vum Departement wat d'Fördergelder ugeet, an dofir ass och dat Departement wat sech ëm de FEDER bekëmmert och d'Autorité de gestion, dat sinn och fir eis Facilitateuren, déi och den Interface spille par rapport zu der Europäescher Kommissioun.

Et ass sou wéi et opgebaut ass, dir hutt den europäeschen Niveau, Dir hutt den nationalen Niveau iwwert de Ministère mam Departement an de lokalen Niveau wou mir als Gemeng d'Autorité urbaine sinn, wann een dat bëssen an de Kader vun der Architektur setzt.

Natierlech hu mir d'Demande gemaach fir Suen ze kréie par rapport zum Shared Space, an och do hu mir misse kucken, dat ass prinzipiell den Ausgangspunkt, an do hu mir natierlech och missen argumentéieren, respektiv och kucke vun der Strategie hir, wat sinn déi verschidden Achse bei de Fördergelder, wou am Fong déi doten Demande kann drop grefféiert ginn. Do muss jo och eng Identifikatioun sinn, esouwuel fir d'Gemeng wéi awer och fir d'Europäesch Kommissioun, fir dass mir iwwerhaapt déi Suen hei kréien.

Natierlech hu mir awer och un d'Häerz geluecht kritt, an och dat ass keen Eenzelfall, dat ass fir all Gemeng déi an e FEDER-Projet mat eraklëmmt, dass een net nëmme punktuell déi Demande areecht, mee dass et eng Global Vision muss ginn, an ech muss soen, den Dossier hu mir virum Summer 2016 eragereecht, well duerno ass et och an déi verschidde Validatiounsgremie komm. Do ass eist Dokument nach eng Kéier analyséiert ginn um Lëtzebuerger Plang, um europäesche Plang, dofir sot ech d'Konventioun déi mir hei virleien hunn ass d'Consécratioun vun enger ganzer Rei Etappen, enger ganzer Rei Demarchen, déi mir am Virfeld gemaach hunn, an et kommen elo nach Etappen no, wa mir Depensen engagéieren an duerno Kontrolle gemaach ginn esouwuel vum Ministère wéi och vun der Europäescher Kommissioun, dofir och déi Erklärung, dass dee Parc éolien nach hei drasteet wou mir Enn des Joers zur Erkenntnis komm sinn, dass dee Projet eben näischt gëtt, mee et gëtt ëmmer verlaangt, dass een eng global Strategie ass, a mir waren an den Delaien och immens kuerz gebonnen, well mir och niewent där doter Strategie eng Rei aner Dokumenter hu missen erareechen, wou eis Demande och konnt doropshi gepréift ginn.

Dofir dann och d'Fro, dass dat heiten elo zougeséchert ass, an dass d'Aarbechten amgaange sinn, dat war alles kee Problem, dat ass alles och mam Ministère ofgeklärt.

Dat e bëssen de globale Kader, ech hu mir just d'Fro gestallt bei Déi Lénk, waart dir fir oder géint de Shared Space? Hat Dir derfir oder dergéint gestëmmt oder hat Dir Iech enthalen.

Joseph Thill (Déi Lénk): Éierlech gesot, dat weess ech net.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech mengen, Dir waart dofir. Dofir sinn ech ganz erstaunt, dass dir Iech hei wëllt enthalen. Dat zu der logescher Konsequenz vu politeschen Acten.

Joseph Thill (Déi Lénk): Neen, ech hu gesot, ech géif begréissen, dass d'Gemeng déi Demande gemaach huet an den Opwand op sech geholl huet, dofir géif ech fir dee Projet stëmmen. Dat verhënnert awer net, dass ech perséinlech nach ëmmer mengen, dass de Shared Space net déi beschte Léisung ass. Well ech hei awer och eng gewësse Meenungsfräiheet hunn, och innerhalb menger Partei, bréngen ech dat och zum Ausdrock.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi dote Präzisiounen. Da wollt ech awer soen, an do sinn ech Ärer Meenung, et ass en administrativen Opwand, deen net negligeable ass, do hutt Dir vollkomme Recht, an ech menge verschidde Leit hunn dat hei gesot.

Mä och do, souwuel wéi bei der Ausaarbechtung vun dem ganzen Dossier dee mir an d'Prozedur geschéckt hunn, wéi och elo duerno, hunn déi Mataarbechter vum Wirtschaftsministère eis kloer veséchert, dass mir all Moment op si ziele kënnen, an ech muss soen, a mir maachen hei déi selwecht Erfahrung déi mir och bei deene viregte FEDER-Projete gemaach hunn, dass och hei vu Säite vum Wirtschaftsministère mat senge Beamten hei eng ganz pragmatesch Approche ass fir déi Dossieren hei ze maachen, an ech denken dass dat generell de Gemengen och dann zegutt kennt.

Wat d'Konventioun vum CIPU ugeet, déi spillt hei net, well mir hei par rapport zum CIPU an der Situatioun sinn, mir haten hei d'Konventioun, d'Gemeng huet jo och e Budget engagéiert, do war eng Ausschreiwung



fir e Bureau, dat war och an der Konventioun, deen och elo d'Gemeng soll begleeden, dat ass e Prozess deen ass elo um Punkt fir ofzeschléissen, an doropshi kann de CIPU seng Aarbecht ophuelen. Dat heescht, dat heiten ass zu engem Moment gelaf, wou déi Konventioun vu CIPU och guer net hei am Gemengerot thematiséiert gouf, well dat war jo nach duerno.

Ech sinn op alleguerten d'Punkten agaangen, wat déi verschidden Autoritéiten ugeet, an déi verschidden Démarchen déi mir hei gemaach hunn, Par rapport zu der Strategie an ech géif iech da proposéieren dass mir zur Ofstëmmung kommen.

**Wien ass mat der Konventioun averstanen? Dat ass LSAP, ADR, CSV, Déi Lenk**
**Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng.**
Merci an d'Recette communale seet och Merci.

**4.7. Approbatioun vu verschiddenen Devisen**

Ech géif Iech proposéieren, dass mer elo weiderfuere mat enger ganzer Rei Devisen, déi sech aschreiwen an de Budget 2017. Ech huelen se duerch an da kënne mir duerno eng Diskussioun doriwwer féieren.

Et sinn Devisen déi ee ka regroupéieren, well se verschidde Projeten uginn.

**4.7.1.** Dat ass engersäits en Devis fir eng Waasserleitung am Kader vum PAP an der Rue Dominique Lang, dat sinn 18.000 Euro.

**4.7.2.** An dann ass och e Kanal dee mir do leeë fir de Gas, och am Kader vum PAP an der Rue Dominique Lang, dat sinn 14.000 Euro. Déi musse mir ersetze well do am Kader vum PAP och déi Leitungen do al sinn.

**4.7.3.** Dann ass et eng Waasserleitung ze verleeën an der Rue Lucien Wercollier 15.000 Euro.

**4.7.4.** An der Rue Wercollier ass och eng Gasleitung ze verleeën fir 12.000 Euro.

**4.7.5.** Dann hu mir am Kader vum PAP Lidl eng Waasserleitung fir 40.000 Euro.

**4.7.6.** Weiderhin hu mir am Kader vum PAP Lidl eng Gasleitung fir 35.000 Euro.

**4.7.7.** Da musse mir op eng extern Equipe zeréckgräife fir eis Waasserleitungen, dat sinn 120.000 Euro well en contrepartie mer jo am Kader vum Comptage intelligent och eis Leit am Asaz sinn.

**4.7.8.** Dat selwecht gëllt fir d'Gasleitung, dat sinn 120.000 Euro.

**4.7.9.** Dann hu mer 80.000 Euro fir eng Fotovoltaikanlag an der Gaffelter Schoul, dat esouwuel beim Ausbau vun der Maison Relais, mä awer och den Ausbau vun der Schoul, vun deene 4 Klassesäll, do sinn déi 80.000 Euro fir déi 2, wou en contrepartie awer och e Subsid vum Ministère virgesinn ass.

**4.7.10.** Dann ass en Devis vu 6 500 Euro fir Storen an der Maison Relais Lenkeschléi.

**4.7.11.** Dann hu mir awer och hei eng Rei Devise wat de Strutzbierg ugeet, do ass et d'Mise en sécurité vum 1. Stack a vu de Comblen, dat si 45.000 Euro, do muss e Compartimentage gemaach ginn.

**4.7.12.** Dann ass d'Gasstatioun am Kader vu Projet Lycée Nic Biver, Centre René Hartmann, déi versat muss ginn, dat sinn 150.000 Euro.

**4.7.13.** Da ginn d'Büroe vun eisem Département financier, dat si 25.000 Euro.

**4.7.14.** Och d'Sekretariat am Service technique gëtt ëmgebaut fir e besseren Accueil ze garantéieren, dat ass e Montant vun 13 500 Euro.

**4.7.15.** D'Mise en conformité vun der Nuddelsfabrik, wou mir och dru gebonne sinn, dat si 17.000 Euro.

**4.7.16.** Am Centre de santé scolaire, 28.000 Euro fir de Compartimentage vun der Trap, do musse mir nozéien um Niveau vun der Sécherheet.

**4.7.17.** Weiderhin hu mer e Proufsall, dee mir wëllen amenagéieren am Kiosk am Parc Le'h, dat si 25.000 Euro, also deen zweete Proufsall.

**4.7.18.** Dann hu mir nach an eisem Gemengemusée, do gëtt e Monument aus Zénk frësch gemaach um Dag, dat ass nogemaach gi par rapport zum Original, dat ass 32.000 Euro.



**4.7.19.** Dann ass virgesinn, dass mir am Boulodrom en Dach musse frësch maache well en net méi gutt ass, dat ass e Montant vu 50.000 Euro.

**4.7.20.** An dann hu mir och nach zum Schluss e Quality Book, wou mir wëlle maachen, an Héicht vun 20.000 Euro. Et ass e bëssen e Cahier de charges, dat mir wëllen opstelle fir allgemeng eis Gemengegebaier, respektiv och Schoulen, fir datt een och do eng gewësse Standardisatioun huet, wat verschidde Geräter ugeet. Dat geet vun de Krinn bis de Mobilier an de Schoulen, fir dass een do eng gewëssen Eenheet huet.

Ech hu probéiert duerch déi verschidden Devisen ze goen an d'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci. Et gëtt do net vill Diskussioun, et gëtt haaptsächlech vill Froen déi dat doten opwäerft: Déi éischt Fro: Dat huet mech e bësse stutzeg gemaach, dass mir mussen op eng "Equipe externe de poseurs pour conduites" zréckgräife fir eng véirel Millioun. Mir hu jo awer eegen Servicer, déi Gas- a Waasserleitunge verleeën. Kuerz virdru schwätze mir jo vu Leitungen déi mir an der Lucien Wercollier an Dominique Lang Strooss am PAP verleeën, firwat kënnen déi dat doten net maachen? Firwat musse mir do op Externer zeréckgräifen? Sinn eis net kompetent dofir oder ass do eng extra Schwieregkeet, oder hu mir einfach net Leit genuch déi dat kënne maachen an eise Servicer? Dat ass eppes wat mir jo schonns e bësse kritesch beuechten, firwat musse mir dann nach trotzdem op Externer zréckgräifen?

Da bei der Schoul Gaffelt, do ass en interessanten Detail deen dir eis ginn hutt, dass et sech net ëm 1 mee, ëm 2 Fotovoltaik-Anlagen handelt, eng op der Maison Relais an eng op der Schoul.

Dann déi Saach mat der Salle de répétition am Kiosk Parc Le'h: aus verschidden Ursaache gi jo elo sou Repetitiounssäll ëmmer méi akut, zum Beispill wann d'Veräinshaus ofgerappt gëtt, do ass d'Fro, fir wien ass dee Sall elo schonns bestëmmt? Gëtt et do schonns en Notzen, dee festgesat ginn ass? Wie mécht d'Gestioun vun dem Repetitiounssall am Kiosk vum Parc Le'h a wien huet de Schlëssel dozou?

An ech hat mer e Fragezeiche gemaach bei der Saach mat deem "Quality Book" do, ass dat net eppes dat d'ITM misst maachen? Wou ass do eng offiziell Instanz déi kann hëllefen, déi heiten Décharge opzesetzen? Do hätte mir gären Detailer dozou. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech hätt eigentlech just eng Fro, dat betrëfft de Renouvellement de la station de gas am Centre sportif, ëm wat et sech do genee handelt.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech hätt och eng Detailfro, vun der Pos vun der Conduite de gas an d'Waasser an der Rue Dominique Lang: Ass dat wat mir hei ëmmer votéieren, also déi Pos, ass dat just geduecht an der Strooss oder ass dat geduecht déi Pos bis bei d'Haiser. Dann ass meng Fro, wie bezilt dann d'Aarbecht iwwert den Trëttoire eraus? Dat war eng Fro wou och Bierger eis gestallt hunn.

A muss all Proprietaire matgoen, wann an der Strooss eng nei Pos gemaach gëtt, fir dann och den Access bis bei d'Haiser ze kréien, a kréien déi Leit am Virfeld och en Devis wat dat géif kaschten? Well do waren e puer Leit, déi heiansdo iwwerrascht ware wann opgerappt ginn ass an herno kruten se eng Rechnung wou se net wosste wat do géif op se duerkommen. Dat war just eng Detailfro nach, Merci.

Marc Lazzarini (LSAP): Merci, ech wollt just iwwert de Proufsall kuerz soen, dass mir dat eng ganz gutt Saach fannen, dass dat gemaach gëtt, et ass jo de Moment och schonns een do. Et ass elo en zweete gemaach, dat ass e Besoin zu Diddeleng well et si méi Gruppe wéi Proufsäll do. Vun do aus kënne mir dat nëmme begréissen dass dat gemaach gëtt. Geréiert gëtt dat menges Wëssens vum Centre culturel, an et ass den Här Rech, deen dat geréiert.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi dote Stellungnahm, da ginn ech op verschidde Punkten an.

Am Kader vun der Diskussioun gouf gesot, dass mir déi extern Servicer zeréckgräife fir d'Pos vum Gas a Waasser well eis Servicer, déi mer effektiv hunn an déi dat normalerweis maachen, den Deploiement vum Comptage intelligent schaffen, dat heescht mat de Stroum- a Gaszieler, déi intelligenter Natur sinn, dat ass jo deen neie Modus, deen agefouert gëtt, wou och Europa Verpflichtungen huet an och Lëtzebuerg



verflicht ass, dat heescht eis Servicer sinn domadder amgaangen, an am Kader awer vun den Obligatiounen déi mir hei hunn, par rapport zu enger ganzer Rei Projete gräife mir op eng extern Déngschtleeschtung zeréck fir déi kennen ze maachen.

A fir op déi aner Fro ze äntweren, ass dat natierlech alleguert Saachen déi am ëffentleche Raum stattfannen, well am Kader vun de PAPen, deen Deel wou privatif ass, dat iwwerhëlt normalerweis de Promoteur, respektiv déi Privatleit, mee Generell wa mir Stroossen oprappen, gi mir de Leit déi Méiglechkeet, wann si gäre wëllen, kënnen si hir Gas- a Waasserleitungen erneieren, wann se wëllen. Si mussen net. D'Leit hunn ëmmer de Choix.

Entweder mécht den Entrepreneur et, dee grad eben d'Strooss frësch mécht, dee kann och en Devis ginn, well dee jo da säi Material op der Plaz huet. Dat heescht, d'Leit kënnen op déi Offer zeréckgräifen, d'Leit kënnen awer och op en aneren Entrepreneur zeréckgräifen, de Choix gëtt de Leit d'office ëmmer gelooss, an da gëtt de Leit och ëmmer an den Informatiounsversammlunge gesot, wa Stroosse frësch gemaach ginn, dass se op déi Offer kënnen zeréckgräifen, an da kënnen d'Leit selwer d'Decisioun huelen op se et maachen oder net an déi meescht Leit ginn op déi Offer an, well se dann och wëssen, dass d'Strooss duerno net méi opgerappt gëtt, respektiv datt et effektiv fir si méi deier gëtt wann se e puer Joer duerno d'Strooss bei hinnen oprappen op privatem Deel fir sech un den ëffentlechen Deel unzeschléissen, wéi gesot déi Informatioun kréien d'Leit ëmmer.

Par rapport nach eng Kéier zum Quality Book, dat ass e Cahier de charges dee brauch een awer net mat der ITM duerchzegoen, dat ass e Cahier de charges, wou gekuckt gëtt, wat sinn d'Standarden, sief et vu Mobilier an de Schoulen, vun Tafelen, vu Schief, vu Krinn op den Toiletten, vu Lavaboen,... dass een einfach do an de Schoulsäll gewësse Standard huet, an dass een do net eng Rei Diskrepanzen huet. Et ass einfach dat wat mir wëllen opstelle fir och de selwechten Niveau ze hunn, an dat maache mer op Basis vun den Erfahrungswäerter vun de leschte Joeren, well mir jo och kontinuéierlech an déi verschidde Schoulgebaier investéieren.

An dann d'Renovatioun vun der Gasstatioun, déi Fro, déi den Här Thill gestallt huet. Dat ass eben esou, well mir an der Gestaltung vum Park, wou mir och Terrain ofgetruede kritt hu vun de Proprietairen, wou mir am Gemengerot driwwer geschwat hunn, vun der Madame Funk, respektiv och den Amenagement, et ass esou, dass déi Gasstatioun, déi elo do ass muss geréckelt ginn aus Sécherheetsgrënn, fir och de Passage kënnen ze garantéiere fir de Foussgänger, dofir muss een dat hei maachen, dofir hu mir dat am Kader vun dësem Devis hei virleie fir dat och am Budget 2017 kënnen ëmzesetzen.

Da geet de Loris Spina nach op d'Proufsäll an.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci, ech wollt dat dann och nach eng Kéier do beäntwere wat den Här Gangler gefrot huet iwwer den zweete Proufsall. Effektiv hu mir 1 Proufsall um Kiosk, deen ass dann awer e puer Meter méi déif wéi deen neien. Am Moment sinn dräi Diddelenger Gruppen déi do aktiv prouwen, dat heiten ass e weidere Schratt vun eiser Säit aus fir déi aktiv kreativ Zeen hei zu Diddeleng weider ze ënnerstëtzen, sou dass mir deen heite Proufsall ähnlech wäerten zur Verfügung stellen.

Dee gëtt vun der Gemeng geréiert, mat de Puce weess een och, wéini wien do eran an eraus leeft, an de Raum gëtt ofwiesselnd de Gruppen zur Verfügung gestallt, déi sech dann hei kënne bei der Gemeng mellen, wann do een e Besoin huet, an da probéiere mir, dat esou ze verginn, dass dat optimal kann ausgenotzt ginn. Natierlech ass een ëmmer erëm limitéiert, well d'Gruppe jo och relativ vill Material matbréngen, sou dass een net onendlech vill Gruppen an esou engem Sall kann ënnerdag bréngen, mee dat gëtt intern geréiert, an do ass e regelméissegen Austausch mat deene Museker, déi do sur place sinn, sou dass mir do en excellente Kontakt hunn, an dat klappt einwandfrei bis elo a mir wäerten dat och am zweete Sall esou maachen, dass dat kann optimal ausgenotzt ginn.

Jean-Paul Gangler (CSV): Et deet mer wierklech elo schrecklech leed, mä ech hunn Är Erklärung mat deene Poseur-externen net verstanen.

Am Fong geholl outsource mir jo hei eppes, wou ech awer gär wéisst, firwat kënne mir dat selwer net? Wann et ëm intelligent Zielere geet, déi maache mer jo lues a lues iwwerall, déi misste mir jo och am PAP vun der Dominique Lang Strooss maachen. Wisou kommen déi Poseur-externen dann net dofir och nach, respektiv firwat kënnen eis Leit dat Anert net maachen? Dat ass fir mech net ganz kloer, wann der mer dofir nach Explikatioune kéint ginn? Merci.





Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Also déi Equipe externe déi ass nëmmen temporaire wou antrëtt. Mir si voll amgaange mat den elektroneschen intelligente Stroum- a Gaszieler, an dat maachen eis Leit, déi gi vu Ménage zu Ménage fir dat kënnen ze maachen, do muss jo den alen Zieler erausgeholl ginn, an en neie muss dra gesat ginn, an dat mécht eist Gas- a Waasserwierk. An déi Zäit wou se dat maachen, mir hu jo hei zu Diddeleng 8.000 Stéit, quitte dass mir dat a Phase maachen, wann se dat maachen, dat ass eng zimlech opwenneg Aarbecht, kënnen si déi aner Obligatiounen déi mir hunn net maache während där Zäit. Dofir d'Logik dass mir Punktuelle op déi zeréckgräife fir déi Aarbechten.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ja ech hunn nach eng Nofro mat dem Quality Book, do hutt dir eis erkläert dass dat ass fir d'Saachen ze standardiséieren, mee ech verstinn do elo awer net, dass mir en externen Architekt mussen huelen, well hei steet am Devis en Architektenhonorar vu 17.000 Euro, a mir hu jo awer eis Servicer, a mir hunn technesch Servicer a mir hunn awer och vill Leit déi genee sur place wëssen, wéi wat ass, an ech gesinn dat net an dass mir do mussen awer 20.000 Euro bezuelen, woubäi mir jo awer och genuch technescht Personal hunn, déi awer kënnen e Relevé zesummesetzen, also mat dem Punkt si mir net averstanen, dass do esou e grousse Montant muss un en externe Consultant bezuelt ginn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech huelen déi Remarquen zur Kenntnis. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vote iwwerginn.
Solle mir getrennt ofstëmmen?
Oder gëtt et den een oder aneren, wou mer getrennt ofstëmmen oder déi eng oder aner wou mir kënne gemeinsam ofstëmmen?
Oder alles getrennt? Also wou solle mir getrennt ofstëmmen? Fir d'Pose externe a fir de Quality Book.
Gutt, sinn nach aner Punkten, fir déi separat wëllt ofgestëmmt ginn? Neen? Gutt.

Da géif ech proposéieren, dass mir **gemeinsam ofstëmmen iwwert dës Devisen ausser déi dräi, déi genannt gi sinn.**

**Wien ass mat den Devisen averstanen? Dat ass unanime.**

Wien ass mat deenen **zwee Devise wat d'Mise à disposition vun der Équipe externe fir d'Waasserleitungen, respektiv d'Gasleitungen, averstanen?**
**Dat sinn LSAP, Déi Greng déi Lenk an den ADR.**
**Wien enthält sech? Dat ass CSV.**

Da komme mer bei **d'Quality Book, wien ass mat deem Devis averstanen? Stëmme vun LSAP, Déi Gréng an ADR.**
**Wien enthält sech? Déi Lenk an CSV.**

### 4.8 Verdeele vun ausseruerdentleche Subsiden

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mer bei d'Subsiden an dat ass 750 Euro fir den HBD an der Qualifikatioun fir d'Männer an den Aachtelsfinalle vum Challenge-Cup. **Wien ass mat deem Subsid averstanen? Merci fir d'Unanimitéit.** Da komme mir eriwwer op d'Gemengekommissiounen.

**Wien ass mat deem Subsid averstanen? Dat ass unanime.**

## 5.GEMENGEKOMMISSIOUNEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dëse Punkt fält d'Commission ad hoc Mémoire collective, do gëtt proposéiert, datt den Här Louis Pavan an den Här Marc Michaux als Member genannt ginn, fir déi Commissioun ad hoc Mémoire collective. Et ass jo déi wou sech virun allem eemol an der Woch trëfft an dee ganzen Archivage an d'Dokumentatioun mécht, wat d'Mémoire vun Diddeleng eben haut ugeet.

Dann hu mer Wiesselen an anere Kommissiounen: An der Gläichheetskommissioun ersetzt d'Emilia Oliveira de Bob Claude, an der Schoulkommissioun ersetzt d'Emilia Oliveira d'Josiane Di Bartolomeo-Ries, an am Pool des Remplaçants kënnt d'Claudia Steffen derbäi.

Alles dat si Leit vun der LSAP an do läit och de Courrier vir. Ass de Gemengerot mat deene Modifikatiounen averstanen? Jo? Gutt, da soen ech och hei dem Gemengerot Merci. Da komme mir elo op de Punkt 6.

## 6. GEMENGESYNDIKATER

### 6.1. PRO-SUD - "Leitbild des Südens" - Presentatioun an Diskussioun

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech proposéieren, datt mir mam PRO-SUD ufänken. Am Fong ass hei d'Iddi, dat neit Leitbild vum PRO-SUD virzestellen, an der Kontinuitéit vun der Ëffentlechkeetsaarbecht, déi PRO-SUD an enger ganzer Rei Joeren awer ganz resolut sech zu Häerz hëlt, fir och dobaussen, respektiv an de Gemengen ze informéiere wat e mécht an och e bëssen e Stand ze ginn iwwert déi Visiounen déi en huet.

D'Chronologie ass déi, datt dat éischt Leitbild 2005 entstanen ass, am Hierscht 2015 e Workshop war wou ronn 80 Vertrieder sech e ganzen Dag zesumme gesat hunn an iwwert d'Zukunftsvisioun vun der Südregioun geschwat hunn. A mir haten eis och als Verpflichtung geholl, als PRO-SUD, datt mir eis e Joer Zäit gi fir déi Propositiounen, déi um Dësch louchen, ze verschaffen. Mir hunn eis och un eist Wuert gehalen, datt mir e Joer duerno och déi politesch Validatioun kritt hunn, dat heescht, dës Visiounen sinn och am Comité validéiert ginn, sou wéi dat sech gehéiert.

Am Dezember hate mir d'Virstellung vun deem Leitbild an haut presentéiere mir d'Leitbild kuerz am Gemengerot a setzen et zur Diskussioun. Wéi gesot, dat gehéiert zu der Ëffentlechkeetsaarbecht, déi wichteg ass, well déi an der Vergaangenheet oft bemängelt ginn ass. Mir hunn eis dat wierklech zu Häerz geholl, fir resolut méi ze kommunizéieren an d'Ausschaffe vun engem Leitbild gëtt engem och eng konkret Geleeënheet.

Ech wëll soen, datt déi 80 Leit, déi do de ganzen Dag zesummesouzen, Leit waren aus Gemengen, aus der Fuerschung, vu verschiddene Ministèren an Administratiounen, déi sech do abruet hunn an och aktiv mat waren, an och deen een oder aneren aus dem Gemengerot huet sech och an deem engen oder anere Workshop mat ageschriwwen an huet och aktiv matgeschafft un dësem Leitbild.

D'Leitbild presentéieren ass e ganz flotte Moment, well d'Südregioun eng dynamesch Regioun ass, déi am Strukturwandel ass, wou ganz vill nei Erausfuerderungen, generell fir de Süden, sech bidden, am Alldag a punkto Zesummeliewen, Schaffen, Mobilitéit an Ëmwelt.

Dat fënnt een hei erëm a virun allem well d'Südregioun eng Regioun ass wou en Drëttel vun der Bevëlkerung sech ophält, eng Regioun ass, déi dicht besiedelt ass





a wou natierlech d'Uni, déi an de Süde kënnt, e ganz flotte Motor ass wou eng ganz Rei Synergië ronderëm kënne stattfannen.

E Leitbild wéi dat heiten ass sécherlech nët en eemolege Prozess. 2005 ass dat éischt entstanen. Dat heiten huet elo eng Visioun fir déi nächst 10 Joer a wäert sécherlech nach eng Kéier iwwerschafft an adaptéiert musse ginn, mee et gëtt einfach eng kloer Visioun, en Ziel wou ee well higoen, wou een sech dann och an d'Verpflichtung hëlt fir dat ëmzesetzen, mat de Gemengen zesummen, ouni hir Autonomie ze beschränken, an och zu enger Corporate Identity vun der Südregioun bäidréit.

An och d'Froestellung opwäerft: Woufir steet de Süden a wou wëll de Süden an den nächsten 10, 15 Joer hin?

An och iwwert deen dote Wee kann een d'Wäiche kloer stellen.

D'Entscheedung fir d'Ëmsetze vun dësem Leitbild an den Erfolleg vun dësem Leitbild kann nëmme funktionéieren op der Aart a Weis wéi geschlossen de Süde mat senge Memberen, mat senge Gemengen hannert dëser gemeinsamer Zukunftsbestëmmung stoe wäert, fir dës Visiounen an dës Strategien ëmzesetzen iwwert e jäerlechen Aktiounsplang, deen een sech da gëtt an deenen nächste Joeren, a wou natierlech och iwwert eng Konventioun déi de PRO-SUD mam Nohaltegkeetsministère (MDDI) huet, och ëmmer finanziell matgedroe gëtt, wou mir Sue kréie fir deen Aktiounsplang dann och ëmzesetzen.

Dëst neit Leitbild huet 8 Handlungsfäll mat enger ganzer Rei Themen dran. Ech gi sécherlech nët op déi verschidde Punkten an, well dat am Fong d'Spigelbild ass vun deem, wat déi Leit, déi an deene Workshope matgeschafft hunn och mat op de Wee ginn hunn.

8 Handlungsfäll dann, engersäits d'regional Entwécklung, dorauser ass de PRO-SUD entstanen, well de PRO-SUD sech och als Netzwierk gesäit, als Sproochrouer vun der Südregioun, wou een dann och op de Wee geet vum Plan sectoriel, wéi dat och an der Vergaangenheet war a wéi dat och an der Zukunft wäert si wann déi nei virgestallt ginn, datt een och do eng Positioun dozou hëlt an och seet wat een dovun hält. An datt de PRO-SUD och eng regional Ulafstell ass.
Dann ass natierlech och dee ganze Volet ronderëm Siedlungsentwécklung, ronderëm d'Stadentwécklung, datt et wichteg ass, datt engersäits d'Stadzentre gestäerkt ginn, mee datt awer och d'Studenteliewen am Süden, an deene jeeweilege Gemenge soll nidderfoussen, datt een och dat soll kënne spieren.

Et ass natierlech och d'Evolutioun vun de Broochen, där sinn der eng ganz Rei am Süden, datt och deene ka Rechnung gedroe ginn.

Dann ass dee ganze Volet vun der Wirtschaft, datt de Süden och eng Regioun ass wou Aarbechtsplaze geschaf ginn an datt een dat ka gestalten, datt de Süden nët méi déi klassesch Aarbechterregioun ass, quitte datt een der sécherlech nach ëmmer eng ganz Rei hei fënnt, mee datt et och eng Regioun ass, déi sech hin entwéckelt zu der Innovatioun an der Technologie an dat ass och dat véiert Standbeen dat de PRO-SUD sech wëll ginn.

Recherche, Innovatioun, mat der Uni déi an de Süde kënnt, mat de Centres de Recherche, ass dat doten e ganz flotte Strukturwandel dee stattfënnt an deen och en Impakt huet op dat ganzt Bildungswiese wou och verstäerkt eng Zesummenaarbecht mat der Uni ka stattfannen.

Dann natierlech de ganze Volet ronderëm d'Mobilitéit, dat sécherlech en nationalen Impakt huet an och en Impakt huet hei an der Südregioun wou eng ganz Rei Usätz verfaasst gi sinn an dësem Leitbild wou een sech kann hin orientéieren um Niveau vun der Mobilitéit.

Och awer Schaffen a Mobilitéit, Teletravail, flexibel Aarbechtszäiten, d'Mobilité douce, de BHNS, deen och am Süde wäert kommen an deene nächste Joeren, de Car Sharing, dee ganze Volet ronderëm d'Vëlosweeër, Park & Ride, alleguerte Saachen, déi mir kennen, mee déi generell och en Thema sinn am Süden a wou mir och mam Verkéiersministère eng ganz Rei Initiative geholl hunn, notamment och elo déi läscht Initiativ, wou probéiert gëtt d'Mobilitéitsanalyse vun den Entreprisen hei an der Südregioun ze analyséieren, fir datt och deementspriechend kann iwwert den ëffentlechen Transport nogebessert ginn.

Dann de ganze Volet ronderëm d'Ëmwelt, ronderëm d'Ëmweltentwécklung, eng Approche wou ee seet, datt och d'Économie circulaire am Süde ka stattfannen. Et ass eng ganz Rei Initiative ronderëm den Offall, fir datt et eng Regioun gëtt, déi sou man wéi méiglech Offall produzéiert. Et ass éischter déi gréng Long hei am Süden. Mir hunn eng ganz Rei Naturschutzgebidder



déi kënne méi zur Geltung bruecht ginn.

D'Fotovoltaik ass och e Projet, deen ee kann an der Südregioun weider entwéckelen.

Dann déi ganz sozial Aspekter, déi méi gesellschaftspolitescher Natur sinn, dee ganze Volet ronderëm d'Integratioun vu generell Leit, déi a méi schwache Situatioune sinn, onofhängeg vun hirer Origine, datt een dat méi fördert, eng besser Informatiounspolitik generell vis-à-vis och vun den auslännesche Matbierger, generatiounsiwwergräifend Wunnen, Analys vu soziale Bedürfnisser an de Gemengen an eben och an der Südregioun.

Dann awer och dee Volet Kultur/Tourismus - de Süde war ëmmer e Stéifkand wat den Tourismus ubelaangt - datt een sech och do mat Projeten, déi sech elo entwéckelen, soll Geleeënheete ginn an sech net brauch ze schummen, datt een den Industrietourismus an de Virdergrond setzt.

Och déi ganz Ëmwelt, respektiv d'Naturschutzgebidder déi mir hunn, datt mir do als Südregioun eng ganz Rei Elementer ze bidden hunn an och iwwert deen dote Wee eng ganz kloer Identitéit fir de Süde schafen.

Niewent der Industriekultur awer och déi ganz Kultur ronderëm d'Migratioun, datt een déi méi verstäerkt sollt notzen.

Voilà, ech wollt einfach am Graffen op déi verschidde Visiounen agoen. Ech erspueren Iech den Detail. Ech mengen dat eent, déi Detailer, dat sinn och Aktiounsprogrammer déi een sech gëtt. Dat Ganzt gëtt jo nët an enger Kéier ëmgesat, mee dat sinn am Fong dann déi jeeweileg Gemengen, déi Member sinn, déi sech do kënnen am Kader vun hire Reuniounen an am Kader och vun deene staatleche Stellen zesummesetzen a kucke wéi si zesummen dann ëmsetzen.

Hei geet et ganz kloer drëm, Visiounen a Strategien an de Raum ze setzen an ze kucken datt een déi gemeinsam ëmsetzt. Voilà, ech well dat elo mol heibäi beloossen, bei der Presentatioun, an d'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Dir wësst, datt d'CSV ëmmer kritesch de Syndikater géigeniwwer steet, mir hunn ëmmer fonnt, datt grad de PRO-SUD e bësselche Schwieregkeeten hat fir sech ze fannen.

2003, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, gouf de PRO-SUD gegrënnt fir am Fong d'Promotioun touristique vum Süden haaptsächlech ze promovéieren an d'Entwécklung vum Süden ze begleeden.

An et goufen esou verschidden Zickzack-Kursen, Dir wësst, datt och dobaussen heiansdo Kritik war mat enger Barbara-Brochür déi net gelonge war a wéi den Här Buergermeeschter och gesot huet, virun allem mat enger Non-Präsenz am Fong, datt d'Leit net richteg wosste wéi a wat mëscht de PRO-SUD.

A wéi Dir genee gesot hutt, et war eng Zukunftswerkstatt Süden 2015 ofgehale ginn an ech hunn als kritesche Bierger an als kritesche Gemengerotsmember mech och dohinner beweegt an ech war deen eenzege Conseiller, deen do war, dat muss ee vläit och eng Kéier soen, ausser natierlech den Här Buergermeeschter,als President, an dat war och ganz interessant.

Dat war am Fong en Zesummesetze vu verschidde Leit a verschidde Gemengen a jiddereen huet e bësse seng Atouten oder Best Practices an de Raum geheit an dat war jo och alles ganz schéin a gutt, mee et ass awer d'Fro trotzdem, ob een, och wann een dat elo hei liest, all déi gutt Iddien déi hei an dësem Paper sinn, ob dat elo d'Visibilitéit vum Süde wierklech stäerkt am Zesummenhalt oder ob et net awer esou ass, datt all Gemeng awer muss kucken, mat der eegener Dynamik, mat den eegene Ressourcë fir déi Projeten ëmzesetzen.

Och mir als Diddelenger hunn och éischter déi Tendenz eis al Diddeléng ze promoten an als Net-Member vum PRO-SUD well ech denken elo un déi Campagne "Dudelange, on dirait le Sud", do steet och nëmme just de Logo vun Diddeleng drop an de Logo vum PRO-SUD ass guer nët drop.

Dann och zum Beispill wat elo den Tourismus ubelaangt, mir hu jo och e regionalen Tourismus-Zenter, an och do steet de Logo vum PRO-SUD net drop.

Dofir ass ëmmer meng kritesch Fro, brauche mir wierklech e PRO-SUD?

Well jo awer jiddereen e bëssen op senger Mëscht déi Best Practices probéiert unzehuelen oder ëmzewandelen... an dofir, et ass alles schéin a gutt wa mir sou eng schéi Brochür kréien an de Contenu ass sécher net a Fro gestalt, mee wann ech elo kucken "Promouvoir le marketing régional de manière ciblée



et systématique", do ass sécher nach Loft no uewen, mee ass dann net awer sou, datt mir Diddelenger eis Haard hunn an datt déi Péitenger aner Saachen hunn, an déi Déifferdenger aner kulturell Prioritéite setzen… Ech denken, datt et schwéier ass eng ganz Zone zesummen ënnert een Hutt ze bréngen. Och wann ech kucken, de globale Konzept vun de Frichen, ech mengen Diddeleng, mir maachen eis nei Schmelz, mir halen och do natierlech d'Friches industrielles héich. Ob déi aner dat elo och maachen oder ob déi Tabula rasa maachen, ob do een sech bremse léisst wann de PRO-SUD seet, mir mussen dat promouvéieren, dat ass meng Fro.

Dann och déi Geschicht, "participer à des foires internationales", 'branding", mir hunn den "nation branding" schon, elo maache mir nach e regionale Branding a mir maache mat "Dudelange, on dirait le Sud" nach e städesche Branding… mat all deem Gebrandings weess kee Mënsch méi herno u wat een sech soll halen.

Et ginn nach aner Themen, déi ech kuerz wollt ukléngе loossen.

Zum Beispill, et ass och alles schéi geduecht "créer un centre de compétences pour les demandeurs d'emploi, les migrants et la population active". Do och, do ass de Staat gefuerdert, do hu mir d'ADEM, d'ADEM huet e Siège um Belval, ob dat elo eppes ass wat de PRO-SUD op d'Bee gestallt huet oder ob d'ADEM einfach geduecht huet, am Süde wunnen sou vill Leit, mir mussen do op de Belval kommen, dat ass d'Fro.

Genau sou wéi mir och hei schéi schreiwen "continuer de créer des liens entre l'Université de Luxembourg et d'autres universités". Ma ech mengen, wa mir als PRO-SUD dohinner trëppele bei den Direkter vun der Universitéit, da seet deen 'dat ass eng schéi Geschicht' an ech mengen net datt deen da mam PRO-SUD iergendwou hi geet, mee dee mécht dat direkt als Universitéit.

Et sinn einfach vill Acteuren déi hei an dee Programm sous-entendu als Participant mat agesat ginn, dat ass alles gutt gemengt mee an der Praxis leeft dat e Bëssen anescht. Genau wéi "promouvoir les start-ups et les spin-offs dans le domaine scientifique", do ass d'Fro, wann elo ee kënnt "ech maache gären eng Start-up hei am Süden, PRO-SUD, wat maacht Dir do? Gidd Dir mir eng finanziell Hëllëf?". Wéi eng Méiglechkeet hu mir iwwerhaapt fir do deene Leit ze hëllefen?

Mat Freed hunn ech awer gelies, datt eng Iddi vun der CSV och hei mat engem wichtege Punkt ugeschwat gëtt: "développer le transport à la demande". Hutt Dir dat all héieren? De Ruff-Bus ! Dat pour la petite histoire. Also dat och awer eppes dat all Gemeng mécht wéi se wëll; mir sinn déi eenzeg Gemeng am PRO-SUD, déi kee Ruff-Bus hunn, voilà.

Déi aner hu kee Citybus, ganz genau.

Ob dat awer elo déi Kohärenz huet, dat ass dat wat mech e bësse stéiert. Et ass alles gutt gemengt, och mat deene Connectiounen Train-Tram. D'CFL déi houscht eis voll wa mir elo kommen, hei de PRO-SUD, deen hätt gären datt mir méi séier elo direkt an d'Stad fueren. Da soe si "Majo Jongen, dat geet nët och wann Dir elo all déi aner Gemenge mat an d'Boot bréngt, Diddeleng kritt keng méi séier Verbindung fir an d'Stad".

"Etendre le réseau des pistes cyclables à l'intérieur des villes", dat ass och alles schéin a gutt, mee dat soe mir och alleguerten, déi Gréng soen et nach méi laang wéi mir, also ech weess net… Vläit gëtt et eppes wann de PRO-SUD dat elo och nach a säin Text dra schreift.

Wat och ganz wichteg nach ass, an et si lauter wichteg Saachen, lauter gutt Saachen déi hei stinn, mee et ass e bëssen esou e Wunschkatalog, sou wéi d'Kanner am Cactus de Kleesescherskatalog kréien. Si kënnen alles ukräize mee de Kleesche bréngt awer net alles.

"Le Sud bénéficie d'une souveraineté alimentaire", "utiliser les produits alimentaires régionaux dans les cantines d'écoles": Mir maachen dat, well mir eis Kantinen an eis Maisons relais an Eegeregie féieren. Déi aner Südgemengen hunn aner Accorde mat zum Beispill der Caritas a mat anere Leit déi dat offréieren a wann déi soen, Neen, mir maachen dat net, dat gëtt eis ze deier, ma da stinn si do. Si kënne vläit méi haart verhandelen, mee si kënnen awer net soen "Mä de PRO-SUD huet gesot mir musse elo regional Produkter benotzen".

An esou kann een hei weidergoen, zum Beispill, och eng gutt Iddi, och wou d'CSV ëmmer seet, wou Diddeleng och schonn op de Wee gaangen ass: "introduire le Pedibus", voilà, ech soen och elo net méi d'CSV hätt dat gären an de PRO-SUD hätt dat gären, grad wéi mam Ruff-Bus, dann arrangéiert dat vläit och eppes.
An dann ass nach meng Fro: "utiliser les taxes écologiques et la politique fiscale comme instruments pour renforcer la conscience environnementale", also sou



wäit ech verstanen hunn, kritt awer de PRO-SUD keng Taxen an d'Gemenge kréien déi Taxen och net, mee déi ginn an den nationale Pott gesat... wéi kënne mir do intervenéieren, datt déi Taxen, déi de Staat akasséiert, dann effektiv och an déi Richtung investéiert ginn?

Ganz gutt ass zum Beispill och "étendre l'agence immobilière sociale sud à toute la région du sud". Mir hunn eis eegen Agence immobilière, déi mir iwwert eisen Office social regéieren, an ech denken, dat war och eng gutt Iddi, well ech sinn awer ëmmer nach der Meenung, an dat ass am Fong och dat wat ech hei elo wollt ënnersträichen, als Gemeng, als Responsabel, als Gemengerot kenns du deng Gemeng an du kanns nët einfach alles eent zu eent alles op all Dengen iwwerschreiwen, dat hei ass e gudden Think tank, mee ech fannen awer nach ëmmer, datt et ze vill wéi de Wunschkatalog vum Kleeschen ass an et wär alles schéi wa mir dat alles géinge realiséieren.

Och zum Beispill wat den Office regional du tourisme ugeet, wéi gëtt deen agebonnen an déi Iwwerleeungen hei? Dann hunn ech awer nach zwou ganz konkret Saachen, ech hunn dat e bësse verfollegt, mat wat de PRO-SUD elo e Bëssen an d'Ëffentlechkeet gaangen ass, dat war déi Diskussioun iwwert d'Night-Rider Kaart, déi gëtt jo elo Night Card PRO-SUD genannt, an do ware jo och scho kritesch stëmme well jo och den TICE de Late Night Bus huet, d'CFL fiert méi oft op Diddeleng, mir hunn den Night Life Bus, an et sinn nëmmen Diddeleng an nach 7 aner Gemengen, déi 2017 déi Night Card ubidden. Night Card, dat heescht en Accord mam Sales maachen. Do ass meng Fro, ass et fir Diddeleng wierklech nach interessant gewiescht, hate mir dann 2016 nach sou vill Leit, déi déi Kaart benotzt hunn? Well vill Gemenge sinn do ofgesprongen... dat just fir ze soen, d'Kohärenz vun de Gemengen aus dem PRO-SUD, och esouguer an der dote Saach wat jo scho viru Joeren en Aushängeschëld e bësse war vum PRO-SUD, d'Night Rider Kaart, do splittert dann awer een nom aneren of a jidderee kuckt e bëssen no sengen Intérêten. Ech wollt elo just konkret d'Fro stellen, wéi gesäit et domadder aus? Mat der Diddelenger Benotzung vun der Kaart?

Dann, déi zweet Saach wou natierlech och de PRO-SUD säi Pefferkär bäiginn huet, dat ass bei der Kulturhaaptstad Esch 2022. Do huet dann och de PRO-SUD gesot, si géingen dat och alles super fannen. Mee, d'Fro ass awer elo: Mir hunn awer elo fir déi Kulturhaaptstad op d'Been ze stellen, fir do deen Dossier auszeschaffen – net mir – iergendeen huet zwee Leit agestallt, déi mir och wahrscheinlech musse matbezuelen, do ass e Coordinateur général an eng Directrice artistique agestallt ginn. Dat wier dach mol eppes gewiescht, wou de PRO-SUD hätt kéinte soen: "Hei komm mir maachen dat, komm mir maachen dat an Eegeregie". Dat hätt och vläit manner kascht, well et si jo schliisslech déi Gemengen déi am PRO-SUD sinn, déi och wëllen d'Kulturhaaptstad Esch matdroen, an do heescht et och, datt verschidde Fraisen elo zum Beispill schonn – an dat ass natierlech och elo eng pertinent Fro un den Här Buergermeeschter - ob 2017 op déi verschidde Gemenge scho Fraise kommen, well déi Leit musse mir jo och iergendwéi bezuelen, an ech hunn awer am Budget kee Poste fonnt vun 2017, wéivill mir do elo schonn 2017 musse bezuelen. Well do sinn zwou verschidden Zommen, 50 Cent pro Awunner, dat wäre fir Diddeleng dann 10.000 Euro, mee et kann een och e symboleschen Euro bezuelen hunn ech an iergendengem Zeitungsartikel gelies. Do ass meng Fro, wéi dat elo fir Diddeleng ausgesäit?

Also en bref, et ass alles wonnerbar wat hei steet, et ass alles super, et steet alles dran, vun alle Parteie sinn iergendwellech Iddien opgegraff ginn, mee ob mir dofir wierklech e PRO-SUD brauchen, fir dat ëmzesetzen, déi Fro maachen ech mat Punkt, Punkt, Punkt, Fragezeichen. Merci.

Colette Kutten (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter. Prinzipiell sinn – wéi mir eis bis elo ëmmer positionéiert hunn – Déi Gréng der Meenung, datt eng regional Zesummenaarbecht tëschent de Gemenge sënnvoll ass, well si op déi Manéier d'Entwécklung vun der Regioun, déi staark am Wandel ass, kënne steieren, wat jo och en iwwergeuerdnet Zil hei ass.

Aus eiser Perspektiv gëtt et och eng ganz Rei Beräicher wou eng Zesummenaarbecht sech opdrängt, wéi zum Beispill de Beräich vun der Mobilitéit, wirtschaftlech Conversioun, Tourismus an d'Vermaartung vun der Regioun.

An e Leitbild kann oder soll bei sou enger Demarche eng wichteg Hëllefstellung ginn; engersäits soll et jo d'Ziler definéieren, déi d'Gemenge gemeinsam wëllen erreechen. An anerersäits soll et no bausse kloer maachen, woufir de PRO-SUD steet.



Mee déi Funktioune kann dat virleiend Leitbild an eisen Aen awer net erfëllen.

Dat läit dorun, datt hei vill ze vill Ziler opgelëscht sinn. Et sinn och ganz vill Ziler, déi sech nët op d'Zesummenaarbecht tëschent de Gemenge bezéien. Mir hunn eng oniwwersiichtlech Oplëschtung vu Visiounen, Wonschdenken, vun allgemenge gesellschaftspoliteschen Ziler, gemëscht natierlech mat deenen déi sech op Zesummenaarbecht bezéien.

Just fir e puer Beispiller ze ginn, déi sinn zum Deel schonn ugefouert ginn, "die Südregion ist eine CO2-neutrale Region mit dezentraler Energieproduktioun, der Süden genießt Ernährungssouveränität". Dat si super Ziler, wou mir nëmme kënne mat zwou Hänn ënnerstëtzen. Et si Visiounen éischter, mee wann et Visioune sinn, déi fir d'Gemengen elo eng Prioritéit sinn, dann ass dat wierklech formidabel, mee wann een elo awer vum Ist-Zoustand ausgeet an d'Beméiungen um Terrain kuckt, dann ass et jo awer éischter an d'Kategorie Wonschdenken anzeuerdnen.

Da ginn et och nach eng Rei gesellschaftspolitesch Themen: Life-long learning, Work-Life Balance, Vereinbarkeet vu Famill a Beruff, déi gehéieren net onbedéngt op dës Plaz, géing ech soen, well dat ass allgemeng gesellschaftspolitesch an déi definéiere mir hei net an déi erschwéieren einfach nach alles.

An och en Zil wéi Solidaritéit an d'alldeeglecht Handelen abezéien ass erëm e Wonsch, dat passt iwwerall an néierens.

Also, fir ze zesummenzefaassen, dat Ganzt ass oniwwersiichtlech.

Natierlech enthält den Text zum gréissten Deel Ziler, déi sech op d'Zesummenaarbecht mat de Gemenge bezéien, wéi zum Beispill d'Entwécklung an d'Vermaartung vu regionale Produkter, Park & Ride – Management, Cary-Sharing-System, eng Agentur fir Sozialwunnenge fir de ganze Minett, Naturpark Minett. .. fir der e puer raus ze gräifen.

Mee och hei sinn et der einfach ze vill. An et gëtt net genuch tëschent deene wichtegen a manner wichtegen Ziler differenzéiert.

Wann een elo alles duerchgeliest huet, dann ass een dronken, an et ass onméiglech ze soe firwat de PRO-SUD elo steet. Sécher brauch ee jo och Visioune wann een eppes wëll veränneren an datt an engem Workshop all dës Iddien op den Dësch kommen, dat ass normal.

D'Fro stellt sech awer, wéi eng allgemeng Oplëschtung als Aarbechtsinstrument kann déngen. Fir datt e Leitbild elo wierklech brauchbar ass, musse wierklech déi prioritär Ziler erausgefiltert ginn, wou all Gemenge betraff sinn, déi hinne wierklech um Häerz leien an déi dann och erlaben d'Entwécklung vum Süden ze steieren.

Ech mengen, dat Thema wat d'Madame Kayser ugeschwat huet, Kulturhaaptstad, dat ass ganz sécher mol sou een Thema dat ee kéint sou ugoen. Nëmme wa kloer Ziler virleien, dann ass et och méiglech Strategien ze entwéckelen, an dës Aarbecht muss, an eisen Aen, nach gemaacht ginn, well soss ass et nët méiglech dat hei als Aarbechtsinstrument ze benotzen.

Natierlech ënnerstëtze mir déi Ziler déi hei genannt sinn, et si lauter positiv Visiounen, déi mir alleguer deelen. Just als Aarbechtsinstrument ass et zu dësem Zäitpunkt net brauchbar. Merci.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Also, ech sinn nët Presidentin vum PRO-SUD, mee einfach fir dat ganzt mol eng Kéier ze kucken... et ass fir mech awer mol eng Kéier, also wierklech sou de PRO-SUD, wat hu mir eis ëmmer dorënner virgestallt, et si Saache schief gaangen, mee ech muss awer soen, datt et mol déi éischte Kéier ass wou ech fannen, datt et wierklech genau dat bréngt wat et soll maachen. D'Koordinatioun vun de Südgemengen, Opwäertung vum Süden an net einfach "Mir maache elo dat" oder "mir maache elo dëst", ech mengen, dat ass net dem PRO-SUD seng Aufgab.

D'Gemengen hu schonn nach Aufgaben, sollen och e gemeinsame Bus oder sou hunn... de PRO-SUD soll jo ëmmer nëmmen d'Vernetzung tëschent de Gemenge sinn. Also dat ass mol fir mech. Sou e Leitbild erauszegi mat eenzelen... wou all déi verschidde Beräicher drasinn, muss ech soen ass awer e gudden Outil. Ech gesinn dat awer elo net sou wéi wann de PRO-SUD op eemol de Gemenge géif imposéiere wat si ze maachen hätten.

Et ass effektiv e Wonschkatalog. Jiddwer Gemeng soll sech dat eraus huele wat si am beschte brauch. Ech muss awer soen, wa mir sou kucken, d'Mobilitéit, Busser, Vélosweeër, do ass et awer gutt wann een e Gesamt-



konzept huet tëschent de Gemengen, vläit kënne mir eng Kéier mam Vëlo duerch de ganze Süden. Ech mengen, dat soll och einfach den Zweck vum PRO-SUD sinn.

En aneren Outil, deen de PRO-SUD fir mech awer ëmmer ass, nach virun 10 Joer hu mir gesot, et kënnt alles an d'Stad, am Süde kënnt guer näischt... ech mengen elo an deene leschten 10 Joer ass awer d'Uni an de Süde komm, dat huet och eppes mam PRO-SUD ze dinn, well ech mengen, datt de PRO-SUD dofir gegrënnt ginn ass.

Et mag sinn, datt ech do déi falsch Persoun kenne vun deemools, mä dat war awer de Sënn an Zwéck vun der ganzer Saach. De PRO-SUD ass einfach gegrënnt gi fir d'Opwäertung vum Süden, ech mengen dat ass hei gelonge mat deem Leitbild. Ech si sécher, datt dat vill méi bréngt fir all eenzel Gemeng. A jidderee ka sech trotzdem nach ëmmer dat eraussichen, wat e wëll realiséieren. Fir mech, Bravo, top geschafft, also mir kënnen eis mat dësem Outil ufrënnen. Merci.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech wollt mech och hei u verschidden Aussoe ralliéieren. Fir mech ass dat do och wierklech e flotte Visiounskatalog, dat ass ganz positiv. Do hu Leit sech de Kapp zerbrach wat een am Süde ka verbesseren, an dat ass positiv ze bewäerten. Mee ech hunn och allerdéngs fonnt, et si vill Saachen déi sech beruffen op Decisiounen oder Initiative vu staatlechen Instanzen a vun anere Syndikater, an et ass vläit e bësse pretentiéis, datt de PRO-SUD elo seet, mir initiéieren do eppes, wat u sech guer nët säin Domän ass. Ech hu mech dunn och missen duerch dee ganzen Text schaffen an duerch Wierder wéi Monitoring, Workshops, Corporate Identity, Marketing, Shopping, City Management, Urban Gardening, Clusters, Life Sciences, Branding, Life Long Learning, Start-ups, Spin-offs, Park & Ride, Think Tanks, Smart Mobility, Car Sharing, Immobility, Co-Working, Mentoring, an ech soen et ass schued, datt mir am Süde keng aner Wierder hu fir dat doten.

Et ass awer ee Punkt, deen huet mir super Freed gemaacht. Dat ass ee Punkt deen ass ganz ganz interessant, do war ech wierklech begeeschtert, dat ass op der Säit 6, an zwar beim Développement urbain: Ech weess net, wat en do ze sichen huet, an ech sinn och éischter der Meenung, dat ass wierklech éischter der Autoritéit vun engem anere Ministère, vun der Santé, mee do steet: "élaborer des programmes pour les dents creuses". Also dat kann ech nëmmen ënnerstëtzen, elo maache mir do Kariespräventioun am PRO-SUD, ech fannen dat wierklech top, do stinn ech voll dohannert! Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi ganz professionell Appreciatioun. Den Här Thill.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci Här Buergermeeschter. Prinzipiell fanne mir och, datt et eng gutt Iddi ass, datt et awer e Forum gëtt wou d'Südgemengen sech kënnen zesummesetzen an zesumme concertéieren an och zesumme schaffen. Dat ass am Prinzip och nëtzlech a wichteg.

Deementspriechend ass et och wichteg, ee Leitbild ze hunn, wou ee wëllt higoen. Och dat ënnerstëtze mir.

Et ass awer e bëssen esou an deem Leitfaden, datt et fromm Wënsch si fir d'Zukunft. Et ass awer natierlech gutt Wënsch ze hunn, wann ee weess wou ee wëllt zesummen hin. An ech fannen et och relativ erstaunlech awer, datt ganz verschidde Gemengen sech konnten do op ee Bild eenegen, wou d'Richtung soll higoen, ech fannen dat och wichteg. Et ass awer sou, datt all d'Parteie kënnen domat averstane sinn, dat stëmmt och fir eis, mat enger Ausnam. Ech kommen och op dee Punkt nach ze schwätzen.

Ech denken effektiv, datt dat nët nëmme Pabeier ass, mee dat awer wichteg ass ze kucke wat op deem Pabeier steet. D'Ëmsetzung vun deene Saachen déi hei stinn, do kënnt een da bei dat praktescht an do gëtt et dann e gutt Stéck méi schwéier. Do wollt ech och e puer Punkten dann awer opgräifen.

Am éischte Kapitel – Regionalentwécklung - do steet zum Beispill "grenzübergreifend denken und kommunizieren". Dat wier also bei eis zesumme mat Volmerange. Volmerange huet keng Suen, da fänken d'Schwieregkeete schonn un. Dat kënnt och dono rëm, beim ëffentlechen Transport, gemeinsam Vélosweeër, do ass da ganz konkret d'Fro: Wéi mécht een dat dann elo? Esouguer wann de Wëllen do ass?

Also, ech wier do frou ze héieren, wéi Diddeleng dann an Zukunft vläit wéilt méi mat Volmerange zesummeschaffen. Den zweete Punkt – Siedlungsentwécklung - do steet dann och "Siedlungsflächen verdichtet bebauen".



Bon, do hu mir vläit e bëssen eng aner Vue op wat "verdichtet"heescht, wéi hei d'Majoritéit. Ech wëll och net méi hei drop agoen.

Ech sinn dann awer och frou ze liesen, op Säit 18, datt de Wunnengsmaart awer soll sou gestallt ginn, datt d'sozial Segregatioune vermidde ginn an datt et zu enger Mixitéit kënnt.

DE fënnefte Punkt – een deen och fir eis ganz wichteg ass – dat ass d'Mobilitéit. Wéi gesot, do steet dann och de Punkt vun der regionaler an der grenziwwerschreidender Mobilitéit dran. Do weess ech zum Beispill, datt hei vun Diddeleng Bussen op Diddenuewe fueren, deenen hier Horairë stinn awer néierens affichéiert. Also froen ech mech e bëssen, wéi d'Leit déi da kënne benotzen an dat wieren awer Saachen déi wiere kuerzfristeg an ouni ze vill Käschte realisabel.

E weidere Punkt an deem selwechte Kapitel, d'Prioritéit fir eng douce Mobilitéit a fir den ëffentlechen Transport. Natierlech si mir do ganz averstanen, mee wann een dann den Euro-Hub kuckt, do sinn am Mobilitéitsplang 270 Milliounen Euro virgesi fir d'Stroossen, 50 Milliounen Euro fir den Zuch a 7 Milliounen Euro fir de Vëlo. Also ech kann do déi Prioritéit fir eng douce Mobilitéit net erkennen an ech mengen, dat misst e ganzt Ëmdenken och um nationalen Niveau mat sech brénge fir datt dat realisabel wier.

De sechste Punkt: Ëmwelt, "Der Süden genießt Ernährungssouveränität" steet do. Nëmme fir ze soen, fir de Moment produzéiert Lëtzebuerg 1% vum Geméis, dat hei intern verbraucht gëtt. Also do ass d'Souveränetéit wierklech net ginn a mir si wierklech wäit ewech vun deem wat eigentlech wënschenswäert wier.

Emissiounsfräien Transport, wat d'Ëmwelt ubelaangt. Just fir do e Beispill ze ginn: D'Stad Paräis huet sech duerchgerongen, d'lescht Joer, an engem groussen Deel Stroossen de Verkéier guer nët zou ze loossen, 648 km Stroossen innerhalb vum Périphérique, an am ganze Rescht de Verkéier op 20km/h anzeschränken. Dat huet dozou gefouert, datt duerch deen Effekt vu just engem Dag konnte 40% vum CO2 an 40% vun de Stickoxyden agespuert ginn. An elo héiert ee jo e bësse wat déi Stickoxyde vu Gesondheetsschied produzéieren.

Fir esou eng Saach wier wierklech ee vill méi radikaalt Ëmdenken erfuedert, an dowéinst hunn ech och virdru beim Parking déi Stellung bezunn, déi ech ebe bezunn hunn.

Dofir gleewen ech och net un dee Saz, einfach wéinst dem Verkéier, wou da steet "Der Süden verfügt über eine intakte Biosphäre". Also, si ass vill besser ginn, mee do sinn awer nach Efforten an Zukunft duerchaus ubruecht.

An dann och am selwechte Kapitel, wann ech liesen "Der Süden ist eine CO2-neutrale Region mit dezentraler Energieproduktion", also dat zielt da vläicht fir d'Haushalter an d'Gemengen awer ganz sécher net fir ARCELOR MITTAL. Wann ech gesinn, wat do vu Stroum a Gas verbraucht gëtt, da gleewen ech nët datt mir do an eng CO2-Neutralitéit erakommen, ausser déi Firma géing zoumaachen, wat ech net wënschen.

Deen eenzege Punkt deen ech wollt opwäerfen, wou ech mam Text wierklech net averstane sinn, dat ass bei de Punkten 5 a 6, do geet zweemol Rieds vu "Kostenwahrheit". "Kostenwahrheit im Verkehr herstellen" a bei der Ëmwelt "Preiswahrheit herstellen und kommunizieren". Dat kléngt vläit ganz anodin, also net vill dohannert, mee déi Philosophie vun der Präiswourecht an deene reelle Präisser, dat ass eng ganz Managementschoul a gewéinlech heescht dat, datt déi Präiswourecht hiergestallt gëtt, kuerz éier d'Saachen da privatiséiert ginn.

An dat heescht da gewéinlech och, datt d'Haushalter d'Käschten opgedréckt kréien, gewollt oder ongewollt. Just fir e Beispill ze ginn hei zu Lëtzebuerg: D'Glasfaserleitungen, déi geluet gi fir e séieren Internet, dat kascht d'Leit - et géif ee mengen näischt. Just datt bei eis d'Connexiounen dräimol esou séier sinn ewéi am Frankräich, dat heescht de Client bezilt scho mat. An zwar ass et de private Client, well déi déi ganz grouss Devisen hunn, déi kréien selbstverständlech e méi nidderegen Tarif. A gewéinlech sinn dat déi selwecht grouss Firmen, déi dann och nach keng Steiere bezuelen…

Also zum Schluss gëtt dat op privat Leit iwwergedréckt. Dofir wëll ech vun Iech wëssen, wat dann hei konkret ënnert där "Kostenwahrheit" an där "Preiswahrheit" ze verstoen ass. A wéi gesot, dat ass e Punkt, deen deele mir an der Brochür net. Ech soen Iech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Thill. Nach weider Stellungnahmen?

Ech gi global op verschidde Punkten einfach an. Wann een esou ee Leitbild wéi dat heiten huet, dann ass dat och natierlech nieft de Visiounen, Strategien, en Aarbechtsplang deen een sech gëtt an deene nächste



Joeren. Et waren der ganz wéineg bei deem Workshop derbäi, dofir verstinn ech verschidde Reaktiounen.

Eng ofgespeckte Versioun an eng ganz reduzéiert Versioun, awer probéiert kloer Visiounen a Strategien ze setzen, par Rapport zu deem wat alles vun Iddien op den Dësch komm ass. Dat wat een hei erëmfënnt ass manner wéi all déi Iddien, déi opkomm sinn an dat hei huet einfach probéiert ze sammele par rapport zu der Form an dem Contenu. Déi eng kënne soen, et si fromm Wënsch, déi aner soen et si ganz kloer Statementer a Visiounen déi een sech wëll ginn, an et mierkt een awer hei, déi eng si vir eng regional Approche, anerer manner... Et kann een natierlech ëmmer kucken, wat huet déi eenzel Gemeng dovun a wat huet si net, positiv, negativ?

D'Approche hei ass éischter: Wat huet d'Regioun dovunner? An iwwert dëse Wee och d'Gemengen. Verschiddener gesinn déi Approche esou, anerer manner.

Wann een och sou ee Leitbild huet a wëll kloer weise wou ee wëll higoen, heescht dat jo nët, datt d'Autonomie vun de Gemengen a Fro gestallt ass, heescht dat och net datt een en Eenheetsbräi muss hunn, wat d'Identitéit vun de Gemengen ugeet.

Et spillt een och um Niveau vun der Komplementaritéit, an déi soll och bestoe bleiwen. Dat dréit och zu enger Stäerkt vun deene jeeweilege Gemengen an der Südregioun bäi an och dat kann ee ganz kloer kommunizéieren.

Best Practices, déi ginn zënter enger ganzer Rei Joeren ausgetosch, well mir et fäerdeg bruet hunn, dat war an der Vergaangenheet net de Fall, d'Gemenge rëm un een Dësch ze bréngen a virun Allem déi Mataarbechter aus de jeeweilege Gemengen un een Dësch ze bréngen, wou mir eng ganz Rei Plattforme gegrënnt hunn, sief dat um Niveau vun de Service- écologiquen, um Niveau vu Klimaimpaktberoder, sief dat um Niveau vun der Mobilitéit, sief dat um Niveau vun der Integratioun, sief dat um Niveau vun de PAGe wou nieft den – an dofir ass dat falsch wat hei gesot gëtt – nieft de Gemengevertrieder, politesch Mataarbechter och déi staatlech Instanzen an och d'Administratioune mat um Dësch souze fir ze kucken, wat hutt Dir an deenen eenzele Gemenge geplangt? Wéi een Impakt huet dat fir d'Südregioun als Netzwierk a wéi kann de Staat sech mat abréngen, sief dat finanziell, sief dat strategesch?

Also mengen ech, ass dat wat hei gesot gëtt, datt dat Wonschdenken ass, datt een do alleng en Acteur ass, net ganz richteg ass. D'Initiativen, déi mir hei geholl hunn an deenen dote Themen, wou de PRO-SUD ganz kloer déi staatlech Instanzen an Administratioune kontaktéiert huet, huet deem Sënn Rechnung gedroen, well do sinn am Fong déi Acteuren zesummekomm an hunn sech emol un een Dësch gesat, wat virdrun ni de Fall war, an ausgetosch, wou déi eenzel Gemengen higinn, wat dat fir en Impakt huet fir d'Südregioun a wéi och de Staat kann dobäi hëllefen.

An et ass jo och net fir näischt, datt mir op de Wee gaange sinn, als PRO-SUD, viru gutt zwee Joer, datt mir eng Konventioun gemaacht hu mam MDDI, a wou och den zoustännege Minister eis och iwwert déi Konventioun Suen zur Verfügung stellt fir eng ganz Rei Aktiounsprogrammen ze maachen.

Et ass dee richtege Wee, wou och déi staatlech Stellen eis ganz kloer hëllefen. Natierlech weess een, datt esou ee Prozess méiséileg ass, datt een esou Saachen net kann einfach vun haut op muer ëmsetzen, mee op alle Fall ass jo ganz kloer d'Volontéit do, vun der Regioun a vun den nationale Stellen, eng ganz Rei Punkten an Ugréff ze huelen.

Dat einfach par rapport zu der globaler Ausriichtung vun deem Leitbild dat een hei fënnt. A wéi gesot, dat heite setzt een net an engem Joer ëm, mee dat sinn eng ganz Rei Komponente wéi ech elo gesot hunn, och eng ganz Rei Usätz hu wou mir als PRO-SUD wäerten u verschidde Ministèren eruntrieden. Sou wéi awer och, wann iwwert d'Wirtschaft geschwat gëtt, och schonn eng ganz Rei Entreprisen de PRO-SUD kontaktéiert hu fir ze froen, wou gëtt et hei am Süde Plazen, wou mer eis etabléiere kënnen.

Also hei ze soen, datt de PRO-SUD dee Rôle net erfëllt, ass an deem Sënn net richteg an ech wëll dat hei awer kloer an dat richteg Liicht riichte well do lafen am Fong positiv Synergië wou mer un d'Gemenge weider ginn.

Et ass also e flotten Outil.

Dës Visiounen, natierlech musse en se ëmsetzen, d'Gemenge musse mat dru schaffen, d'staatlech Instanze musse mat dru schaffen.

Wat ass d'Alternativ? Näischt ze hunn a jiddereen ass op sech alleng gestallt, ech mengen datt dat keng



Force de frappe ass fir d'Südregioun, wa jiddereen op sengem Territoire weiderbuddelt. Ech mengen, datt mir do sécherlech ee vun deem anere kënne léieren an de Fazit datt mir dës Best Practices gemaacht hunn, dat geet do an déi richteg Richtung.

Par Rapport zu der Remarque vum Här Gangler déi fir eng Hilarité générale gesuergt huet, Dents creuses, wann een informéiert ass, da weess een, datt dat op Däitsch "Baulücken" heescht an datt dat absolut doranner passt. Dir wosst dat natierlech, dann ass et gutt. Dat freet mech. Trotz der professioneller Appreciatioun. Voilà, dat nach dozou.

Nach en aneren neie Moment dee mir demnächst als PRO-SUD wäerten op de Leescht huelen, dofir och déi Approche vun der Madame Kayser, déi gesot huet, huet net all Gemeng seng Natur, seng Naturreservater, dat ass richteg, déi setzt een en Valeur. Mee net méi spéit wéi virun zwee Méint ass d'UNESCO-Stell hei vu Lëtzebuerg un de PRO-SUD erugetruede fir datt de Süden och UNESCO-Patrimoine gëtt, wat seng Naturreservater ugeet.

Also, mengen ech, ass dat dee richtege Wee, datt een hei als PRO-SUD Uspriechpartner ass an dat am Kader vun enger regionaler Approche gesäit an net als eenzel Gemengen. Et ass och dat wat fir d'Südregioun e ganz wichtegen Aspekt ass, och en vue vun 2022.

A par rapport zu der Stellungnahm déi d'Madame Kayser geholl huet, Dir wësst, et ass vläit hei net gesot ginn, datt de PRO-SUD domat eng ganz kritesch Stellungnahm huet, dat och do eng Asbl gegrënnt ginn ass an der de PRO-SUD och vertrueden ass, an datt natierlech och am Budget dëst Joer 10.000 Euro virgesi ware fir de Coordinateur général a fir d'Directrice artistique, sou wéi och déi aner Gemengen dat an hire Budget gesat hunn, well d'Deadline jo ass, datt mir am Juli 2017 den Dossier mussen ofginn an am September erëm den zweete Grand Oral ass virun der Kommissioun fir dann deen dote Projet duerchzekréien.

Déi zwee nei Leit déi agestallt gi sinn, hunn och schonn den Tour gemaacht vun de Gemenge fir nach eng Kéier e Bëssen d'Bestandsopnahmen ze maachen, wat wichteg ginn ass bei de Gemengen, fir datt mir och deen doten Dossier weider kënnen droen.

D'Night Rider Kaart, dat ass richteg, ech mengen dat loosse mir e – an ech mengen, dat gouf och hei am Gemengerot schonn eng Kéier gesot, och ulässlech zu der Pressekonferenz - den TiCE huet dat agefouert, zesumme mam PRO-SUD. Dat war eng Diskussioun, déi am Kader vu PRO-SUD, mengen ech, lass getruede ginn ass, datt mir deen Nuetsservice aféieren iwwert den TICE. Dat leeft jo elo säit Dezember. Dat leeft och zimlech gutt.

A mir hunn eis och als PRO-SUD Gemenge gesot, datt mir 2017 ofwaarde wäerten an och Bilan wäerten zéie par rapport zu der Konventioun déi mir mat Sales Lentz hunn, ob mir déi bäibehalen oder net. Mir wollten do net direkt briechen, mir hunn eis gesot, "Kommt mir ginn eis nach e Joer, da gesi mir wéi dat aräisst an dann huele mir gegebenefalls och déi néideg Decisioun en fonction vum Bilan dee geholl gëtt. Grenziwwerschreidend, fir generell nach eng Kéier op de Kader anzegoen a fir dat nët nëmmen op Wuelmeréng dann ze reduzéieren, well mir jo als Diddeleng generell net nëmme mat Wuelmeréng Kontakter hunn, mee mat enger ganzer Rei grenziwwerschreidende Gemengen, wou och a regelméissegen Ofstänn Gemenge wéi Diddeleng, Beetebuerg, Réiser, Fréiseng, Mondorf zesummekomme mat Wuelmeréng, Kanfen, Zoufftgen an der Communauté des communes de Cattenom.

Also, do ass generell mol en Austausch, dee stattfënnt.

Mee och do, ech mengen dat ass wat Diddeleng betréfft, am generelle Kader gesat, wann ech an de regionale Kader sëtzen, ass PRO-SUD an deene leschte Méint och vu franséische regionale Syndikater ugeschwat ginn, well natierlech och um Niveau vun der Mobilitéit Diskussioune stattfanne bei deene regionale Syndikater op franséischer Säit, ob dat e GECT Belval ass, ob dat eng Agape ass déi méi wäit op Nanzeg geet, wou generell einfach d'Froe ronderëm d'Mobilitéit, ronderëm awer och d'Studenteliewen an hirer Regioun, an eiser Regioun um Ordre du jour stinn.

Dat sinn nei Mouvementer, déi entstinn a wou de PRO-SUD en Interlocuteur ass. Wann do all eenzel Gemeng géif fir sech schwätzen, wiere mir keen idealen Interlocuteur an do sinn och Diskussiounen, déi eben halt lafen an déi afléissen an eng ganz Rei Diskussiounen: Wéi kann een d'Mobilitéit verbesseren? Wéi kann ee Studenten, déi aus dem Ausland kommen hei zu Lëtzebuerg, Lëtzebuerger déi an d'Ausland studéiere ginn… och dat sinn Diskussiounen, déi do stattfannen.

Wéi gesot, do realiséiert een net vun haut op muer

nei Akzenter, mee et ass e Prozess, deen amgaangen ass, dee ganz positiver Natur ass an ech mengen, datt mir och do an deene nächste Joere weider Opwand wäerte kréien.

Voilà, dat einfach zu deene verschiddene Stellungnahmen op déi ech hei wollt agoen. Wéi gesot, dat heite steet jo net zum Vote, et war eng Presentatioun an eng Diskussioun. Duerfir nach eng Kéier Merci fir Äert Abréngen. Mir war et wichteg, net nëmmen als Buergermeeschter mee och als President vu PRO-SUD, datt deen Ëffentlechkeetsdebat einfach weider gefouert gëtt an datt deen och sécherlech kritesch weider gefouert gëtt. Ech mengen et ass nëmmen esou wéi ee kann och déi Reflexiounen ophuelen an dat och weider thematiséieren.

Dat zu dësem Leitbild an da géife mir eriwwergoe bei dat nächst Gemengesyndikat. Do sti Modifikatioune vu Statute virun der Dier. Dat ass de SICONA an do ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

**6.2. SICONA - Approbatioun vun der Statutenännerung**

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Merci Här Buergermeeschter. Ech ka mech relativ kuerz faassen.

Well déi Ännerungen, déi vun de Statuten hei proposéiert ginn, dat si just reng formell Ännerungen. Et si keng inhaltlech an et sinn och keng finanziell Punkten, déi hei eis géinge betreffen.

Et sinn am Fong hei fënnef Ännerungen déi virgeholl ginn. Dat éischt ass mol den Numm vum Syndikat, dee gëtt geännert. Dat heescht, et war ëmmer SICONA-OUEST an et gëtt elo SICONA-SUD-OUEST, dat ass den Artikel 1 Statutereglement.

An dann dat nächst wat geännert gëtt, dat sinn d'Membergemenge Bascharage a Kënzeg, déi gestrach ginn a si ginn duerch d'Gemeng Käerjeng ersat, vu datt dat jo am Kader vun der Fusioun ass, dat ass eng logesch Konsequenz. Dat ass den Artikel 4.

An den Artikel 6.2, dat ass de Büro. Dee geet vu 6 Memberen erop op 7. Dat ass geduecht gewiescht fir eng Patt-Situatioun bei enger Ofstëmmung ze verhënneren.

An dann den Artikel 6.4, dat ass de Conseil technique. Dee gëtt aus de Statute gestrach well hier Personalstruktur hei sech geännert huet an si hunn entretemps sou vill wëssenschaftlech Mataarbechter, datt si kee Conseil technique méi brauchen.

An déi leschten Ännerung ass, bei den ale Statuten, haten si en Excédent dee méi héich war wéi 50% vum Kapital vum Syndikat ausgemaacht hunn, dunn ass deen un d'Gemengen zréck bezuelt ginn.

Elo ass et esou, dass den Excédent op e Fonds de compensation gesat gëtt a wann e méi héich ass wéi 75% vum Kapital, dann decidéiert de Komitee wat mat deene Sue geschitt, respektiv ob se un d'Gemengen zréck bezuelt ginn.

Wéi gesot, dat sinn déi Saachen déi änneren.

Voilà, ech wollt awer net vergiessen dem Rech Romy Merci ze soen, dee war eise Member an deem Syndikat säit mir am Syndikat Member sinn, säit 2001, an ech wollt him awer och an ärem Numm Merci soen, fir d'Engagement wat en do an deem Syndikat hat.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Manderscheid. Also wéi gesot, et ass wéi Dir sot, de SICONA, deen huet sech bewäert, et ass e flotte Syndikat. Den Här Rech hat och ëmmer a senger Budgetsried all Joer déi neitsten Evolutioune vum SICONA de Leit hei matgedeelt.

Ech hu just eng konkret Fro zum Punkt 9.1, do mat deem Fonds de compensation. Wéi ass dann déi momentan finanziell Situatioun? Ass do eng Reserv dran? Vu wéivill Sue schwätze mir do? An Dir schreift hei, datt do en eventuelle Remboursement soll gemaacht gi vun deem Excédent wann deen iwwert e gewëssene Montant geet. Mee wat ass da soss geduecht wat een herno sollt mat deem Fong maachen? Merci.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech war bëssen an d'Onkloerheet komm iwwert déi finanziell Participatioun. Mir hunn engersäits do d'Kapital, wou dra steet 150.000 Euro pro Gemeng iwwert zéng Joer, an déi éischt Period wier réischt vum 1.1.2016 ze gesinn. Zweetens gëtt et jo dann de Budget wou d'Projete gemaacht ginn, wou d'Gemeng dann och nach d'Dotatioune mécht, 1 Euro pro Awunner an 4 Euro pro Hektar Terrain.





An drëttens gëtt et dann nach déi verschidde Prestatiounen, do steet déi sinn “facturées aux communes aux prix de revient de la grille tarifaire”.

Am Budget hunn ech gesinn, mir bezuelen 201.770.000 Euro an de SICONA eran. Ech wëll och guer net uklénge loossen, datt de SICONA schlecht wier, dat ass fir eis och e ganz gudde Syndikat. En huet och fir Diddeleng zum Beispill 2006 déi kommunal Verbund-planung gemaacht an 2009 dee Projet mat den Dëmpele fir de Kammmolch. Ech weess net, ob en eis 2012 bei der Affaire mat der Bauschuttdeponie ënnerstëtzt huet. Mee déi finanziell Participatioun do, dat ass fir mech net ganz kloer. Wat musse mir do genee a wat fir enge Kategorien do erabezuelen? Wann Dir eis dat vläit e bëssen elucidéiere kéint. Merci.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Ma da fänken ech mam Här Gangler un. Eise Budget fir 2017, dat ass an zwee Deeler. Dat ass eise Part fixe, dat ass eise Bäitrag, dee läit dës Kéier bei 36.821 Euro an de Part Projet, dat ass en Total vun 33.179 Euro.

An da fir op d’Madame Kayser zréckzekommen. De geneeë Chiffer vum Kapital kann ech Iech net soen, well de Romy Rech ëmmer am Komitee war an hien déi Chiffere weess. Dat eenzegt wat ech ka soen, ass datt dee Fonds de Compensation am Fong geduecht ginn ass fir z’investéieren, wa gréisser Uschafunge sinn, wéi si hunn elo zum Beispill bäigebaut. Dat gëtt alles iwwert deen Deel gefouert.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Gutt. Gëtt et keng weider Stellungnahmen? Da géing ech proposéieren, datt mir zum Vote iwwergi wat d’Modifikatioun vun dëse Statute vum SICONA ugeet.

**Wien ass mat der Modifikatioun averstanen? Dat ass unanime.**

Da soen ech dem Gemengerot Merci.

### 6.3. Nominatioun vun Delegéierten an deenen eenzelne Gemengesyndikater

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir zu Nominatioune vun Delegéierten a verschiddene Gemengesyndikater. Dat war jo de Romy Rech, deen ab dem 1. Januar 2017 demissionéiert huet. Do musse mir hei eng Modifikatioun virhuelen, respektiv hien ersetzen. Do gëtt hei proposéiert, datt – wou mir elo grad d’Statute gestëmmt hu vum SICONA-OUEST - de Marc Lazzarini d’Gemeng vertrëtt an am Minett-kompost, wou och de Romy Rech dra war, de Bob Claude.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Et ass schuet, datt bei der Nominatioun vun de Syndikater d’LSAP-Alleinherrschaft nach eemol ënnerstrach gëtt. Mir bedaueren, datt d’LSAP Diddeleng net mol freet ob am Gemengerot vläit eng Persoun, déi sech gutt auskennt mat den Ëmweltproblemer, deen och an anere Kommissiounen ass, déi sech em d’Ëmwelt këmmeren oder souguer vläit an auswäertegen ASBLen aktiv ass, sech mat der Problematik gutt beschäftegt an auskennt, ob net vläit een Interessi hätt fir d’Gemeng Diddeleng am SICONA ze vertrieden oder am Minettkompost.

Ech sinn a menger politescher Naivitéit nach ëmmer der Meenung, datt mir hei zu 17 Diddelenger Représentante sëtzen an datt et gutt wier, wa mir déi kompetentesten an déi experimentéierst Leit an déi verschidde Syndikater oder Ausschëss géinge schécken. Mee ënnert der LSAP-Alleinherrschaft ass dëst Demokratieverständnis inexistent, also geet et wéi all Kéiers, et gëtt kee gefrot, et gëtt keng offiziell Kandidatur mee et gëtt e Parteigenossen nominéiert fir 20.000 Diddelenger an engem Syndikat ze vertrieden. Dat ass schuet.

Mir hate gemengt, ënnert eisem neie Buergermeeschter géing eng nei Ära ubriechen, mee leider net. An datt et och anescht geet, dat weist eis zum Beipill d’Gemeng Beetebuerg. Grad wat de SICONA ubelaangt, huet de Beetebuerger Schwarz-Blo-Grénge Schäfferot kee Problem gehat, de Roby Biwer vun der LSAP als Delegéierte vun der Gemeng am SICONA ze loossen. Den Här Biwer ass jo och souguer President do an en huet eng exzellent Aarbecht gemaacht. Mir enthalen eis bei dëser Propositioun, net well mir d’Kompetenz vun iergendengem perséinlech hei wëllen unzweiwelen - dat muss ech eng Kéier soen - mee well



mir einfach d'Aart a Weis vun der arroganter Selbstverständlechkeet, mat der eisen LSAP-Schäfferot d'Decisioun hëlt, als absolut ondemokratesch emfannen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Ech ginn net weider dorop an. Ech wëll just soen, datt déi Persounen déi hei nomméiert ginn, dat si Membere vum Gemengerot an déi sinn demokratesch gewielt.

Ech géing proposéieren, datt mir zum Vote iwwerginn. **Wien ass heimat averstanen? D'Stëmme vun der Majoritéit. Wien ass net domat averstanen? Wien enthält sech? D'Stëmme vun der Oppositioun.**
Merci, da géife mir iwwergoen op e Punkt, deen op den Ordre du jour gesat ginn ass vum Här Joseph Thill.

## 7. ZOUSÄTZLECHE PUNKT UM ORDRE DU JOUR

**Zousätzleche vum Conseiller Jos Thill geméiss de Bestëmmunge vum Artikel 13 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember op den Ordre du jour gesate Punkt: "Oppene Bréif iwwer d'Parke vu Camionnetten um Gebitt vun der Stad Diddeleng".**

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ënnert dësem Punkt geet et iwwert eng Lettre ouverte wat d'Camionnettëreglement um Territoire vun der Stad Diddeleng ugeet an do huet den Här Thill d' Wuert, den Auteur vun der Mise à l'ordre du Jour.

Joseph Thill (Déi Lénk): Net den Auteur vum Bréif, de Porte-parole vum Bréif. Et geet schonn ob Oktober d'lescht Joer zréck wou jiddereen, all Member vun dësem Gemengerot iwwert d'Servicer vun der Gemeng dëse Bréif kritt hunn. Vläit fir unzefänken, zwou Saachen.

Dat Parkingsreglement, dat ass ofgestëmmt ginn den 11. Juli d'lescht Joer. Dat wat hei am Bréif steet, datt dat eng Decisioun unanime war, dat stëmmt. Allerdéngs war dat déi eenzeg Sëtzung, säit ech am Gemengerot sinn un der ech net konnt Deel huelen. Et ass mir wichteg, ze betounen, datt wann ech dee Bréif hei virdroen, datt ech dann net eng aner Positioun hu wéi deemools. Deemools konnt ech meng Positioun einfach net zum Ausdrock bréngen. Déi Sëtzung war vläit och e bëssen ongléckglech gefall vum Datum hier, well deemools hu sechs Leit vun 17 gefeelt a waren net present. Sou steet et op jidder Fall am Compte-rendu, deen ech och bei mir hunn.



Joseph Thill (Déi Lénk): Mir haten de Punkt haut um Ordre du jour, ech hunn den Text hei. Déi Decisioun ass vun 11 Membere vum Gemengerot geholl ginn. Ech war jo net do, ech ka jo net soen ob si fir d'ganz Sëtzung net do waren oder nëmme fir de Vote.

Also, als éischte Punkt ass et mir wichteg awer ze erzielen, datt ech haut net eppes anescht erziele wéi virun enger gewëssener Zäit.

Als zweete Punkt, hunn ech dee Bréif opgegraff aus zwee Grënn.

Ech fannen, wann d'Leit sech un de Gemengerot wennen, dann ass dat scho mat enger gewësser Aarbecht a mat Courage verbonnen, da soll een hinnen och äntwerten. An dee Bréif hunn ech opgeholl, well ech déi Argumenter, déi hei virbruecht ginn, awer richteg fannen. Dir hutt se hei virleien, dofir ginn ech se elo net am Detail duerch, net komplett. Ech ginn awer op déi Punkten an, déi fir mech déi wichtegst sinn.

Als éischt gëtt gesot, datt déi Mesure de Problem vum Stationement a vun de Parkplazen hei zu Diddeleng net léist. Dat ass en Argument, dat deelen ech voll, ech hat dat och schonn haut, wéi mir iwwert de Parking am Duerf geschwat hunn an elo iwwert d'Leitbild zum Ausdrock bruecht.

Wann ee wëllt de Parkproblem zu Diddeleng léisen, da misst ee vill méi radikal virgoen. Vläit brauche mir och d'Hëllef vum Staat, dat kann ech elo net beuerteelen. Mee déi Mesure, just d'Camionnetten an engem gewësse Sënn ze verbannen aus verschiddene Stroossen, dat léist de Problem net.

Deen zweete Punkt, deen hei opgeworf gëtt, ass, datt déi Parkingen déi virgesi si fir d'Camionnetten, all an deem selwechte Staddeel leien, also op der Schmelz an am Quartier Italien. An et ass ganz kloer, datt dat dann e Problem stellt fir d'Leit, déi zu Biereng, Butschebuerg, Kräizbierg oder op anere Plaze wunnen, an zousätzlech Verkéier mat sech bréngt, well d'Camionnettë wierklech dann am Quartier Italie geparkt ginn. Da mussen déi Leit jo moies mat dem Privatauto bei dee Parking fueren. Also schafe mir do zousätzlech Verkéier, och am Stadkär, deen eigentlech net néideg wier.

Een drëtte Punkt. Also et stëmmt, datt zu Diddeleng bis elo nach keng Abréch waren, oder keng déi mir bekannt sinn. Datt dat e Problem kéint sinn, dat weist awer d'Stad Esch. Et wär scho relativ schlëmm, wann ee moies bei déi Camionnette géing kommen an eben deen Delai, deen ee sech rausgesicht hat fir op de Chantier ze kommen, an da wier keen Handwierksgeschir méi do. An ech denken, dee Problem misst een effektiv awer och ugoen a vläit probéieren, anescht ze léisen.

E weidere Punkt, deen hei am Bréif elo net steet, dat ass, datt déi Parkingen am Quartier Italien, wéi mir héieren hu bei der Presentatioun vum Projet Nei Schmelz, dat ass och nëmmen eng Zäitléisung, da verschwannen se souwisou.

An en Haaptargument ass effektiv, datt souwisou jiddwereen Recht huet op eng oder zwou Vignetten an de Stroosse wou de Parking reglementéiert ass. Also gesäit een do effektiv net an, firwat en Ënnerscheed soll gemaacht ginn tëschent Privatween a Camionnetten. Selbstverständlech am Sënn, datt déi Camionnetten net méi Plaz däerfen ewech huelen, wéi en normalen Auto. Well dann hu mir effektiv, wéi hei am Bréif och steet, eng Diskriminatioun tëschent Leit, déi kënne mat hirem Privatauto op de Büro fueren an deene Leit, déi eben d'Camionnettë brauche fir op hir Chantieren ze kommen an do ze schaffen an dat solle mir net maachen.

Voilà, ech mengen, dat wieren déi Haaptargumenter, déi och am Bréif stinn an déi ech total deelen an dofir hunn ech mir och erlaabt, dee Punkt hei op den Ordre du jour setzen ze loossen an ech waarden dann op d'Äntwerte vum Schäfferot. Ech soen Iech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Thill. Vu datt dee Punkt op den Ordre du jour gesat ginn ass, kann natierlech all Fraktioun dozou Stellung huelen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert. D'CSV ass fir d'éischt mol erstaunt, datt den Här Thill dëse Punkt huet missen op den Ordre du jour setzen an ass et net esou, datt de Schäfferot am Fong automatesch misst en offene Bréif, deen un all Conseiller geet an den Ordre du jour aschreiwen?

Dat ass eppes, dat eis e bëssen erstaunt. Datt dat am Dezember net geschitt ass, well mir do schonn e chargéierte Programm haten, dat ass ze verstoen,



mee mir hätten awer erwaart, datt dat automatesch geschitt wier fir dee Punkt awer ze diskutéieren.

Ech hoffen och, datt mir als Conseilleren ëmmer transparent informéiert gi wann esou Lettre-ouverten oder Petitiounen un de Schäfferot geriicht ginn, och zu anere Sujeten an datt dann och hei am grousse Krees dës Biergerfroen ëffentlech diskutéiert ginn. Dat ass mol als éischt ze soen.

Dann dat zweet: D'CSV huet d'Reglement vum Parking résidentiel matgedroen. Mir waren och averstane mat der Kreatioun vu spezielle Parkinge fir Camionnetten op de Sitë Boulodrome, Saint Eloi Parking a Skatepark. An et muss een awer och soen, d'Leit vun Diddeleng begréissen dëst Reglement. Si bestätegen eis och, datt et vill méi einfach ass, Parkplazen an de Stroossen ze kréien zënter d'Camionnetten entzwousch däerfen oder musse parken.

Mir verstinn awer och d'Doléancë vun den Entrepreneuren. Och eis Chauffere vun de Service-techniquen oder Chauffere vun anere Privatfirmae mussen och mat hirem Privatauto bei de Service, bei d'Firma fueren, do den Auto parken an da mat der Camionnette oder dem Camion weiderfueren. Dat ass nun eben eemol esou, net nëmmen hei, mee och an anere Gemengen. Sécher ass et hei zu Diddeleng fir d'Betriber net einfach en Areal bei dem Betrib ze fannen, dee grouss genuch ass fir datt d'Employéen hir Privatautoen do kënne parken. Mir hunn net genuch Flächen, wou kleng a mëttelstänneg Betriber sech kënnen ausbreeden, an dat ass eng Problematik déi virun Allem och vun der CSV ëmmer nees ënnerstrach ginn ass, datt mir zum Beispill eng Zone Helper oder Koibestrachen méi séier ausbauen, fir datt d'Betriber och hei Méiglechkeeten hunn, sech op engem adäquat groussen Areal nidderzeloossen. An heimat och nach eng Kéier en Appel un de Schäfferot, dëst prioritär unzegoen.

A mir hu jo och héieren, datt am Quartier Nei Schmelz am Süddeel och sollen Terraine fir Betriber solle reservéiert ginn. Dat ass eng gutt Nouvelle an ech denken awer och, datt een zum Beispill déi Süd PAP prioritär soll ausschaffe fir datt eben eis d'Betriber net fortlafen an hei eng Méiglechkeet kréie fir sech an hirer Stad nidderzeloossen. Mee dat ass natierlech näischt wat ee kann elo direkt konkret ëmsetzen, a wat elo de Leit direkt hëlleft.

Wat proposéiert d'CSV dann elo direkt konkret?

D'Gemeng sollt op jiddwer Fall, dat hate mir och an deene leschte Sitzunge scho gesot, vläit duerch eng uerdentlech Beliichtung vun de Parkingen d'Sécherheet erhéijen an de Risk vun den Abréch an d'Camionnettë miniméieren.

Falls d'Entrepreneuren zum Beispill wéilten de Parking duerch eng Clôture oder eng Paart ofsécheren, da soll d'Gemeng, falls esou eng Demande u si erugedroe gëtt, déi néideg Baugenehmegungen zügeg ginn. D'CSV steet wéi gesot nach ëmmer hannert deem Parkingsregelement, versteet awer d'Doléancë vun den Entreprisen an hofft, datt awer am Dialog mat hinnen eng Verbesserung vun der Situatioun ka fonnt ginn. Merci.

Romain Goergen (Déi Gréng): Merci. Ech géif mech dann am Numm vun deene Grénge ganz kuerz kënne faassen. Hei am Diddelenger Gemengerot hu mir am Juli d'lescht Joer eppes beschloss wat d'Stad Lëtzebuerg, Esch an Déifferdéng scho méi laang agefouert hunn, nämlech datt d'Camionnetten nuets an de Weekend näischt an de Wunnquartieren ze sichen hätten. Dat ass noutwenneg ginn, well d'Parkplaze méi rar gi sinn a well mir den Awunner awer sécher wëllen dofir Prioritéit ginn.

Ech hunn dem Reglement deemools zougestëmmt am Numm vun deene Gréngen an ech stinn och elo nach dohannert. Et ass kloer, datt dat d'Gewunnechten op d'Kopp stellt a Leit, déi mat hiren Entreprisë betraff sinn, allerlee Argumenter bréngen fir hir Interessen duerchzesetzen.

Den Här Thill huet se ganz schéin elo duergeluegt a si sinn eis och verständlech. Mir mengen awer, datt eist Reglement am Sënn vun der Allgemengheet ass a soll duerchgesat ginn, also am Sënn vun der Majoritéit vun den Diddelenger Biergerinnen a Bierger.

Wat allerdéngs ongënschteg ass, dat huet d'Madame Kayser elo gesot, dat ass, datt déi Camionnettëparkplazen all am Süde vun Diddeleng sinn a keng eenzeg am Norden. Dat ass wuel och den Haaptproblem. Da misst een natierlech no enger besserer Léisung sichen a beispillsweis och zu Biereng esou eng Parkplaz fir Camionnetten zur Verfügung stellen. Ech denken, datt dat d'Situatioun géing entschäerfen. Merci.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci fir d'Wuert. Vläit e bëssen allgemeng, ech si verwonnert, et gesäit elo esou aus wéi wann den Här Thill den eenzege wier



dee géing d'Betriber verstoen. Ech mengen, dat doten ass effektiv e Problem fir d'Betriber. Deeës si mir eis bewosst, mir kënnen awer kee Reglement ausschaffen, wou mir soen, eis intern Betriber däerfen an déi vu baussen net. Ech mengen, de Camionnettëproblem, deen huet ee gesinn am beschten op der Gare. Do op deem Parking stounge massiv Camionnetten an dat ware sécher keng Camionnettë vun de Betriber, déi hei zu Diddeleng sinn. Ech sinn och der Meenung, absolut, et ass richteg, et ass schwéier fir d'Betriber, wann si hire Mataarbechter d'Camionnettë net méi kënne mat heem ginn, mee ech mengen awer, datt d'Gemeng op genuch ass, den Här Buergermeeschter an och d'Madame Dall'Agnol fir de Betriber entgéint ze kommen a mat hinnen ze diskutéieren.

Also, et ass elo net esou wéi wann do Funkstille wier an et géif gesot ginn, mir diskutéieren net mat hinnen.

Schuet ass et einfach, datt d'Betriber vun ausserhalb - dat ass net elo emol géint d'Diddelenger Betriber - déi vläicht zu Leideleng sinn oder wou och ëmmer, datt déi massiv Camionnettë mat erëm bréngen an datt eis Leit dann do de ganzen Dag oder de ganze Weekend ronderëm fueren a keng Plaz fanne fir sech ze parken.

Elo kann ee soen, den Noper huet e groussen Auto an deen hëlt och eng Parkplaz ewech. Dat ass net falsch. Am Code de la route gëtt awer en Ënnerscheed gemaacht tëschent engem Auto an Transport de choses an d'Reglement ass gemaacht: “Véhicules destinés au transport de choses”. Dat steet ganz kloer am Reglement. Elo kann een dat net esou soen “Hei, deen doten huet e groussen Auto, deen ass esou grouss wéi eng Camionnette, also do gëtt et schonn e Code de la route, un deen ee sech muss halen. Ech verstinn absolut dat wat d'Betriber soen, eis Diddelenger Betriber, an ech sinn der Meenung, datt de Schäfferot oppe genuch ass fir mat hinnen ze diskutéieren an eng Léisung ze fannen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och fir déi dote Stellungnahm. Keng weider Interventiounen? An deem Fall ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Merci fir d'Wuert a Merci och dem Här Thill, datt hien dat op den Ordre du jour gesat huet an dann all de Conseilleren déi elo Stellung geholl hunn. Just fir den Här Thill als Informatioun, d'Ofstëmmungsergebnis vun deemools, dat war unanime. Et waren dräi Leit de ganze Gemengerot entschëllegt, dorënner Dir selwer an eng Persoun ass éischter gaangen. Dat ass d'Ofstëmmungsergebnis vun dësem Punkt vum Ordre du jour gewiescht. Dat kënne mir Iech herno och gär weisen.

Wéi Dir wësst, hu mir deemools am Juli zwee Verkéiersreglementer ugeholl. Dat vum Parking résidentiel an dat vun de Camionnetten. Firwat déi zwee matenéen? Ma well déi zwee eigentlech anenee gegraff hunn. Wann Dir den analyteschen zeréckliest, da gesitt Dir och, datt ech deemools an der Stellungnam déi zwee beienee behandelt hunn.

Firwat d'Camionnettëreglement?

Ma mir kruten iwwerall aus Diddeleng gesot, mir sollte kucke fir endlech déi Camionnetten – an dat hu jo och schonn d'Virriedner hei gesot – erof ze kréie vun der Voie publique. Mir kruten dat net nëmmen aus eenzele Quartieren oder eenzele Stroosse gesot, mee mir kruten dat queesch duerch Diddeleng vu Biergerinnen a Bierger gemellt, déi sech beschwéiert hunn. Dat ass - an dat huet och schonn eng Virriednerin gesot - keng Diddelenger Erfindung, mir hunn hei net d'Rad nei erfonnt. Dat gëtt et, fir elo just d'Südgemengen ze nennen, schonn zënter enger Rei Joeren zu Déifferdeng, zu Schëffleng, Esch ass och ugeschwat ginn, d'Stad souwisou. A mir hunn och scho virun enger Rei Joeren zwee Parkingen zur Verfügung gestallt gehat, eemol an Italien an eemol op der Schmelz, well deemools eben de Problem sech do am meeschte gestalt huet.

Déi zwee Parkingen do, déi si jo och bestoe bliwwe fir d'Camionnetten ofzestellen an et koum eben nach ee Parking bäi, eben de Skatepark, deen 101 Parkplazen huet.

Als Rappel a vläit och e bëssen zu de Fakten, d'Camionnetten däerfen zënter dat Reglement bis a Kraaft ass ebe just nach vu méindes bis samschdes vun 8 bis 18 Auer do stoen, well mir jo dann dovunner ausginn, datt déi Leit eppes do ze sichen hunn, nämlech datt déi do schaffe bei engem doheem.



An ab owes 18 Auer an ebe bis moies 8 Auer, däerfen si eben net méi an de Stroosse stoen, just nach wann Dir en eegenen Terrain hutt, zum Beispill eng Afaart wou se ka stoen, an dat nämlecht gëllt da samschdes owes ab 18 Auer bis méindes moies, oder iwwer d'Feierdeeg, däerfen se och net do stoen.

Dat Camionnettëreglement dat huet dann och nieft dem Parking résidentiel, an dorop sinn ech uganks jo schonn agaangen, firwat mir déi zwou Saachen deemools zesumme gestëmmt hunn, zu enger weiderer Entspanung an all eise Stroossen an an all eise Quartiere wat d'Parkplazen ubelaangt gefouert a bis elo hunn sech d'Biergerinnen an d'Bierger dozou och nëmme positiv geäussert. Dorop si jo och schonn aner Virriedner agaangen.

Als Info, ech soen dat och nach eng Kéier, ech hat et schonn deemools gesot, datt och d'Camionen dorënner falen, dat heescht Gefierer iwwer 3,5 Tonnen, well mir och deemools gemellt kruten, datt et géife Camione ginn, déi an eise Stroossen iwwernuecht hunn, wat nach vill méi dramatesch ass. Wa Camionnettë Parkplazen ewech huelen, da brauch ech lech net ze soe wéivill Plaze Camionen ewech huelen. Déi Camionen däerfen och net op deenen designéierte Parkinge stoen, well mir wierklech dovunner ausginn, datt Camionen näischt hei ze sichen hunn an enger Uertschaft, mee datt déi wierklech op e Parking vum Betrib gehéieren.

Dat just nach eng Kéier als Rappel zu dem wat dann elo an deem Reglement dra steet a wat och d'Zil vun dem Camionnettëreglement deemools am Juli war wou mir dat hei gestëmmt hunn.

Lo awer zu dem faméise Bréif. Den Här Thill ass just op den Inhalt vun dem Bréif agaangen, ech wäert mir dann awer erlaben a menger Stellungnam och op den Toun vun dem Bréif anzegoen, well dozou gëtt et munches ze soen.

Mir hunn dee faméise Bréif als Gemeng och am November kritt, do steet drop datt de ganze Schäfferot an d'Conseilleren en och krut hunn. Mëttlerweil hunn ech awer héieren, datt eenzel Conseilleren deen net kritt hätten. Ech weess et net, ech gesinn net an är Bréifkëscht. Dat muss jiddweree fir sech eenzel soen, ob en e kritt huet oder net.

Deemools an deem Bréif stoung just en Numm an eng Telefonsnummer dran, et stoung keng Firma dran a mir sinn dann higaangen a mir hunn iwwert Editus erausfonnt wien den Här wier an datt en och eng Firma huet a wéi eng Firma dat ass. Mir hunn him dunn op säi Bréif eng schrëftlech Äntwert ginn, wéi sech dat gehéiert, wann een d'Gemeng schrëftlech mat eppes befaasst. Allerdéngs war dee Bréif do e bëssen anescht wéi deen, deen den Här Thill elo haut an d'Spill bruet huet. Nämlech datt deemools keng zweet Säit vun dem Bréif derbäi war mat Stempele vun anere Firmaen, soss hätte mir natierlech och deene geäntwert oder hinnen op d'mannst eng Kopie vun der Äntwert geschéckt déi mir dem Betrib, deen de Bréif geschriwwen huet, zoukomme gelooss hunn. D'Gemeng huet also dee Bréif sou wéi en elo ass ni kritt an anscheinend och eng ganz Rei Conseilleren net. Ech muss och soen, ech weess ganz éierlech net ob all déi Firmaen, déi hannendrop elo hire Stempel hunn, ob déi wëllen hei am Gemengerot ëffentlech zitéiert ginn. Mengen Informatiounen no ass dat net de Fall. Ech hu gesot net ALL déi Firmae wéilten zitéiert ginn, dowéinst halen ech och dann domadder op an ech zitéieren se dann net.

Elo dann awer zum Inhalt. Wann den Här schreift, datt mir do mat deene méi räichen d'Méiglechkeet ginn, datt déi Autoen an der Strooss däerfe parken an dee méi Aarmen, wéi hien dat hei ausdréckt, säin Auto net, dann ass dat d'Ae virun der Realitéit zou gemaacht. Déi ass nämlech datt och déi Leit mat de Camionnettë mindestens nach ee privaten Auto hunn an deen dann am Domaine public parke plus nach hir Camionnette derbäi.

A firwat hunn si dee privaten Auto?

Doriwwer misst een och vläit mol eng Kéier nodenken. Ma dat ass ganz einfach well de Patron, an ech soen hei och net all Patron, mee well de Patron ganz dacks guer net zouléisst, datt en deen Auto privat gebraucht. Oder datt déi Camionnette einfach ze grouss ass, datt een se guer net ka gebrauche fir säi private Gebrauch oder fir domat an d'Vakanz ze fueren an datt déi Leit dofir och nach e Privatauto brauchen.

Meeschtens geet et dann, an dat wësse mir alleguerte wa mir déi Diskussiounen hei féieren, meeschtens geet et an de Stéit och net mat engem Auto duer. Wéinstens d'Kanner hunn dann nach en Auto an do fänkt deen eigentleche Problem un. Nämlech dass de wann s de och nach eng bësse méi grouss Camionnette mat heem hëls zwou Parkplaze brauchs, dann hues du selwer nach deen een oder en zweeten oder drëtten Auto an dann ass d'Strooss voll deemno wou's de wunns.






An ob Dir mir dat gleeft oder net, dat ass d'Realitéit hei zu Diddeleng an deene meeschte Stroossen.

Dat wësse mir virun allem well mir um Gebitt vun der Stad Diddeleng jo nëmmen zwou Vignetten erlaben am Parking résidentiel a ganz dacks Leit sech hei mellen déi och nach gären eng drëtt oder eng véiert an der souguer nach méi wéilten. Déi bräichten se net wann se nëmmen een Auto hätten.

Da steet och an deem Bréif, datt wann een eng Voiture de fonction hätt, dann dierften déi do parken an déi aner net. Dat ass net ganz richteg well meeschtens eng Voiture de fonction wéi d'Madame Ries-Di Bartolomeo scho sot, en normalen Auto ass, Transport de personnes an deen zum gréissten Deel dann och vun deene Leit als Privatauto genotzt gëtt. Da soen se, datt d'Parkingen all am selwechte Staddeel wieren, dat bemängelen se och an ech mengen dorop sinn alleguerten d'Virriedner agaangen. Dat stëmmt, dat kann een net falsch maachen. Allerdéngs ass dat de Fall, well déi zwee Parkingen, déi schonn ausgewise waren, nämlech d'Schmelz an Italien, well déi zënter Jore funktionéiert hunn. Well, an dat hunn ech virdrun och gesot, de Problem an deene Quartieren am gréisste war.

Dat heescht, mir hunn dorunner u sech guer näischt geännert. Hätte mir dann einfach sollen de Leit déi do zwee Parkingen erëm ewech huelen? Ech mengen net.

Dann ass de Skatepark bäikomm. Firwat? Ma de Skatepark, dat ass nun eemol e grousse Parking, deen owes weider net gebraucht gëtt. Wou hätte mir e soss sollten himaachen? An e Quartier bei iergendee virun d'Dier? An d'Le'h? Zu Bireng? Nennt mir een, wou mir sou e Parking hunn, wou mir dee kënnen hi maachen a wou d'Leit en net brauchen an deen dann net an engem Naturschutzgebitt ass wéi der Le'h.

Wa mir sou er fannen, da kënne mer gären nach eng Kéier driwwer diskutéieren. A wann dann am Bréif steet, d'Leit misste 45 Minutten ze Fouss goe fir bei hier Camionnette... wann dat wouer wier, da froen ech mech wierklech firwat mir hei viru Chrëschtdag am Gemengerot nach hu missen de Saint Eloi ëmswitchen. Erënnert Iech gutt firwat mir dat hu misste maachen. Nämlech, well am Stot esouguer nach en Auto ass, deen de ganzen Dag net gebraucht gëtt. Mat deem Auto sinn se erop op de Saint Eloi gefuer, hunn den Auto de ganzen Dag do stoe gelooss a si mat der Camionnette erëm fortgefuer. Dat war d'Realitéit, an dofir hu mir nach séier viru Chrëschtdag dee Parking ëmgeswitcht well mir massiv Kloe krute vun de Leit am Quartier, datt Leit vun egal wou an Diddeleng op de Saint Eloi gaange sinn am Plaz op de Skatepark wou nach Plaze waren.

An dat bréngt mech dann och rëm op de Punkt eent vum Bréif zréck, wou da behaapt gëtt, déi Leit hätte guer keen Auto an déi missten déi Camionnette vum Betrib hunn.

Zu der Sécherheet, ech mengen den Här Thill huet selwer gesot, datt him bis elo nach kee Fall bekannt ass wou soll agebrach gi sinn. Mir ass och kee bekannt, mir kruten op alle Fall kee gemellt. Ech muss Iech awer och soen, an dat wësst Dir sécher alleguer aus ärem Privatliewen, datt och bei Iech an der Strooss an Äre ganz normalen Auto kann agebrach ginn, datt op engem ëffentleche Parking an esouguer an ënneriedesche Parkinge kann an Ären Auto agebrach ginn.

Ech gi jo mol dovunner aus, datt wann ech deiert Geschir am Auto hunn, wéi jo hei och steet a wat och sécher wouer ass, da mengen ech gëtt et och dofir eng Assurance. Ech hätt op alle Fall eng, wann ech a mengem Privatauto esou deier Saachen dran hätt.

Wann et e Problem mat de Permanencë gëtt, do si mir doudsécher ganz op. Wann et e Problem mat Permanencë gëtt, da mussen déi Leit sech bei eis mellen, da gi mir sécherlech och eens. Et soll natierlech elo och net ee kommen a soen, den XY huet 365 Deeg am Joer an 7 Deeg op 7 an 24 Stonnen op 24 Permanence, do kënne mir sécher eens ginn.

Wat steet nach dran? Jo, si wëllen am Fong e Beweis, datt duerch d'Camionnetë Parkdrock an de Stroossen entstanen ass. Do stellen ech mir wierklech d'Fro, ob jiddwereen all Dag duerch déi Stroossen zu Diddeleng gefuer ass. Well wann dat nämlech net de Fall gewiescht wier, dann hätte mir net massiv hei Kloen a Bréiwer kritt a wa mir op d'Plaz gaange si bei d'Leit oder eise Service op d'Plaz gaangen ass, datt dat éischt wat komm ass, huelt déi Camionnette eraus, dann hu mir Plaz.

A mir hunn eis och wierklech net zwee Joer Aarbecht gemaacht, fir de Parking résidentiel an d'Camionnettëreglement op d'Been ze setze just well mir domat wollte Leit kugenéieren, also dat ass et wierklech net. Mir hunn dat gemaacht well d'Biergerinnen a Bierger, wéi ech virdru sot, masseg



reklaméiert hunn. Well mir Fotoen à l'appui och kritt hunn, well geféierlech Situatiounen entstane sinn an ech mengen, datt et wierklech ubruecht ass, datt een och mat de Leit schwätzt wéi dann elo d'Situatioun sech an deenen eenzele Stroosse gestalt.

Ech mengen, mir ginn alleguerte gären zou, datt doduerch, datt d'Camionnetten elo eraus sinn, net jiddwereen eng Parkplaz viru senger Dier kritt. Dat nämlecht gëllt fir de Parking résidentiel, zemools well ech virdru scho sot, datt all Stot méi wéi een Auto huet an et dacks och leider keng Afaart oder Garage do ass bei eenzelen Haiser. Dat ass nun emol eben esou, virun allem an ale Quartieren an an ale Stroossen.

Fréier hunn d'Leit, wéi déi Haiser gebaut gi sinn, keng Garage a keng Afaart gebraucht, well si hate keen Auto. Dat ass haut de Problem a mir musse probéiere mat där Situatioun wéi Diddeleng haut ass eens ze ginn. Mir kënne keng Parkplaze schafe wou keng Plaz ass an eenzele Stroossen. Mir mussen ebe kucken, an deene Stroosse mat der Plaz déi mir hunn eens ze ginn. A wann déi kleng Stroossen och nach beluet si mat enger ganzer Rei Camionnetten, da kënnt Dir Iech virstellen, datt d'Biergerinnen an d'Bierger hei op d'Gemeng komm sinn an op d'Barikade gaange sinn. Meeschtens ginn d'Leit sech och eens an de Stroossen an dat wësse mir och aus Erfahrung. Et fänkt eigentlech eréischt un e Problem ze ginn, wa Leit Sträit ënnerteneen hunn, respektiv wann déi am Moment ganz modern Intoleranz Iwwerhand hëlt. Ech mengen, ech war am Budget laang op dat Thema agaangen, duerfir erspueren ech Iech dat. Da fänken d'Leit un, net méi mateneen eens ze ginn an da gëtt et e Problem.

Wéi gesot, ech ginn et gären zou, d'Camionnettëreglement ass sécher net d'Ei des Kolumbus mee et hëlleft awer d'Situatioun zum Deel ze entspanen an dat war jo och eigentlech de But dovunner an ech mengen dat ka jiddereen an deene Stroossen, wou e wunnt, selwer gesinn, respektiv mat de Leit schwätzen.

An dann nach eng Kéier zum Inhalt vum Bréif. Wann dann e Member vum Schäfferot mat Numm a beruffelecher Funktioun an dem Bréif genannt gëtt, an ech sinn et net, fannen ech dat trotzdem ganz culottéiert vun engem Patron, ze behaapten, dee Member géing d'Rechter vun den Aarbechter net verdeedegen. Da faassen ech mir un de Kapp. Meng Hoer sti schonn zu Bierg, dofir muss ech mir un de Kapp faassen. Well dëse Schäfferot an zum gréissten Deel och aus dem Gemengerot, déi kommen aus dem Aarbechtermilieu a mir hunn alle véier wéi mir hei sëtze weder eis Carte d'identité verluer nach schumme mir eis fir wou mir hierkommen. A mir si virun allem ganz houfreg drop, wou mir hierkommen an dofir, genee aus dem Grond, loossen ech mir zumindest fir mäin Deel net soen, ech géing hei kleng Aarbechter boykottéieren. Dee Virworf loossen ech wierklech net gëllen, virun allem net wéi, Här Thill, Är lénk Kolleegen an der Chamber géinge soen, vum Kapital.

An dann zu deene populisteschen Aussoe wéi "Pseudo-élite" oder "se considérant comme telle", ech mengen do ginn ech guer net réischt drop an, dat ass mir wierklech den Otem net wäert well fir sou Aussoen, wéi se an deem Bréif sti ka jiddwereen sech selwer e Bild vum Verfaasser maachen an ech froe mech wierklech éierlech, ob jiddwereen deen dat doten ënnerschriwwen huet et am Detail esou gelies huet, an och do ass mengen Informatiounen no, dat net geschitt. Mee bon, ech mengen do mussen d'Verfaasser vum Bréif mat deene Leit, déi hire Stempel drop gemaacht hunn, selwer ausernee setzen, dat ass nu wierklech net d'Aufgab vun der Gemeng.

Et kann een net averstane si mam Camionnettëreglement, dat ass de bonne guerre, ech mengen dat ass legitime. Mir sinn och hei an dem Gemengerot net ëmmer unanime mat allem eens. Trotzdem ass et awer och den Toun deen d'Musek mécht an deen ass an dësem Bréif definitiv verfeelt. A wa mir sollen diskutéieren, ganz gären, awer net an deem Toun vun deem Bréif hei.

Fazit, och mengen ech wann een sech un d'Gemeng wennt, datt d'Gemeng soll dofir suergen, Parkraum ze schafen, domat wennt een sech un d'Allgemengheet, also un all eenzelne Steierzueler. Och dat fannen ech net richteg an do soll och e Patron kucken, genuch Parkraum zur Verfügung ze hunn.

Mir wëssen och, an ech mengen d'Madame Kayser hat et virdru gesot, datt dat net ëmmer méiglech ass, trotzdem kënne mir als Gemeng net zouloossen, datt eisen ëffentleche Parkraum permanent zougesat ass.

Ech muss och nach eng Kéier soen, et kann een och net esou maachen, wéi dat am Bréif higestallt gëtt, wéi wann dat eng Heldentat wär, datt den Aarbechter däerf seng Camionnette mat heem huelen. Neen, e muss se mat heem huele well de Patron ganz dacks keng





Plaz huet. An ech kennen der esouguer, déi kruten eng Prime well si se mat heem geholl hunn. Ech schwätze mat deenen eenzelnen Aarbechter. Ech wunnen duerch Zoufall an enger Strooss wou vill Camionnettë stoungen.

De leschte Saz vum Bréif ass, datt si frou wäre wa mir si vum Contraire kéinten iwwerzeegen, datt dat Camionnettëreglement sënnvoll ass, dat hunn ech elo probéiert ze maachen. Och wann ech dovun ausginn, datt dat net bei jidderengem ukomm ass. Voilà.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Claudia Dall'Agnol fir seng Stellungnahm. Ech well eisen aktiven Nolauschterer soen, datt si aktiv kënnen nolauschtere mee datt am Fong net virgesinn ass, datt si hei d'Wuert kréien, dat sinn d'Regelen hei vum Gemengereglement. Ech ginn herno dorop an, mee wéi gesot, d'Regel ass, Dir kënnt ganz gären, Dir sidd och wëllkomm, Dir hutt jo aktiv nogelauschtert, Dir hutt alles matkritt, mee wéi gesot, d'Wuert ergräifen dierft Dir hei net. Just dat zur Präzisioun. Den Här Gangler huet d'Wuert.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt just, well d'Leit hei d'Fro stellen, war dat wierklech sou schlëmm mat de Camionnetten, en Temoignage ofginn. Et koum eng Kéier e Patient bei mech, deem hunn ech missen d'Salle à manger nei maache well en ass vun engem Camionnettefuerer virun senger Dier zerschloe ginn, well en sech getraut huet, deen ze froen, ob deen net wann ech gelift seng Camionnette wéilt réckelen. Also, esou schlëmm kann et kommen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Gangler fir deen Temoignage. Den Här Thill huet d'Wuert.

Joseph Thill (Déi Lénk): Ech mengen et ass nëtzlech, datt ech zwou oder dräi Explikatioune ginn zum Wäerdegang vun dem Bréif. Ech hunn en effektiv och kritt ouni Ënnerschrëften. Wann ech e Bréif kréien als Gemengerot an ech fannen iergendwéi Zäit, da probéieren ech dann och, op d'Leit zouzegoen.

Ech hat also e Gespréich mam Här Ferreira an ech hunn hie gefrot ob et méiglech wier, also ob dat en eenzele Problem wier oder ob dat e méi allgemenge Problem wier vun de Betriber. Hie sot mir dunn, dat wier méi en allgemenge Problem an dofir dann d'Ënnerschrëften. Dat heescht, ech hunn de Bréif kritt mat den Ënnerschrëften an dofir hunn ech deen och mat den Ënnerschrëften eragereecht elo an net am Dezember, well do war den Delai vum Novemberconseil verpasst ginn, an am Dezember war, d'Madame Kayser huet dat gesot, souwisou schonn esouvill um Ordre du jour, do hätte mir keng roueg Diskussioun gehat.

Et wär dann awer vläit och gutt wann sou Bréiwer weidergeschéckt ginn un d'Leit aus dem Gemengerot an de Schäfferot verfaasst eng Äntwert, wann d'Leit aus dem Gemengerot dann d'Äntwert och kréichen, soss gëtt dat nämlech den Androck wéi wann dee Bréif einfach am Sand géif verlafen a keng Äntwert drop kéim an dat ass op jiddwer Fall net richteg.

Zu den Argumenter well ech weider näischt méi soen, just ebe genau, datt et eben de System gëtt mat de Vignetten an datt jiddweree maximal zwou Vignette kritt, dat schaaft eben de Problem, well da kënnen d'Leit jo decidéiere firwat datt si hir Vignetten huelen, an dat ass ebe mat dësem Reglement net méi de Fall. Fir de Rescht hoffen ech, datt dat Gespréich tëschent de Betriber an dem Schäfferot dann effektiv zustane kënnt an datt do da Léisunge praktesch kënne fonnt ginn. Ech soen Iech Merci.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Just eng ganz kuerz Fro. Ech weess net wéi Dir un de Bréif komm sidd. Also, ech wëll just soen, datt op dëser Säit keen de Bréif hat. Dat heescht, wat hätte mir mat enger Äntwert ugefange wa mir de Bréif mol net haten.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Gutt, ech gi vläit op e puer Punkten an. Ech fannen, et ass prozedural e bëssen awer krokeleg ass, wann e Conseiller e Punkt wëll op den Ordre du jour sëtzen. Ech géing awer och soen, datt mir als Schäfferot an dat konfirméiert sech och vun de Reien hei vum Gemengerot, datt eng ganz Rei Leit de Bréif mat den Ënnerschrëfte guer net kritt hunn. Dat ass e prozedurale Constat.

Verschiddener hunn e kritt, anerer net. Fazit ass, beim éischte Bréif hu mir, nodeems mir als Gemeng Recherchë gemaacht hunn, eng propper Äntwert deementspriechend ginn. Dat ass mol dat éischt. Dat heescht vun der Prozedur hier stellen sech awer hei Froen, wann



ech awer och héiere wat den Här Thill eis hei seet. Wéi gesot, eng Rei hunn en net kritt, anerer hunn e kritt. Mir hunn en op den Ordre du jour gesat. Ech mengen, et ass transparent.

Et ass jo da kee Problem, mee et ass op alle Fall fir nächst Situatiounen ass dat heite ganz kloer z'ënnerstellen. A wann een eppes esou verschéckt, da soll jiddwereen et kréie vum Gemengerot. Well hei steet jo och "Lettre ouverte à Messieurs et Mesdames les échevins et conseillers communaux", da soll och jiddwereen dat kréien an net nëmmen een. Also prozedural stellen ech mir do eng ganz Rei Froen. Éischtens.

Zweetens wëll ech soen, d'Claudia Dall'Agnol ass drop agaange wat d'Camionnettëreglement ugeet, wäerte mir näischt änneren. Et ass wéi et de Moment ass. Ech wollt awer och nach dat opgräifen, wat d'Madame Kayser gesot huet. Déi dräi Parkplaze fir d'Camionnetten, déi mir elo virgesinn hunn, dat sinn ëffentlech Parkplazen. Do kann ee sécherlech kee Clotûrage ronderëm maache well se och ausserhalb vun der Zäit wou d'Camionnetten do parken, ass et awer ëffentleche Raum an et sinn ëffentlech Parkplazen an do kënnen och aner Leit, all d'Bierger, well d'Reglement huele mir jo am Sënn vun der Allgemengheet. Da kënnen natierlech och all déi aner Leit fräi do parken.

Ech verschléisse mech awer net, dat ass jo och virdrun ugeschwat ginn, wann d'Signatairen, an och do wëll ech soen, do hu mir och Récksprooch geholl, hu mir verschidden Entreprisen hei, an och Verschiddener, déi dat heiten ënnerschriwwen hunn, ouni datt si de Contenu kannt hu vun deem heite Bréif. Dat hunn ech och confirméiert kritt.

Ech verschléisse mech awer net, datt do d'Auteure vum Bréif, wann si Alternativen hunn, mir ver schléissen eis net dem Dialog, wann si Alternative fannen déi viabel sinn, nach mussen se viabel sinn, an deem selwechte Sënn wéi déi dräi Parkingen déi mir elo ausgewisen hunn, déi viabel sinn, wa mir eng aner Situatioun vu Parkinge fannen déi viabel ass, kënne mir ganz gären doriwwer diskutéieren. Éischtens. Nach muss een eng viabel Alternativ fannen.

An zweetens, wann d'Suerg do ass par Rapport zu der Sécherheet, nach wësse mir datt keng Abréch statt fonnt hunn. Wann eben en Obulus vun der Gemeng ka kommen, datt een um Niveau vum Éclairage kann nobesseren, wann dat kann hëllefen, da verschléisse mir eis sécher net, an deem Sënn zousätzlech Luuchten op strategesche Plazen ze setze wou Camionnetten dann och owes parken. Déi Ouverture kann ee vun dëser Plaz aus ginn. Mir sinn also oppe fir Alternativen an den aktiven Nolauschterer ginn ech einfach dee Message mat op de Wee. Dat heescht, do kann ee ganz gären nach eng Kéier gesinn an à tête reposée heiriwwer diskutéiere wa viabel Alternativen do sinn a wann awer och en Toun ugeluegt gëtt, dee Respekt deementspriechend huet. Et ass och dat wat hei am Virdergrond soll stoen, well wann een Divergenzen huet vu Vuen, den Toun mécht d'Musek an et soll een am Respekt mateneen ëmgoen, egal a wéi enger Situatioun, datt een ass, ob ee bei der Decisioun op der Säit ass vum Politeschen, respektiv op der Säit wou ee betraff ass am Kader vu sengem Betrib. Ech wëll dat nach als Message eisen aktiven Nolauschterer mat op de Wee ginn. Voilà, domat ass d'Diskussioun eriwwer. Den Här Lazzarini wollt nach eppes soen.

Marc Lazzarini (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech hunn eng Fro. Wa mir dee Bréif net kritt hunn, wisou hutt Dir dann e Bréif mat Ënnerschrëften? Dat ass meng Fro, well ech dat net verstinn. Dat ass eppes wou ech net novollzéie kann, wisou keen en hat ausser Dir.

Joseph Thill (Déi Lénk): Nach eng Kéier, dann d'Äntwert op déi dote Fro. Ech hu fir d'éischt e Bréif kritt, ech hat éinescht gesot, am Oktober, oder war et am November, ouni Ënnerschrëften. Deen hat ech a menger Bréifkëscht leien a well en adresséiert war un "Lettre ouverte à Monsieur le Bourgmestre de Dudelange et à Mesdames et Messieurs les échevins et conseillers communaux", hunn ech geduecht, jiddwereen hätt dee kritt an ech war der Meenung, d'Gemeng hätt mir e geschéckt. Well soss wousst ech net, wéi en a meng Bréifkëscht komm wier.

Duerno, dat war de Bréif, déi zwou Säiten ouni Ënnerschrëften. Do stoung dem Här Ferreira säin Numm a säin Telefon dran an do hunn ech ugeruff als Äntwert op dee Bréif, deen ech jo an der Bréifkëscht hat. An dunn ass déi Aktioun zustane komm, well ech d'Fro gestallt hunn: Ass dat en Eenzelfall? Oder sinn dat méi Betriber, déi betraff sinn? Ënnerschrëften drënner ze setzen. An déi hunn ech just kritt elo am Januar, éier ech en agereecht hunn, ebe well ech d'Fro gestallt hat "Ass dat méi en allgemenge Problem fir d'Betriber



oder net?" Selbstverständlech hutt Dir deen dunn eréischt kritt wéi ech en hei op den Ordre du jour gesat hunn. Ech hat en och net virdrun. Ech hunn e fonnt wéi ech de 14. Januar aus der Vakanz komm sinn, dëst Joer. D'Ënnerschrëften hunn ech fonnt, wéi ech dëst Joer nom 14. Januar aus der Vakanz zréck komm sinn.

Marc Lazzarini (LSAP): Da bleift fir mech d'Fro: Dat heescht, ech schreiwen e Bréif a mir gesinn deen dann, an dann duerno ginn ech mir nach e puer Ënnerschrëfte sammelen zu mengem Thema an dann ass de Bréif jo awer geännert? Et ass jo eng aner Ausso ob een dat seet oder ob mir Hären hei sëtzen hunn, wou… Well ech kann och schreiwen, datt ech fir d'Majoritéit schwätze mee dat ass awer net de Fall. Mee wann dann awer Ënnerschrëften drënner sinn, dann ass jo awer d'Diskussioun ganz anescht, an de Wee ass jo sécher net dee richtege Wee dann. Wa mir sou fueren, da komme mir jo ni op e gréngen Zweig hei.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Marc Lazzarini. Zum Ofschloss vun der Diskussioun, ech mengen elo maache mir dee Punkt zou.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Just nach, wann do steet, datt de ganze Conseil e kritt huet, deen éischten, ech schwätzen ëmmer vum éischte Bréif, gell, deem mir eng Äntwert ginn hunn, do steet jo drop, datt de ganze Conseil e kritt huet. Fakt ass awer, datt d'Halschent vum Conseil en net kritt huet – voilà do ass nach een, deen en net kritt huet – dat seet fir mech jo awer schonns eppes aus. Dat heescht, et ass geziilt just un eenzel Leit gaangen, dat seet fir mech och eppes aus. Da kann een net schreiwen, dee wier un de ganze Conseil communal gaangen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): D'Diskussioun ass heimat ofgeschloss. Wéi gesot, d'Diskussioun geet weider op engem aneren Niveau. Déi Aluedung gëllt hei fir eis aktiv Nolauschterer, da kënnt dëse Message och weider. Merci fir déi doten Diskussioun. Ech géing dann iwwergoen op deen nächste Punkt, dat sinn d'Froen déi un de Schäfferot ginn.

## 8. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Hei geet et ëm D'Froe vun deene Gréngen, vun der Madame Kutten a Madame Goergen: Déi soen, datt am leschte Véirel vun der Zoufftger Strooss en Eefamilljenhaus geplangt ass, wat zum Verkaf steet an dat soll ersat ginn, effektiv duerch Appartementshaiser, déi 12 Meter héich a 15 Meter déif sinn, a si befäerten, datt duerch dës Virgoensweis de Liewensaspekt vun deem Quartier sech dann negativ verännert, datt d'Liewensqualitéit vun de Leit an den Eefamilljenhaiser sech verschlechtert an datt trotz dem Schafe vu 1,5 Stellplaze pro Appartement de Parkraum an der Strooss dat nët erméiglecht. A si stellen an deem Kader e puer Froen.

Eng Fro mat zwou Froen: Musse bestëmmte Kritären erfëllt gi fir datt en Eefamilljenhaus an engem Quartier kann ersetzen, wann et kee Quartier à préserver ass, wéi ee Stellewäert huet d'Erhale vun Eefamilljenhaiser a Wunnquartiere vun enger Densité moyenne, well et nach ëmmer eng Nofro gëtt?
A wéi wichteg ass et dem Schäfferot, en Equiliber an eng ästhetesch Gestaltung vu verschiddene Wunn-



quartieren zu Diddeleng oprecht ze erhalen?

A wéi eng Mëttele wëll de Schäfferot sech gi fir selwer dës Gestaltung an d'Hand ze huelen, am Plaz de Promoteuren d'Initiative ze iwwerloossen.

Dat hei ass einfach d'Fro resuméiert oder esou eriwwer bruecht wéi Dir se gestallt hutt.

Ech géing mol éischter ufänke mam aleedenden Text: Wat ass geplangt? Et ass am Moment nach guer näischt geplangt. Dat eenzegt wat de Moment war, dofir wonnert mech awer och déi heite Fro, ass datt just en éischte Kontakt bestanen huet tëschent engem Architekt an eisem Service technique. Offiziell hu mir als Gemeng nach guer keng Pläng respektiv definitiv Pläng geschéckt kritt fir déi ze betruechten. De Projet war nach a guer kenger Bautekommissioun, konnt also nach net beäugt gi vun de Membere vun der Bautekommissioun. Ergo ass nach guer keng Baugenehmegung erdeelt ginn. Dat zu de Fakten.

Anere Fakt: 1,5 Stellplazen am ëffentleche Raum schafen. Dass mir eis richteg verstinn, wann een neie Wunnraum schaaft, ausser an der Zone centrale wou een sech dovunner ka fräi kafen, sinn déi Stellplazen, respektiv déi Emplacementer, déi sinn net nëmme bausse mee och bannen. An normalerweis ginn se banne geschaf. Dat reng zu de Fakten, sou wéi de PAG vun der Stad Diddeleng opgebaut ass. A wann dat net geet, wann dat net ka gemaach ginn, da kann de Projet, sou wéi en eragereecht gëtt net, gestatt ginn, respektiv muss e revidéiert ginn. Dat einfach zu den objektive Fakten, wat de PAG ugeet.

Dann, zu der Fro. Wéi eng Kritäre mussen erfëllt ginn? D'Route de Zoufftgen, och do loosse mir eis leede vum PAG. Wat seet deen? D'Route de Zoufftgen ass laut dem PAG eng Zone de densité moyenne, also wou et och méiglech ass, Gebaier ze plange mat bis zu 4 Wunnunitéiten. Dat steet fest. An esou laang d'Konditioune vum PAG erfëllt sinn, dat heescht eng Corniche 7,5m, Dachspëtzt maximal 12,5m, Baudéift 15m mat engem Recul vun 10m zu der hënneschter Grenz a maximal 4 Appartementshaiser, kann een dat genehmegen an d'Gemeng huet am Fong guer keng Méiglechkeet esou ee Bauprojet ze refuséieren. Dat wär am Fong ganz arbitraire, et wier en Abus de pouvoir. Mir sinn hei am Kader vum Droit adminstratif, do kann een och, wann een dat mécht, Recours huelen, sou wéi och d'Gemeng d'Méiglechkeet huet Recoursméiglechkeete gelten ze loossen.

Dann zu der Fro: Wéi e Stellewäert huet d'Erhale vun Eefamilljenhaiser an engem Wunnquartier vun enger Densité moyenne? Bon, mir hu jo verschidde Quartieren, déi eng Densité moyenne hunn, an ech mengen, datt d'Route de Zoufftgen, déi een net als renge Wunnquartier ka consideréieren, wéi zum Beispill aner Konfiguratioune wou Densité moyenne ass: Wolkeschdall, Boujel, Ribeschpont, Gaffelt. Ech mengen, d'Route de Zoufftgen befënnt sech op enger Haaptverkéiersachs, si ass un enger vun den Haaptentréeë vun Diddeleng, ähnlech wéi d'Kayler- an d'Lëtzebuergerstroos jo och an Densité moyenne Zone sinn a wou also eng méi dicht Verbauung net falsch ass.

Dann déi aner Fro: den Equiliber mat ästhetescher Gestaltung, wéi een dat wëll a Wunnquartieren hikréien. Also, et ass jo equilibréiert. Grad an eisem PAG hu mir jo an eise Wunnquartieren d'Verankerung tëschent Densité faible, moyenne a centrale. Do droe mir dem Equiliber jo ganz kloer Rechnung. Grad wéi och an enger Zone préservée, dat ass jo deen anere Volet, wéi Butschebuerg, Bireng, Brill, dat huet jo ganz oft mam Charakter vum Quartier ze dinn, mat der Bausubstanz, mat der Geschicht vum Quartier. Also gëtt mam PAG deene Saache ganz kloer Rechnung gedroen.

Jo, d'Ästhetik, dat ass ëmmer... dat ass natierlech eppes wat variabel ass. Wat mir gefält muss net onbedéngt hei lech zwee gefalen oder de Kolleege vum Gemengerot an och ëmgedréint. Dat ass och kee Kritär op deen een sech baséiere ka fir eng Baugenehmegung ze ginn, well et kann ee sech generell net op d'Ästhetik foussen, mee do muss een op de PAG, do gëtt et jo dann och d'Jurisprudenz, an och déi musse mir anhalen. Wat een awer ëmmer ka maache bei Projeten, dat versiche mir och ëmmer, an déi Diskussiounen hu mir och scho mol an der Bautekommissioun gehat, och wann am Fong de Projet de PAG respektéiert awer och vun der Ästhetik Saachen net gefalen, da gi mir och mol dee Message, déi Recommandatioun oder Propositioun, oder ech géing mol hei soen, de Feeling, un den Architektebüro weider. Dee kann natierlech deem Rechnung droen, dee muss awer net deem Rechnung droen. Ech mengen dat ass de Spillraum an deem mir eis hei befannen.

Nach méi Chance fir deem Rechnung ze droen, hu mir an der Zone préservée, well déi ganz kloer am Kader am PAG seet, datt den historesche Charakter, de Charakter vum Patrimoine respektiv vun der Architektur muss erhale bleiwen.



Also, an der Zone préservée ass et am Fong méi restriktiv gehale wéi an deenen aneren Zonen, an et ass an deem Kader wou mir eis kënne beweegen.

Wéi eng Mëttelen hu mir? Fir de Moment hu mir am Fong all déi néideg Mëttele geholl, déi an eisem PAG sinn. Ech sot virdru Bireng, Butschebuerg, Brill ass eng Zone à préserver, do gëtt dat oprecht erhalen, do gëtt dat och respektéiert. Wat ze protegéieren ass do, gëtt ausgewisen. Dat ka jo och deelweis iwwert eng individuell Protectioun ausgewise ginn, iwwer Sites et Monuments, sief dat engersäits fir d'Gemengegebaier, sief dat awer och fir individuell Gebaier. Dat ass jo och de Fall, wou da vun enger Protectioun vu Sites et Monuments geschwat gëtt. Alles dat ass méiglech.

An et muss een awer och prinzipiell soen, nieft der Demande vun Eefamilljenhaiser, wat jo och déi Demande ass, wat jo och gutt ass, gëtt awer och, an och dat ass eng Realitéit hei zu Diddeleng, eng grouss Nofro fir Demandë vu Studioen, Appartementer, Maisons bi-familiales, déi an engem anere finanzielle Kader si wéi déi klassesch Eefamilljenhaiser. Net jiddweree kann a wëll sech en Haus kafen a kann sech et leeschten, mee kann sech awer dofir e Studio oder en Appartement leeschten an och deem musse mir Rechnung droen.

An am Kader vun enger Densité moyenne, huet een awer déi Méiglechkeet deene Parameteren och Rechnung ze droen. Voilà, dat zu deene verschiddene Punkten op déi ech hei wollt agoe wat déi dräi Froen, déi Dir hei gestallt hutt par rapport zu deem dote Projet, dee bis elo nach kee konkrete Projet ass. Mir hu just éischt Kontakter etabléiert.

Domat géif ech weider goen op de Punkt 9, dat ass d'Personal.

## 9. PERSONAL

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass den éischte Punkt, dat ass den Avenant vum, Südaarbechterkollektivvertrag, deen den 16. Januar 2017 ënnerschriwwe gouf, nodeems effektiv ganz laangwiereg Diskussiounen zënter 2009 d'Verhandlunge gefouert goufe mat Héichten an Déiften. Et gouf awer elo eng Eenegung mat de Gewerkschafte fonnt an de 16. Januar hunn déi 18 Gemengen déi am Südaarbechterkollektivvertrag dra sinn, deen ënnerschriwwen zesumme mam OGBL, deen Iech am Beschte presentéiert ass an de Südgemengen awer och mam LCGB, déi zwou Gewerkschafte souzen ëmmer mat um Dësch. De Kollektivvertrag, just fir de Kader ze setzen, trëtt réckwierkend a Kraaft ab den 1. Januar 2017, e gëllt bis den 31. Dezember 2018 an am Fong deckt e ronn 2.000 Gemengenaarbechter of. Dat e bësse fir de Kader ze setzen. Ech gi vläit op verschidden Detailer an, ouni an all Detail ze goen, wat dësen Avenant ugeet vum Südaarbechterkollektivvertrag.

Engersäits an zwee opgedeelt, wat wierklech vu Moossname geholl ginn ass am Kader vun der Negociatioun mat de Gewerkschaften awer och zur gläicher Zäit, Verpflichtungen, déi mir ageholl hu fir weider ze verhandelen a wou d'Diskussiounen och schonn elo amgaang sinn.

Et ass och e bësse gekuckt ginn, an dat war och déi ganz Diskussiounen tëschent deenen 18 Gemengen och mat de Gewerkschaften, wat fir Reformen hu stattfonnt um Niveau vum Staat, respektiv bei der Fonction publique, respektiv bei dem neie Kollektivvertrag vun de Staatsaarbechter. Och deen ass mat an d'Diskussioun gefloss an do si verschidde Saachen direkt iwwerholl ginn, aner Saache wéi gesot an enger zweeter Phase.




Dat ass engersäits de Punkt vun der Prime unique 0,9%, déi effektiv wäert ausbezuelt gëtt. Datt och de Punkt vun 2,2 %, deen an d'Héicht gehuewe gouf. Wéi gesot, de Punkt vun 2,2%, dat war den 1. Januar 2015.

Et ass och festgehale ginn, datt eng Rei Adaptatioune gemaach gi si par Rapport zum Aarbechtsrecht, par rapport zum Kollektivvertrag 2008, wou déi läscht Modifikatioun gemaacht ginn ass. Eng Rei legislativ Modifikatioune waren um nationale Plang wou mir hei adaptéiert hunn, an an den Aarbechtskollektivvertrag mat era geholl hunn. Dat war engersäits d'Kënnegungsfrist souwuel beim CDI awer och beim CDD, wou eng Rei Präzisioune mat era geholl gi sinn. Et ass eng Präzisioun erakomm, wat d'Müllabfuhr ugeet. Mir hunn hei Adaptatioune gemaacht par rapport zum Reclassement professionnel, notamment de Reclassement professionnel interne. Do huet jo d'lescht Joer d'Chamber en neit Gesetz ugeholl, dat hu mir direkt mat erageholl.

Mir hunn och engersäits, wat de Congé ugeet, d'Festleeë vu Congé pro Joer, datt do natierlech gekuckt gëtt mam Arbeitnehmer, datt een do a Modus vivendi fënnt fir datt d'Aarbechter dat kënne kréien, datt si dat mat Zäite mussen ufroen.

Et ass awer och festgehale ginn, datt wat de Congé parental ugeet, dat hu mir och mat erageholl, och do hu mir dat adaptéiert, d'Fräistellung, mat der Fortzahlung vun 20 Stonnen, och dem ass Rechung gedroe ginn, d'Stierfgeld, deem ass och Rechnung gedroe ginn. Dat heescht d'Modulatioun dovunner, dat ass och mat agefloss. Um Niveau vum Trimestre de faveur, och dat war jo an der Fonction publique eng Diskussioun, datt dat ab dem 1. Januar 2018 a Kraaft trëtt.

Natierlech, den Harcèlement moral op der Aarbechtsplaz, d'national Gesetzgebung, och dat hu mir mat eriwwer geholl.

Mir hunn e puer Adaptatiounen ugeholl par Rapport zu verschidde Carrièren, datt déi wann déi ersetzen, datt déi natierlech Punkte bäi kréien, respektiv generell an hire Carrièrë Lounpunkte bäikréien. Dat ass engersäits beim Ersatzconcierge respektiv beim Abteilungsleiter. Mir sinn awer och higaangen, beim Hilfshandwerk ass och festgehale ginn, datt déi keng praktesch Exame méi musse maachen, mee datt am Fong do op en Avis vum Chef de service respektiv mam Ausschuss, datt déi en Avis ofginn, datt een déi Leit kann an déi Carrière ophuelen.

De Chef de file huet och 8 Punkte bäikritt.

Mir sinn awer och higaangen, well mir ëmmer méi och als Südgemengen an déi Richtung ginn, datt mir Leit ausbilden an datt fir déi Leit déi sech Zäit huelen, d'Leit aus ze bilden. Dat kascht natierlech vill Engagement a vill Energie, datt den Tuteur och deementspriechend 10 Punkten, bäikritt.

A mir hunn eis och verflicht, dësen Aarbechterkollektivvertrag nieft dem Däitschen och op Franséisch ze iwwersetzen. Et ass ëmmer déi däitsch Fassung déi eng Prevalence huet, mee natierlech gëtt en ëmmer d'office op franséisch iwwersat. Dat sinn am Fong déi Eenegungen, déi mir hei fonnt hunn.

Mir hunn eis awer och an d'Responsabilitéit geholl, datt mir de Sozialdialog hei an de Südgemenge wëlle stäerken, datt mir eis zweemol am Joer gesinn, dat heescht déi 18 Gemengen zesumme mat de Gewerkschafte wou een engersäits d'Diskussioun weider féiert ronderëm den Aarbechterkollektivvertrag oder generell aner Diskussiounen, déi ee wëllt op den Ordre du jour setzen, datt mir eis do dem Sozialdialog verflichten.

An deen anere Punkt: Datt mir am Fong bis den 30. Juni 2017 déi nächst Verhandlunge wëllen ofgeschloss hunn, wou mir déi zweet Phase vun de Reformen, déi elo statt fannen am ëffentleche Secteur, an der Fonction publique, datt mir déi mat eran huelen an an deem Kader sinn déi ganz Diskussioune ronderëm d'Carrière plane, déi undiskutéiert gëtt, well och dat eng Fuerderung war vun de Gewerkschaften, wat d'Planifikatioun vun hirer Carrière ugeet, respektiv awer och déi ganz Diskussioun wou och an der Fonction publique diskutéiert gouf, datt een d'Ufanksgehälter liicht erofsetzt an awer opfänkt um Niveau vun der Carrière plane.

Alles dat sinn Diskussiounen, déi mir als Südgemengen de Moment amgaang sinn, mat de Gewerkschaften ze féieren a wou mir eis wierklech d'Wuert ginn hunn, dat bis den 30. Juni 2017 ofgeschloss ze hu fir eben dat ze verhënnere wat bis elo war, datt op eemol sollen Diskussiounen open end geféiert ginn.

Ech mengen, do ware mir eis alleguerten eeneg um Dësch, allen 18 zesumme mat de Gewerkschaften, datt mir esou eng Situatioun net méi wëllen.



Voilà, dat heescht engersäits den Avenant gemaacht. Deen ass wéi gesot gutt geheescht ginn, deen ass ënnerschriwwe ginn de 16. Januar.

An op der anerer Säit hu mir scho mat den Negociatiounen ugefangen tëschent Gemenge mat de Gewerkschaften, déi mir wäerte weiderféieren an ofschléisse bis den 30. Juni 2017, sou datt dann nach eng zousätzlech Adaptatioun ka kommen. Voilà, dat als Abléck op den Avenant an d'Diskussioun ass op.

Joseph Thill (Déi Lénk): Merci Här Buergermeeschter. Dëst ass fir eis e Kollektivvertrag, wou eigentlech weidergefuer gëtt wéi scho säit 2009. Et ass eigentlech eng Nullronn, well dat eenzegt wat fir d'Gemengenaarbechter dobäi erauskënnt, dat ass eng Prime vun 0,9%, déi dëst Joer ausbezuelt gëtt. Déi 2,2% vun deenen éinescht och Rieds war, déi stounge schonn am Kollektivvertrag virdrun, déi ginn zënter 2015 applizéiert. Also ass dat u sech keng Neierung.

Nullronn, dat heescht, datt net vill Verbesserungen derbäi sinn. Et sinn eng Rei punktuell Saachen dran, déi mir och duerchaus begréissen. Et sinn och keng Verschlechterungen dran. Dat ass an dësen Zäite vläit net onwichteg. Mee, bon d'Austeritéit vun 2008-14 ass och eriwwer. Et kéint een da vläit och bei de Gehälter eppes maachen.

Firwat datt ech net voller Begeeschterung schwätzen, dat ass wéinst dem Punkt, deen Dir och schonn ugeschwat hutt, den ech ugeschwat hat hei déi aller éischt Kéier, wéi ech am Gemengerot souz, dat ass déi Iddi mat de Kierzunge vun den Ufanksléin. An ech liesen dann hei am Schluss vum Dokument, wat mir virleien hunn ënner Artikel 105: "Verschiedenes: Die Vertragsparteien erkennen das Prinzip der Einführung einer geregelten Einstiegsprozedur für neue Arbeitnehmer an, welche sich an die Bestimmungen der Reform der Gemeindebeamten anlehnt". Sou, wéi Dir et och elo gesot hutt, gëtt iwwert dee Punkt nach diskutéiert an et soll zu engem Ofschloss komme bis am Juni.

Dofir erlaben ech mir awer och, nach eng Kéier ze widderhuelen, wat mir do scho gesot hunn: Duerch d'Kierze vun de Stageindemnitéite vun der Fonction publique bei de Staatsbeamte vun 20% während zwee Joer a vun 10% am drëtte Joer, ass déi selwecht Prozedur oder déi selwecht Tarifikatioun op d'Gemengebeamten iwwerdroen.

An dofir ass et mir wichteg, nach eng Kéier ze betounen, datt et och Staatsaarbechter gëtt an datt bei deene Staatsaarbechter déi Kierzung net agefouert ginn ass. Also gëtt et an eisen Aen och kee Grond, dat da bei de Gemengenaarbechter ze maachen.

An datt se bei de Staatsaarbechter net agefouert ginn ass, dofir gëtt et eigentlech dee gudde Grond: D'Aarbechter, déi hu kee Stage. Oder, wann een sou wëllt, déi hunn eng Léier gemaacht an si ware schonn als Léierbouf an enger Zäit wou si deelweis ënnert dem Mindestloun bezuelt gi sinn, also déi hunn déi Period do eigentlech scho matgemaach. An dofir kënne mir dann och, an ech beruffe mech do op en Artikel vum Lëtzebuerger Wort vum November vum leschte Joer, dee Virschlag, den am Juni vum Här Codello vun der Escher LSAP, den Delegatiounschef war an dee vun der CSV a vun deene Gréngen ënnerstëtzt ginn ass fir déi Gehälter em 20% bei der Astellung ze kierzen, wat iwweregens op der ganzer Carrière zu engem Minus vun 8% gefouert hätt, ech widderhuelen: 8% Minus op der ganzer Carrière, dat ass net näischt.

Dat kënne mir definitiv net ënnerstëtzen an dofir wollt ech déi Géigenargumenter och hei nach eng Kéier mat op de Wee ginn. Ech hunn héieren, elo wär do eng Aarbechtsgrupp wou souwuel d'Gewerkschafte wéi och Vertrieder vun de Gemenge mat deene verschiddenen Orientéierungen an Dir och selwer, Här Buergermeeschter, déi Verhandlung géif féieren an ech wär natierlech frou wann et do zu enger Léisung géing kommen déi och fir d'Gewerkschaften akzeptabel sinn. De Virschlag vun 2015, dee war et ganz kloer net.

Wéi gesot, dee wichtegen Deel vun dem Kollektivvertrag steet u sech nach aus.

Ech hätt just nach zwee Punkten, wann Dir erlaabt éier ech dann zum Schluss kommen. Also ganz kuerz: Am Artikel 3 vun dem Kollektivvertrag steet, d'Gemenge kéinten e Conseil de recrutement aféieren. Dee besteet zu Esch. Mir wieren u sech frou wann sou ee Conseil de recrutement mat Participatioun vun enger Persoun aus der Personaldelegatioun och hei kéint zu Diddeleng kéint ageféiert ginn. Dat géing eiser Meenung no nämlech d'Prozedur méi transparent maachen.

Dat ass ee Punkt.



An deen zweete Punkt: Wéi gesot, et sinn eng Rei Verbesserungen op praktesche Saachen déi awer d'Familljeliewen oder d'Liewen allgemeng betreffen, sinn an dem Kollektivvertrag dran. Dat begréisse mir och. Mir begréissen och ausdrécklech de Punkt den Dir ugeschwat hutt, datt an der Zukunft vläit d'Gemenge méi systematesch bei der Ausbildung vun de Leit hëllefen, dofir dann och déi Prime fir de Mentor, wat mir ganz an der Rei fannen.

An do wollt ech dann ebe meng zweet Fro stellen: Huet d'Gemeng Diddeleng do scho konkret Virschléi oder Virstellungen, wéi si bei der Ausstellung an Zukunft wëllt weidergoen. Si mécht elo scho ganz vill, dat ginn ech gären zou. Ass do Zousaz nach envisagéiert oder bezitt dat sech méi op aner Gemengen, déi sou eng Ausbildung, wéi gesot d'Diddelenger Gemeng se schonn zu engem groussen Deel huet, bis elo nach net hunn. Eis Schlussstellungnahm ass, mir stëmmen dem Kollektivvertrag natierlech zou ouni ze vill grouss Begeeschterung, well ee ganz wichtege Punkt an eisen Aen nach opsteet an nach verhandelt gëtt. Ech soen Iech Merci.

Michèle Kayser Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, et handelt sech hei schliisslech em en Aarbechterkollektivvertrag, deen 2.000 Aarbechter an 18 Gemenge betrëfft. Bis Juli 2015 gouf et e Konsens tëschent 18 Gemengen. D'Iddi vum 13.6. 2015 war nach am leschte gemeinsame Gremium, datt ee soll unanime eng Stellung huelen an dann deen Unhang vum Kollektivvertrag ausschaffen, wann an der Fonction publique d'Adaptatiounen duerchgesat gi sinn. An dat war déi leschte Kéier wou si alleguerten zesumme frou an zefridden aus enger Sitzung eraus gaange sinn.

An et ass net wéi den Här Thill gesot huet, datt d'CSV an den Här Codello du Cavalier seul gemaacht hunn, da bleift och bei der Wourecht, Här Thill, well et war genee ëmgedréint. Et waren 8 LSAP-Gemengen an den OGBL déi Cavalier seul gemaacht hunn. An déi wollten duerchdrécken, datt eng aner Ajoute un de Kollektivvertrag sollt gehaange ginn an do sollt dann erauskommen, datt den Aarbechterstatut herno besser kotéiert wier an de Gemenge wéi de Fonctionnairesstatut.

An do kritt ee Kaméidi an de Gemengen an och am ganze Land an dofir fanne mir et elo gutt, datt d'LSAP an d'Gemengeréit zeréck geruddert sinn an och, datt den OGBL agesinn huet, datt hien net nëmmen Aarbechter vun 8 Südgemenge vertrëtt mee d'Aarbechter aus dem ganze Land an och zum Deel Gemengebeamte vertrëtt an dofir si mir frou, datt sech elo erëm un en Dësch gesat ginn ass an e Konsens fonnt ginn ass.

Datt all Gewerkschaften an all Gemengen elo rëm an Harmonie un engem Dësch zesumme sinn. Also wéi gesot, et waren net mir déi d'Zizanie gestëft hunn, Dir musst och richteg bei der Wourecht bleiwen.

Voilà, also elo kucke mir no vir. Dat hei ass eng ganz gutt Propos. Wat mir och begréissen, dat ass, datt effektiv och soll bis den 30.6 an enger paritéitescher Aarbechtsgrupp eng nei kohärent Gehälterstruktur ausgebaut ginn. Dir hat schonn ugeklongen, et ass Käerjeng dran, Déifferdeng, Suessem an Diddeleng, déi sëtzen an dësem Aarbechtsgrupp mat dran an do gëllt et dann eben iwwert déi Saachen ze diskutéieren, wéi d'Ufanksgehälter, wéi d'Stagezäit déi bis elo nach net verhandelt gi sinn, wat awer komescherweis beim Accord vun der Fonction publique kee Sträitpunkt war.

A wat mir och begréissen, ass datt an deene Punkten déi nach sollten diskutéiert ginn, iwwert d'linear Carrière geschwat gëtt, kloer Aussoe solle kommen iwwert d'Formation continue. Wat mir och explizit begréissen, dass datt och eng Carrière vum Non-qualifié als Beschäftegungsinitiativ soll geschaf ginn, wat jo och mat eisen Demarchen déi mir zu Diddeleng maachen, op dem Gebitt Leit eng Aarbecht ze verschafen, wat eis jo dann och eng kloer Optioun gëtt wéi mir herno do weider déi Leit kënnen ënner Kontrakt huelen.

Wat och begréisst gëtt, dat ass datt d'Ausbildung vu Léierbouwen a –meedecher soll geregelt ginn an och déi Leit, déi déi Ausbildung maachen, datt déi och solle méi héich remuneréiert ginn, dat ass jo och ganz logesch.

Also, mir si ganz zefridde mat dësem Kollektivvertrag an hoffen, datt mir an zwee Joer och e kohärente Kollektivvertrag um Dësch leien hunn, wou alleguerten d'Gemengen an alleguerten d'Gewerkschaften un engem Dësch setzen an datt déi nach net consideréiert Punkten och do e gemeinsamen Accord fannen. Merci.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech sinn e bëssen iwwerrascht, datt den Här Thill hei seet et wier eng Nullronn, et wären nëmmen 0,9%, déi do géifen derbäi kommen, dat anert hätt schonn alles dra gestan. Ech gesinn dat e bëssen






anescht. Och wann dat "nëmmen", wéi Dir sot, 0,9% sinn, all déi nei Reforme si mat drakomm, déi Reform vum Congé parental ass direkt och doran integréiert ginn. Alles dat wéi si elo hei gesot hunn, d'Ausbildung vun den Apprentien, do kommen Zousazpunkten derbäi.

Also ech gesinn dat hei elo absolut net als Nullronn an ech muss éierlech soen, alles wat deene Leit eppes bréngt, sief dat minimal, ech fannen et einfach gutt, datt hei den OGBL an de LCGB, wou wéi d'Gemengen sech eens gi sinn ënnerenee fir verschidde Saachen duerchzemaachen.

Ech mengen, dat heiten ass och net dee leschte Pabeier, dee mir hei virleien hunn. Et wäerten där nach méi kommen an ech fannen och einfach, ech gesinn hei och um Blat vum OGBL, dofir verwonnert et mech e bëssen "qualitative wie auch finanzielle Verbesserungen" an ech menge selwer den OGBL seet, et si Verbesserungen. Ech mengen, elo hu mir hei e Gemengerotsmember, dee mengt et wär net esou. Ech sinn absolut fir déi Leit zefridden, wat hei verhandelt ginn ass. Wéi gesot, d'Verhandlunge gi weider an am Juni – ech mengen den Här Manderscheid kéint eis do nach souguer méi soe wéi ech elo vläit hei – mee wéi gesot, villmools Merci a gutt geschafft och do.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech wëll vläit hei e generelle Constat maachen. Dësen Avenant ass keng Nullronn. Ech wëll dat elo mol hei däitlech soen, well alles dat wat hei festgehalen ass, kascht d'Gemenge méi an ob et och an Zukunft de Gemenge méi kascht, ech mengen do si mir amgaangen driwwer ze diskutéieren. Ob dat och eng Nullronn gëtt, ech mengen dat steet nach am Raum an dofir si mir amgaang Verhandlungen ze féieren. An ech mengen et ass jo herno, en fin de compte, am Juni en Accord soll erauskomme mat deem souwuel d'Gemengen, dat heescht den Arbeitgeber wéi och d'Gewerkschaften an d'Arbeitnehmer, sech kënnen an de Spigel kucken an sech soen: "OK, mir hu gutt zesumme geschafft an dat heiten ass e Modell deen tragbar ass".

Beim Staatsaarbechter muss ech awer soen Här Thill, do ass jo en Avenant gemaacht ginn, och do gëtt et eng Einstiegsprozedur. Et ass vläit net déi selwecht wéi déi beim Fonctionnaire an der Fonction publique, mee och déi ass iwwert dräi Joer geregelt mat enger Evaluatioun. Och do ass nogebessert ginn, just dat awer nach als Präzisioun.

Diddeleng, do musse ee soen, mir hunn ni déi 10 Punkte gebraucht fir den Tuteur fir eng Virreiderroll ze huele wat d'Formatioun an d'Ausbildung ugeet fir Jonker, déi hiren DAP maache respektiv als Ausbildungsplaz.

Dat heite kënnt natierlech deene Leit zegutt, déi och do déi Responsabilitéit iwwerhuelen an ech mengen et ass net geplangt, datt mir elo nach eppes Zousätzleches maache well mir maache schonn immens vill als Gemeng.

Diddeleng huet ni déi Responsabilitéit verstoppt fir do Leit auszebilden an och fir iwwert deen dote Wee Jonker nei Perspektiven ze bidden.

Par rapport zum Conseil de Recrutement, ech mengen dat steet all Gemeng fräi op si dat wëll maachen oder net. Dat ass dann ze kucken, och do spillt eng gewëssen Autonomie. Et muss een awer och soen, datt ee generell am Kader vun den Diskussiounen sech am Endeffekt tëschent de Gemengen an och tëschent de Gewerkschaften ni all ze wäit aus de Féiss louch. Et war ëmmer déi eng oder aner Stellschrauw wou mol Divergenze waren, mee et loung een sech ni wäit aus de Féiss a wat mir hei fäerdeg bruet hunn ass awer ganz anschaubar an ech mengen, wéi gesot, déi nächst Verhandlungen si mir amgaang och do e Modus ze fannen, dee fir jiddwereen tragbar ass.

Voilà, dat zu dëse Punkte wat den Avenant ugeet. E muss awer nach vum Gemengerot guttgeheescht ginn. **Wien ass mat dësem Avenant vum Aarbechterkollektivvertrag averstanen an de Südgemengen? Dat ass unanime,** da soen ech Merci.

Dann nach zwee Punkten an ëffentlecher Sitzung. Dat ass dann d'Kreatioun vun engem neie Poste vum Centre d'Intervention vun der Stad Diddeleng an dat an der Carrière vum Chauffer. Firwat maache mir dat? Dat ass well mir do och scho virdrun déi puer Mol wou mir hei doriwwer diskutéiert hunn, domat konfrontéiert goufen, datt mir e Mataarbechter haten, deen am Centre d'Intervention an där dote Carrière detachéiert war an deen och do dem Centre d'Intervention am Alldag ganz vill gehollef huet, wat seng Missiounen ugeet, deen awer och elo säi Recht geltend gemaacht huet, erëm an de Service Regie transferéiert ze ginn. Hie war och an den Asätz mat dobäi. Dat heescht hien ass rëm integréiert ginn an eis Regiebetriber. Hien ass elo nach do well mir keen neie konnte rekrutéieren. Mee am Kader och vun der Diskussioun ronderëm de CGDIS a mat allem wat dat mat sech bréngt, huet




deen natierlech Preferenz fir nees d'Regiebetriber ze verstäerken, sou datt mir an der Situatioun sinn, wa mir gäre wëllen hei am Alldag dee Service um Niveau vun der Sécherheet garantéieren, datt mir hei e Poste schafe mussen an der Carrière vum Chauffer wou mer rekrutéiere fir de Centre d'Intervention z'ënnerstëtzen a senger Missioun, wou engersäits professionell opgestallt ass, wou vill um Benevolat ass, mee et musse e soen, duerch deen heite Choix si mir an engem Enkpass a mussen hei am Fong dee Posten duerch de Gemengerot schafe loossen, autoriséiere fir datt mir kënne rekrutéieren, fir dem kënne gerecht ze gi wéi dat bis elo war. Voilà, fir en toute transparence ze soen ëm wat datt et hei geet.

Michèle Kayser Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Majo wa mir jo schonn e Posten hunn a just de Mann, deen um Posten ass, dee wiesselt seng Affektatioun, dat ass mir einfach net logesch. Firwat kreéiere mir dann elo nach en zweete Posten, well da verduebele mir am Fong eng Tâche déi mir schonn haten?

Dat ass déi éischt Fro an dann déi zweet Fro: Dee Mann deen elo fortgeet, ass dat een deem mir de Führerschäin bezuelt haten? Well mir hate jo eng Kéier e Posten, wou mir engem Chauffer e Führerschäin bezuelt hu fir op deene grousse Camionen ze fueren an do war jo ëmmer d'Diskussioun, wann dee fort geet, wat maache mir mat deem? Deem hu mir jo awer déi Formatioun bezuelt. A meng Fro: Ass dat elo dann un deen heite Poste gebonnen, wann do elo en neie Männchen drop kënnt ob mir deem dann och erëm deen deiere Führerschäin musse bezuelen?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, nach weider Froen? Dat ass e Mataarbechter ,dee scho ganz laang bei der Gemeng ass, deem hu mir de Permis net finanzéiert, deen ass deemools rekrutéiert ginn als Chauffer, och an der Chaufferscarrière an ass eriwwergeholl ginn an de Centre d'Intervention fir deen z'ënnerstëtzen. Dofir, wann de Wonsch geäussert ginn ass, datt en am Kader vun der Reform net mat eriwwer wëll Goen an de CGDIS, hëlt deen heite Mataarbechter seng Carrière vum Chauffer mat an e geet rëm zréck an d'Regiebetriber. Dat heescht et sinn am Fong net zwee Posten déi mir hei schafen, déi op sinn, dat heescht den ass jo op dem Posten, e geet an d'Regiebetriber zréck an e verstäerkt d'Regiebetriber, mee op der anerer Säit, vu datt ee säi Poste mathëlt ass awer elo e personalen Enkpass am Centre d'Intervention. Dat ass d'Situatioun mat der mir konfrontéiert sinn.

Michèle Kayser Wengler (CSV): Entschëllegt wann ech nach eng Kéier nohaken, mee hu mir dann net an de Regiebetriber genuch Chaufferen? Brauche mir dann do elo nach eng Kéier e Chauffer?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Schéi wär et, wa mir der genuch hätten. Mat de Mülltier déi mir am Moment maachen um Niveau vun der Cadence…

De Führerschäin hat e schonn. Deen ass deemools rekrutéiert ginn als Chauffer. Dee brauch dat och net zréck ze bezuelen an e geet jo och net fort. Et ass jo net, datt e vun Diddeleng fortgeet. E bleift jo an Diddeleng. Wa Leit fortginn an eng aner Gemeng an si hunn e bezuelt kritt, effektiv. Mee dat heiten, dat war een dee souwisou scho vu baussen de Camionsführerschäin hat an dofir direkt an déi heite Carrière komm ass. Dat nach zur Präzisioun.

**Ass de Gemengerot mat der Kreatioun vun deem dote Posten averstanen? Jo? Ass dat unanime? Merci.**

Da bleiwe mir an de Regiebetriber. Do hu mir och e Posten dee mir schafe wëllen an der Carrière vum Ingenieur diplômé fir de Service de Gestion et Maintien du patrimoine. Dat ab den 1. Januar 2017, dat eben als Adjoint par rapport zum Ingenieur deen elo do ass.

Hei geet et am Fong ëm eng Persoun, déi elo schonn do ass, der hiren Aarbechtspensum net ofhëlt mee éischter zou hëlt, déi och an der Carrière ass vum Ingénieur technicien, wéi gesot, déi awer och den Diplom als Ingenieur huet fir den Adjoint ze nennen, och als Adjoint vum Ingenieur well einfach déi Situatioun ass - mat där Aarbecht wou eis Regiebetriber de Moment maache mat deene Projeten déi alleguerten nach virun der Dier stinn – dass mir hei wierklech mussen en Adjoint schafe fir och do kënnen ënnert d'Ärem ze gräifen, mir kënnen och vläit nach herno op e puer Punkten agoen. Wéi gesot, hei geet et em eng Persoun déi scho sur place ass.



Michèle Kayser Wengler (CSV): Dat heescht, et gëtt awer en universitäre Poste geschaf? Et ass net, datt kee Poste geschaf gëtt? Dir hutt schonn een deen Dir gären do drop setzt. Ouni der Persoun wëllen ze no ze trieden, mee dat ass einfach net de richtege Wee. Mir hatene Posten als Ingenieur technicien ausgeschriwwen, et huet sech ee Mann op en Ingenieur technicien-Poste gemellt, deen huet méi eng grouss Formatioun an dat ass dat wat mir ëmmer soen, da musse een oppassen, datt deen net herno seng Demande mécht a seet "Hei, elo stellt Dir mech awer gefällegst a mat dem universitären Diplom deen ech hunn". Dat ass déi éischt Iwwerleeung. Dofir fanne mir dat net gutt, datt dee Posten hei zur Kreatioun kënnt.

Zweetens, da musst Dir mir awer och erkläre wat am Service Gestion et maintien du patrimoine esou un neien Elementer derbäi kënnt, datt do muss dee Kader vun deene Leit, déi an dem Service schaffen, opgestockt ginn an net wéi mir et scho gesot haten einfach e richtegen Ingenieur technicien, deen op den Terrain geet, astellen, well déi Diskussiounen hei, déi hate mir an deem selwechte Service hate mir schonn dee Redaktersposte gestallt well een Här Ingenieur technicien fortgaangen ass. Do huet et geheescht, do bräichte mir een deen sech awer och mat de Gesetzer auskennt, deen dat och kann uerdentlech formuléieren.

Déi selwecht Diskussioun hate mir och wéi mir eng Création de poste an deem selwechte Service hate vun engem Employé communal fir an enger Carrière D.

An, wat mech och e bësse wonnert, "Projets d'envergure", also dat si PAPen, Stroossebau, Schoulen, also ech denken do ass awer éischter de Service Architecture et Domaines, déi vläit missten nach eng Opwäertung oder eng Hëllef kréien. Mir gesinn net an datt hei am Service Gestion et maintien de patrimoine elo nach muss e Kaderposte geschaf ginn.

En plus, sou wéi ech mat kritt hunn, ass d'Delegatioun, et war och kee Rapport do vun der Delegatioun, déi waren och net schrecklech begeeschtert dovunner an ech fannen et musse e vläit am Virfeld um Terrain mat de Leit och klären, well ech denken déi zwee Servicer, déi schaffe jo mateneen an da musse en awer och mol kucken; a wéi engem vun deenen zwee Servicer, sief et elo Service Architecture et Domaines oder de Service Gestion et maintien du patrimoine wou méi néideg ee gebraucht gëtt? A wéi gesot, déi Persoun déi hei viséiert ass fir op dee Posten ze kommen, ech well net a Fro stellen, dee Mann dee mëscht seng Aarbecht ganz gutt, mee wann ech als Dokter als Infirmiere mech an engem Spidol astelle loossen, da kréien ech d'Paie vun enger Infirmière, da kann ech net op eng Kéier soen, jo mee ech sinn awer Dokter, da schafe mir elo e Posten als Dokter. Sou geet et net. Sou geet et néierens an der Privatwirtschaft, déi Saache ginn nëmmen op der Gemeng an dat fanne mir net an der Rei. An och, wéi gesot, virun allem well déi aner Servicer net konsultéiert gi si virdrun an och net ganz frou sinn iwwert déi hei Situatioun. Merci.

Joseph Thill (Déi Lénk): Joseph Thill (Déi Lénk): Ech schléisse mech deem wat d'Madame Kayser gesot huet un. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Da geet den Henri Reding nach op e puer Punkten an an ech och nach.

Henri Reding (Chef vum Personalbüro): Merci Här Buergermeeschter. Vläit e puer Saachen ze soen zu, wat ass Noutwennegkeet a wat ass geännert. Éischtens mol Construction d'envergure, domat ass gemengt a Kollaboratioun mam Service Architecture et Domaines ze kucke fir déi Regie, al Regiebetriber wéi dat fréier genannt ginn ass, an och Service industriel, fir déi zesummen ze féieren. Dat ass scho säit Joeren diskutéiert ginn, dat ass näischt Neits. Wéi den Ingenieur de la Ville, deen hat viru Joeren den Optrag kritt fir ze kucke fir datt do méi Effizienz an déi Strukture kritt, fir dat méi zesummen ze féieren an dat si mir zënter enger Rei vu Joeren amgaangen ze maachen. Allerdéngs weist sech, datt mir doduercher fir méi efficace kënnen ze schaffen an Effizienz an déi ganz Saach méi ranz e kréien, datt mir do mussen d'Servicer reorganiséieren, datt mir musse Cellule-de-compétencë schafen, datt d'ganz Logistik iwwerkuckt gëtt.
Mir hunn drastesch zum Beispill d'Stocken erofgedréckt well dat Kapital ass wat schléift. Mir hu gekuckt, datt mir gemeinsam Stocke kréien an sou weider. Et sinn, an dat huet sech erwisen, datt mir nei Prozedure mussen élaboréieren, déi wichteg si bei den Neiastellungen.

Et ass awer och wichteg an eisem Sécherheetsservice déi Sécherheetsstandarden ëmzesetzen, komplett, mir sinn do och mat der SDM a Verbindung.

An dann natierlech dee ganz grousse Volet vun der For-



matioun, déi muss ëmmer weider goen, dat ass Lifelong Learning. Och d'Formation continue vun eise Salariéen ass immens wichteg à tous niveaux. An dann ass et natierlech, et war virdrun ugeklongen, wat mir als Effort maachen, an deen Effort dee leeft, wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet ganz vill och am Service GMP, also Gestion et Maintien du Patrimoine, wat d'Ausbildung vu jonke Leit ugeet. Mir si mat Virreider am Kader vun der Garantie Jeunesse. Dat heescht de Contrat Appui Emploi, wou ganz vill Leit do am GMP eng Plaz fonnt hunn, wou mir da permanent dann natierlech och viru logistesch Erausfuerderunge gestallt ginn, wou mir musse Mataarbechter forméiere fir datt si kënnen déi Aarbecht richteg maachen, wat scho virdru gesot ginn ass an dat bréngt natierlech mat sech, dat geet net vun eleng.

Dat kann een eng Kéier ganz kloer soen, datt mir hei als Stad Diddeleng méi wéi 40 Leit an enger Garantie Jeunesse, also an engem Projet Jeunesse hunn, deen iwwert Apprentissage an esou Kontrakte fiert, wou mir a Kollaboratioun mam Ministère du Travail a mat der ADEM schaffen a mat allen aneren Instituter, dat léisst sech weisen.

Mir maachen och bei ville Projete mat, wou mir mat derbäi sinn, dat dokumentéiere mir och an do wäert och, wann de Schäfferot dat decidéiert dann e noutwennege Rapport gemaacht gi fir déi ganz Saachen och eng Kéier duerzestellen. Mee wéi gesot, dat ass bedingt eng Straffung vun deem wat bis elo war an Dir wësst et ass eng Stad déi wiisst, duerfir hate mir jo och schonn informell Gemengeréit, déi bréngt et och mat sech datt mir eis mussen ëmstellen an adaptéieren, kucke wat mir maache mat deenen eenzele Beräicher. An deementspriechend och dann ze soen, an der Rei, dann ass et net méi déi selwecht Erausfuerderung wéi dat virun souvill Joere war wéi mir e Posten Ingenieur technicien mat deene Saache gebraucht hunn, mat deene Kompetenzen, mee dat mir awer elo Leit brauchen déi eng Kompetenzerweiderung hunn.

A wa mir da par chance innerhalb vun eise Reien, an dat ass jo och de Wonsch gewiescht, och vun enger Delegatioun, datt ee sollt fir d'éischt no banne recrutéieren an net direkt no baussen, datt ee sollte eng Chance ginn, datt mir ëmmer all Posten dee mir jo hunn, dann och wäerte publizéiere wann en da mol bis do ass. Et ass dann natierlech kloer, datt déi Leit déi déi Ausbildung an déi Kompetenzen hunn, sech och däerfe mellen. Insofern ass näischt am Géigendeel gesot gi vun deem wat soss mol do virgesi war fir ze maache wat de Recrutement ugeet. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech wëll bäifügen, dass am Service du Patrimoine gutt 50% vum Personal schafft wat elo d'Struktur ugeet, also och vun der Zuel vun de Leit, déi do schaffen, ass dat elo och net zimlech vill. Ech well awer och hei warnen datt mir net an eng Situatioun solle goen, wou een d'Gefill kritt, datt op eemol d'Servicer sollen ausgespillt gi well mir jo och hei an déi Richtung ginn, datt - mir hu jo hei d'Decisioun geholl als Gemengerot wat de Service Domaine et Architecture ugeet, do e Mataarbechter net anzestellen. Och do wäert de Service an deenen nächste Méint verstäerkt ginn. Wéi gesot, dat Gefill, datt een hei Servicer ee géint den aneren ausspillt, dat soll een net an dat well ech och net gären hei opkomme loossen. Voilà, dat nach zur Präzisioun.

Michèle Kayser Wengler (CSV): Här Buergermeeschter, ech wollt awer just soen, dann ass awer d'Motivatioun hei falsch, well hei steet sécher an der Motivatioun: "Vu la nécessité de procéder à la formation d'un adjoint ingénieur de la ville de Dudelange afin d'accompagner le collège des bourgmestre et échevins dans le cadre des projets de construction d'envergure", vun deene Saachen huet elo den Här Reding kee Wuert gesot. Hien huet komplett aner Aufgabeberäicher hei ëmrass, well wann ech dat hei liesen "dans le cadre de projets de construction d'envergure", dorop koum meng Iddi, majo dann ass dat jo ee fir de Service Architecture et Domaines. Mee nee et ass awer ee fir de Service Maintien et Gestion du Patrimoine, wat komplett zwee verschidde Servicer sinn. Da musst Dir är Motivatioun awer anescht stellen, well dat heiten, dat ass net kohärent.

Här Reding: Jo, dat huelen ech dann zur Kenntnis, dat ass richteg, dat huelen ech op meng Kap. Ech hunn drënner verstanen, an dat konnt Dir net novollzéien, dat ass richteg, well et net praktesch genuch ausgedréckt ass. Construction d'envergure war wierklech gemengt do wou do den aktuellen Ingenieur de la Ville mat dem Service Architecture et Domaines zesumme concertéiert fir déi Atelieren an all déi Betriber sou zesummen ze bauen, wéi mir se brauchen, dat war domadder gemengt, dat huelen ech da ganz gären zur Kenntnis. Dat änneren ech da fir d'nächst Kéier och.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): D'Gestioun vum Patrimoine, déi d'envergure sinn.

Kommt mir formuléieren dat ëm: "Dans le cadre des projets de gestion du patrimoine", dann ass dat méi kloer. Gutt. Da komme mir zum Vote wat dëse Posten ugeet, **wien ass mat dëser Kreatioun averstanen? D'Stëmme vun LSAP, déi Gréng, ADR. Wien ass net domat averstanen? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV an Déi Lénk.** Merci.

Domat si mir dann elo Huis Clos.

# LE NOUVEAU DUDELANGE

- AU CENTRE DE VOTRE VILLE -



**Depuis l'ouverture du nouveau centre de Dudelange, du shared space et de la place « Am Duerf », vous avez repris possession des lieux!**

A vous les sorties entre amis, les restaurants en amoureux, le shopping entre copines, les longues discussions à refaire le monde sur un banc...

**Ce nouveau Dudelange est au coeur de la ville, c'est votre Dudelange !**

---

**Seit der Eröffnung des neuen Stadtzentrums, des Shared Space und des Platzes „Am Duerf", gehört das Zentrum von Dudelange wieder Ihnen!**

Hier können Sie unter Freunden ausgehen, einen romantischen Abend im Restaurant verbringen, mit Ihren Freundinnen shoppen oder sich auf einer Bank entspannen...

**Dieses neue Dudelange ist Ihr Ort und befindet sich im Herzen Ihrer Stadt!**

www.ondiraitlesud.lu/enjoy

# ENJOY

DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

**DIDDELENG**
VILLE DE DUDELANGE

**www.dudelange.lu**
www.ondiraitlesud.lu